40 JOER ACEL

# GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

EDITIOUN 24/25



**Laura Oé**
Vizepresidentin
Informatioun



**Pit Feltes**
Comitésmember



**Alexandre Luong**
Comitésmember

**Léift (zukünftegt) Diploméiert, léiwen (zukünftegen) Diploméierten,**

wann s du däin Diplom bis an der Täsch hues, hues du eng grouss Etapp an dengem Liewen ofgeschloss, awer deen nächste Schratt léisst net laang op sech waarden: de Start an d'Beruffsliewen! Egal, ob nom Lycée, der Uni oder soss enger Héichschoul, am Ufank wäerten et vill Onkloerheete ginn, fir däsen neie Liewensofschnëtt unzefänken: „Wéi kann ech mäin Diplom vum Staat unerkenne loossen?", „Wéi kommen ech un eng eege Wunneng?", „Steieren ...? Wéi, wat, wou?"

D'ACEL probéiert, dir an däser neier Editioun vum Guide du Futur Diplômé esou vill wéi méiglech Froen ze beäntweren an dir domat däi Wee ze erliichteren.

Säit 1999 bréngt d'ACEL dëse Guide all Joer op en Neits eraus, fir dir déi wichtegst Informatiounen op eng einfach Aart a Weis mat op de Wee ze ginn. Zesumme mat Entreprisen a Ministère probéiert d'ACEL soumat hei, dir deng Froen ze beäntweren an dir däi Start an d'Aarbechtswelt ze vereinfachen.

Wann s du d'Äntwert op deng Fro an dësem Guide net fonnt hues, zéck net, dech bei eis ze mellen. Mir stinn dir weiderhin zu all Moment zur Verfügung!

Op dëser Plaz soe mir och all de Leit, den Entreprisen an den Institutiounen ee grousse Merci fir hir Collaboratioun. Dank hinnen ass et eis méiglech, sou een informative Guide op d'Been ze stellen.

Domat bleift eis näischt aneres méi ze soe wéi: vill Gléck an Erfolleg bei dengen zukünftege Projeten!

Op der sich no enger

# AARBECHT

oder engem

# STAGE?



# Job Portal

...




ACEL
de Studentevertrieder


© SIP / Claude Piscitelli

**Georges Mischo**

Minister fir Aarbecht a

Beschäftegung a fir Sport

**Léif zukünfteg Diploméiert,**

Als Aarbechtsminister ass et mir eng grouss Éier, Iech dëse Guide fir zukünfteg Diploméiert virzestellen. Dir hutt mat Ärem Diplom en entscheedende Schrëtt an Ärem Liewen erreecht, an elo stitt Dir virun der nächster spannender Etapp: den Untrëtt an d'Beruffsliewen.

Dëse Guide gouf speziell erstallt, fir Iech an dëser Iwwergangsphas ze ënnerstëtzen. Mir wëllen Iech déi néideg Informatiounen a Ressourcen ubidden, déi Dir braucht, fir Är beruflech Rees erfollegräich unzefänken. Ob Dir elo no der passender Aarbechtsplaz sicht, Iech op Interviewen virbereet oder Tipps zur Gestioun vun Ärer Karriär braucht – dës Brochure ass do, fir Iech ze guidéieren.

Et ass wichteg, datt Dir gutt informéiert an optimal virbereet sidd, fir d'Méiglechkeeten a d'Erausfuerderungen um Aarbechtsmaart unzegoen. D'Beruffswelt ass an engem stännege Wandel. D'Digitaliséierung, déi ökologesch Transitioun an d'Entwécklung vun neien Technologien hunn d'Aarbechtswelt verännert a féieren zu neie Beruffsbiller. Flexibel Aarbechtsmodeller, Remote Work a stänneg Weiderbildung sinn elo méi wichteg wéi jee.

Dëse Guide hëlleft Iech och, Iech un dës dynamesch Verännerungen unzepassen an déi néideg Kompetenzen ze entwéckelen, fir an dëser neier Beruffswelt Fouss ze faassen. Mir encouragéieren Iech, Iech kontinuéierlech ze forméieren an déi innovativ Méiglechkeeten ze notzen, déi sech bidden, fir Är beruflech a perséinlech Ziler ze erreechen.

Dëse Guide ass en Tool, dat Iech hëllefe soll, äre Wee an d'Beruffsliewe mat Succès un ze goen.

Ech wënschen Iech vill Erfolleg bei dëser spannender Erfarung an hoffen, datt Dir mat Ärem Talent an Ärem Engagement zu der wirtschaftlecher Stabilitéit an der sozialer Kohäsioun vu Lëtzebuerg bäidroe kënnt.

Mat beschte Wënsch fir Är Zukunft,

**Georges Mischo**
Minister fir Aarbecht a
Beschäftegung a fir Sport

**Éditeur**

Association des Cercles
d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: 20 60 84 84
E-mail: *contact@acel.lu*
Site Internet: *www.acel.lu*

**Tirage** 2.500 exemplaires

**Coordination** Laura Oé, Pit Feltes, Alexandre Luong

**Réalisation** Laura Matheis

**Photos page de garde** www.shutterstock.com

**Publicité** régie.lu s.a.

**Impression** Antilope De Bie nv

Mir soe jidderengem Merci, deen eis bei der Realisatioun vum „Guide du Futur Diplômé“ gehollef huet. Ouni lech wier dës Publikatioun net zustane komm.

Merci soe mir folgenden Institutiounen, fir d’Schreiwen an d’Iwwerpréiwe vun den Texter:

Der ACA, der ADEM, der ANEFORE, dem CCSS, der CdM, dem CGPO, der CNAP, der CNS, der CO, der CSL, der FGFC, dem FNR, dem HoE, dem IPIL, dem LHH, dem MESR, dem ML, dem SNJ, esou wéi all deenen aneren, déi eis gehollef hunn, dëse Guide op d’Been ze stellen.

E grousse Merci soe mir och all eise Sponsoren a besonnesch dem Groupe Mediahuis Luxembourg, genau esou ewéi eisem Haaptpartner, der Spuerkeess.

Ouni hir Ënnerstëtzung wier et net méiglech gewiescht, dëse Guide erauszebréngen.

MEDIAHUIS LUXEMBOURG

SPUERKEESS
Partenaire officiel

# INHALTSVERZEECHNES


ACEL – DE STUDENTEVERTRIEDER 8

GAP YEAR. WAT SI MENG MÉIGLECHKEETEN 11

**Service national de la Jeunesse (SNJ)** 12
- Fräiwëllegenndéngscht 12
- Maison Eisenborn 12
- Stages de découverte 12
- Atelieren 12

**ANEFORE** 12
- De Programm Erasmus+ 12
- De Programm Corps européen de solidarité 13
- EUROPASS – Kompetenzepass & Ensembel vun Online-Instrumenter fir Äre Parcours ze geréieren 13

ECH WËLL SCHAFFE GOEN 15

**Stagen zu Lëtzeburg** 16

**Unerkennung vun den Diplomer hei zu Lëtzebuerg** 16
- Aschreiwung vum Diplom am Registre des titres 16
- Homologatioun vun Droit's Diplomer 17

**Strofrëgester (casier judiciaire)** 17

**Eng Aarbecht sichen** 18
- Wou informéieren ech mech? 18
- ADEM (Agence pour le développement de l'emploi) 18

**Sech fir eng Plaz mellen** 19
- Wourauser besteet eng Kandidatur? 19

**Déi next Etappen – Virstellungsgespréich a Selektioun** 21
- Virstellungsgespréich 21

**Déi verschidden Aarbechtssecteuren zu Lëtzebuerg** 22
- Privatsecteur 22

**Fontion Publique** 24

**Associatioun vun de Universitairen op de Gemengen (AFUC)** 26
- Wéi mellen ech mech op eng Gemengeplaz? 26

**D'Handwierk - E wichtege secteur fir D'Lëtzebuerger Wirtschaft** 26
- D'Handwierk bitt reell Perspektiven a Karriärschancen 27
- D'Ausbildung 27
- De Meeschterbréif 27

AARBECHT FONNT. ELO KOMMEN D'PAPERASSEN 29

**Kontrakt** 30
- Wat muss am Kontrakt stoen? 30
- Kontraktformen 30

**Proufzäit** 31
- Wat versteet een ënner Proufzäit a wat ass d'Zil dovun? 31

**Aarbechtsdokter:esch (médecin du travail)** 32

MENG RECHTER ALS SALARIÉ:E. 34

**Mäi Salaire** 35
- Prinzip vun der Quellesteier 35
- Vum Bruttoloun op de Nettoloun 35
- Wat gëtt alles vu mengem Bruttoloun ofgerechent? 35
- Mindestloun 35

**Sozialkotisatiounen** 35
- » Sozialversécherung 35

**Caisse nationale de santé (CNS)** 36
- Wat ass d'CNS? 36
- Wat ass den Ënnerscheed tëschent dem CCSS an der CNS? 36
- Wourëm këmmert sech d'CNS? 36
- Wéi kréien ech meng Suen zeréck? 37

**CMCM (Caisse médico-complémentaire mutualiste)** 38

**Pensioun** 39

Wéi eng Assurancen ginn et? 39
**Steieren** 39
Wéi, wou, wat, firwat? 39
Steiererklärung an Décompte annuel 40
**Mäi Congé** 41
Jäerlechen Erhuelungscongé 41
Extra Congéen 41
**Krankheet** 41
Wéi, wou, wat, firwat? 41
**Formatioun** 42
Individuelle Formatiounscongé (Congé individuel de formation) 42
Congé sans solde pour formation 43
**Chômage** 43
Wéini kann ech mech bei der ADEM mellen? 43

ECH HUELE MÄI LIEWEN SELWER AN D'HAND. 45
**Assurancen** 46
De Secteur vun den Assurancen zu Lëtzebuerg 46
Haftflicht 46
Assurancen um Auto 46
**Ënnerstëtzung** 46
Chambre-professionnelle 46
Gewerkschaften 47
**Logement** 47
Eng Wunneng fannen 47
Eng Wunneng lounen 48
Eng Wunneng kafen 48
Wunnengsbäihëllefen 48
Adorabel Wunnengen an d'Gestion locative sociale 48
**Zréckbezuele vum Studenteprêt** 48
De Studenteprêt vum « Service Aides financières » bei der Spuerkeess 48
**Wéi kanns du eng Wunneng oder en Auto finanzéieren?** 49

ECH MAACHE MECH SELBSTÄNNEG. 50
**Meng eegen Entreprise grënnen** 51
**Chambre de Commerce – Begleedung am Parcours vun der Selbst-stännegekeet mam House of Entrepreneurship an der House of Startups** 51
Vun der Iddi bis zur Selbstännegkeet 51
Meng Iddi ass innovativ, d'HoST gëtt mäin Doheem? 51
Accès zu reglementéierte Beruffer: Autorisation d'établissement 51
Wéi eng Rechtsform (forme juridique) auswielen? 51
Entreprise am eegenen Numm 52
Handelsgesellschaften 52
Kapitalgesellschaften 52
Hybrid Gesellschaften 52
Administratiounen 52
**Luxinnovation** 53

RECHERCHE A GEESCHTEGEN EEGENTUM. 54
**Dei éischt Schrëtt a Richtung Chercheur** 55
Wie muss ech kontaktéieren? 55
Déi verschidde Méiglechkeeten, fir e Posten an der Recherche ze fannen 55
Finanziell Ënnerstëtzung während dem Doktorat? 55
Wat fir Precautioune muss ech huelen? 55
**Beruffer a Karriären am Beräich vum Geeschtegen Eegentum** 55
Viraussetzung, fir am Beräich vum geeschtegen Eegentum ze schaffen 56

IWWER **40 CERCLEN**
VERDEELT OP **8 LÄNNER**
**10 000 STUDENT:INNEN**

## WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité, deen aus Lëtzebuerger Student:innen besteet, déi als Zil hunn, d'Schüler:innen an d'Student:innen aus dem Land iwwert déi verschidde Studiëgäng ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen an se duerch ee permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministèren, ze representéieren.

D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet sech säitdeem als Missioun gesat, dass d'Student:innen besser gehéiert solle ginn. D'Association ass zanterhier net méi aus dem Lëtzebuerger Studentemilieu ewechzedenken. Haut vertrëtt d'ACEL ongeféier 40 Cerclen, déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cerclen empfänken d'Lëtzebuerger Student:inne wärend hirer Studienzäit an hirer Studiestad a ginn de Student:innen d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclen. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Geschichts-, d'Psychologies-, d'Archivistik/ Bibliothekär- an d'Ingenieursstudent:innen.

Dës grouss Unzuel u Cerclë mécht d'ACEL zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.



## WAT ASS DER ACEL HIR AUFGAB?

### MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun de ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Student:innen aus deene verschiddene Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschidden Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass „De Studentebal" deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddene Studentestied zesummen.

Ee weidert Event ass den „Tournoi de Noël", deen alljoers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Cerclen d'Méiglechkeet gëtt, wärend 2 Deeg, am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen unzetrieden.

Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi all Joer ronn 150 Lëtzebuerger Student:innen an enger europäescher Studentestad zesummebréngt, ass ee wichtegt Evenement, dat d'Student:innen vereent.






40 ACEL JOER

## MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler:innen an d'Student:innen iwwert hir Méiglechkeeten nom Lycée, wärend dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn.

Fir dëst Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL alljoers verschidde Publikatiounen eraus. Am „Guide du Futur Étudiant" fannen d'Schüler:innen all déi néideg Informatiounen iwwer déi verschidde Studiestied, wéi och iwwer déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. „De Studenteguide" riicht sech un d'Student:inne wärend hirer ganzer Studienzäit. Nieft deene wichtegsten Informatioune ronderëm d'Studenteliewen, wéi dem Finanzement vum Studium oder hëllefräich Tipps zur Wunnengssich, informéiert dës Broschür och iwwer Besonneschkeeten a verschiddene Länner. De „Guide du Futur Diplômé" gëtt de Student:innen eng ganz Rei vun Informatioune mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Beruffswelt erliichtere soll. Niewent dësen dräi Publikatioune geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land, fir d'Schüler:in iwwert d'Studien ze informéieren.

Fir de Schüler:inne bei hirer Entscheedung iwwer zukünfteg Studien ze hëllefen, organiséiert d'ACEL alljoers de „Student fir 1 Dag". Hei hunn d'Schüler:innen d'Méiglechkeet, mat engem Bus oder mam Fliger an hir zukünfteg Studentestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuerger Student:innen d'Stad, d'Uni an aner Raimlechkeete weisen ze loossen.

D'Schüler:inne kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuerger Student:innen a kënne sech all hir Froen iwwert d'Studenteliewe beäntwere loossen.

D'ACEL an hir Membercerclë sinn och alljoers op der „Foire de l'Étudiant" vertrueden, déi am Oktober stattfënnt, fir den zukünftege Student:innen esou vill wéi méiglech nëtzlech Informatioune mat op de Wee ze ginn an hinnen all hir Froen, wat d'Studéieren ugeet, ze beäntwerten.



## MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regruppement an der Informatioun, vertrëtt d'ACEL d'Student:inne virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och de Student:innen am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht, datt si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertrëtt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Student:innen ze representéieren, wëll gerecht ginn.

Een Thema wat d'ACEL schonn ëmmer begleet a beschäftegt ass d'Bourse. Hei ass een am reegelméissegen Austausch fir d'Bourse un déi aktuell Erausfuerderunge vun de Student:innen unzepassen.

Ee weidere bedeitende Sujet ass d'Stagegesetz. 2020 ass dëst a senger éischter Form gestëmmt ginn, wat et erméiglecht huet de Stagë vu Schüler:innen oder Student:innen zu Lëtzebuerg ee legale Kader ze ginn. 2023 gouf d'Stagegesetz eng éischte Kéier ugepasst.

D'ACEL beschäftegt sech awer och mat weidere fir d'Student:inne relevant Themen, sief et den Transport an de Logement zu Lëtzebuerg oder déi aktuell Debat iwwer eng eventuelle Reforme vum Pensiounssystem fir der nëmmen ee puer ze nennen.



ACEL - DE STUDENTEVERTRIEDER

**KONTAKT**

www.acel.lu // contact@acel.lu // ACEL-De Studentevertrieder
ACEL-De Studentevertrieder // @acelluxembourg

CMCM
ÄR GESONDHEETSMUTUELLE
ZANTER 1956




D'CMCM, ass als Gesondheetsmutuelle do wann et heescht Doktesch-, Zänndoktesch- a Klinikskäschten ze decken, heiheem a wann Dir bei e Spezialist an d'Ausland iwwerwise gitt. Zousätzlech profitéiert Dir 24St/24 a 7 Deeg op 7 vun onsem Service Assistance wann Iech eppes an der Vakanz am Ausland geschitt.
De medikaliséierten Transport an de Rapatriement sinn inclus, an dat ouni Limitten. Dobäi kënnt, datt eng Assurance Annulation Voyage och mat dran ass.

Loscht Member bei der CMCM ze ginn? Méi Detailer op **www.cmcm.lu**

**Scan me!**

**MIR SINN DO. FIR JIDDEREEN.**

cmcm_luxembourg @cmcm_lu CMCM Luxembourg cmcm_lu CMCM-App

* Fir all Jonken ënner 30, deen als Co-affilié iwwert seng Eltere Member bei der CMCM war, an deen elo selwer Member gëtt, schenkt d'CMCM d'Cotisatioun wärend dem lafenden an dem drop folgenden Joer.

# 01 GAP YEAR

## WAAT SI MENG MÉIGLECHKEETEN



## SERVICE NATIONAL DE LA JEUNESSE (SNJ)

**Aktualiséierung 2024**

Hey! Du hues tëschent 15 an 30 Joer a weess am Moment net wierklech wéi s du dir deng beruflech an/oder schoulesch Zukunft virstells oder bass onsécher ob däin aktuelle Wee dee richtege fir dech ass? Mir si fir dech do! An de lokalen Antenne vum Service national de la Jeunesse (SNJ) kriss du eng individuell Berodung a Begleedung a gëss ënnerstëtzt beim Ausschaffe vun dengem perséinleche Liewensprojet.

### » Fräiwellegendéngscht

Du géings gären e Gap Year maachen? Mat engem Fräiwëllegendéngscht kanns du dech fir e konkrete Projet vun allgemengem Interessi engagéieren. Et ass eng Méiglechkeet, duerch praktesch Erfarungen ze léieren an dech ze orientéieren, bei där s du dech fir e bestëmmten Zäitraum Vollzäit engagéiers. D'Aktivitéite kënnen zu Lëtzebuerg, am europäeschen Ausland oder esouguer iwwer Europa eraus stattfannen.

Du mengs, dass e Fräiwëllegendéngscht dat Richtegt fir dech kéint sinn? Den SNJ organiséiert reegelméisseg digital souwéi och physesch Info-Sessiounen a verschiddene Regioune vum Land. Hei kriss du de Fräiwëllegendéngscht presentéiert an op deng Froen geäntwert. Maach mat a fann eraus, wéi e Service volontaire am beschten bei dech passt.

### » Maison Eisenborn

Wann s du op d'Studiebäihëllefe vum Staat zeréckgräife wëlls, brauchs du eng Adress zu Lëtzebuerg. Wann s du awer keng Adress hei am Land hues, well s du zum Beispill aus dem Foyer kënns oder net méi d'Méiglechkeet hues, bei dengen Elteren ze wunnen, da kanns du dech an der Maison Eisenborn vum SNJ umellen. Esou behäls du eng Adress zu Lëtzebuerg, wat dir erméiglecht, d'Bourse beim Service Aide finacières unzefroen. Hei hues du och d'Méiglechkeet, wärend de Weekender oder an de Vakanzen ee vu 17 Zëmmer ze lounen an do ze wunnen. Zu deenen Zëmmeren zielen eng Gemeinschaftskichen, en Openthaltsraum an e gemeinsaamt Buedzëmmer. De Loyer ass relativ gënschteg an erlaabt dir, deng Wunneng am Ausland weiderzebezuelen. Du kanns awer och just e Raum kréien, fir deng perséinlech Saachen ënnerzestellen.

### » Stages de découverte

Du bass op der Sich no engem flotte Beräich an deem s du spéider schaffe wëlls? Du brauchs méi Informatiounen zu engem bestëmmte Beruff a bass interesséiert e konkreten Abléck an de Beruffsalldag bei enger Firma oder Organisatioun ze kréien? Mat Hëllef vun den Agenten aus de lokalen Antennen kanns du ganz geziilt a verschidde Beruffer era luussen. Dës Erfarung kann dech bei denger Entscheedung fir d'Zukunft ënnerstëtzen.

### » Atelieren

An den Atelieren vum SNJ kanns du entdecken, wat Upcycling ass a verschidden Technike fir mat diversen Materialien ze schaffe kenne léieren. Du kanns deng kreativ Säit entdecken an erliefs flott Momenter an engem fréndleche Kader.

Dobäi gëss du vun enger sozio-edukativer Equipe an vun Experten am Handwierk begleet. Zesummen, bereeden si dech ideal drop vir, déi nächst Etapp an dengem Liewen ze plangen an se dann och ëmzesetzen. Eis Atelieren erlaben dir et, an enger éischter Etapp aktiv ze sinn an all Dag dank fräiwëlleger Aarbecht eng Motivatioun ze fannen. An enger zweeter Etapp gëtt dir gehollef, erëm Vertrauen an dech selwer ze kréien an e perséinlecht Zil ze definéieren. Och besteet d' Méiglechkeet, dech an engem Atelier ze engagéieren an e Fräiwellegendëngscht oder Stage ze maachen fir déi Jonk an hirem Alldag ze begleeden.

### Kontakt

Du bass un eisen Offeren intresséiert? Méi Informatioune kriss du bei eisen Agenten, déi uechtert d'ganzt Land an eise lokalen Antenne verdeelt sinn oder op *www.hey.snj.lu*.

## ANEFORE

**Aktualiséierung 2024**

Europäesch Programmer an de Beräicher vun der Edukatioun an der Jugend bidde rezent Diploméierte vill verschidde Méiglechkeeten:

### » Den Erasmus+ Programm

### Är Méiglechkeeten als rezent Diploméierter

Diploméierter, déi rezent hir Beruffsausbildung oder Héichschoul ofgeschloss hunn an op der Sich no engem Stage an enger Firma am Ausland sinn, kënnen iwwert den Erasmus+ Programm eng Bourse ufroen. Dës Stagen erlaben et rezenten Diploméierte vun enger éischter Beruffserfarung am Ausland ze profitéieren.

### De Stage:

- muss an enger Firma stattfanne, wou d'Land een anert ass wéi dat wou den Diploméierte wunnt, gewunnt huet oder studéiert huet. Entweder an Europa oder doriwwer eraus
- muss an deenen 12 Méint nom Secondairesofschloss, respektiv Héichschoulofschloss stattfannen
- ka fir Diploméierter déi rezent hir Beruffsausbildung ofgeschloss hunn 10 Deeg bis 1 Joer daueren. Fir Héichschouldiploméiert ass Dauer vum Stage tëscht 2 an 12 Méint. De Stage kann sech och un engem hybriden Modell orientéieren a mat enger virtueller Aktivitéitsperiod kombinéiert ginn.

### Wéi kann ee matmaachen?

Wann Dir als rezenten Diploméierten un engem Erasmus+ Stage intresséiert sidd, kontaktéiert Äre Lycée oder Är Héichschoul. D'Institutiounen déi um Programm deelhuelen, bidden eng Erasmus+ Bourse un, déi zu Äre Rees- an Openthaltskäschten bäidréit. Zu dësen Institutiounen ziele verschidde Lycéeën, Héichschoulen an d'Uni Lëtzebuerg.

## » DE PROGRAMM CORPS EUROPÉEN DE SOLIDARITÉ

### Är Méiglechkeeten: e Volontariat an Europa an doriwwer eraus

Sidd Dir net prett fir eng Aarbecht oder Studien unzefänken, oder wëllt Dir e „Gap year" maachen a Beruffserfarung sammelen? Den Europäesche Solidaritéitskorps (ESC) Programm fërdert Engagement a Solidaritéit andeems e gratis a héichqualitativ Fräiwëllegendéngschter am Ausland ubitt.

### Volontariat:

- kann individuell oder am Grupp gemaach ginn
- gëtt an Organisatioune vum Solidaritéitssecteur gemaach, entweder an Europa oder doriwwer eraus
- dauert vun 2 Woche bis 2 Méint (Gruppevolontariat) oder vun 2 bis 12 Méint fir individuell Volontariat.

### Wéi kann ee matmaachen?

Wann Dir wëllt en ESC Fräiwëllegen Déngscht maachen, musst Dir tëscht 18 an 30 Joer al sinn a Member vum ESC sinn. Dir kënnt lech op folgendem Site an den ESC aschreiwen *www.youth.europa.eu/solidarity_fr* . Wann Dir lech ugemellt hutt, kritt Dir Zougang zu enger Datebank, wou Dir no Offere kënnt sichen oder vun interesséierten Organisatioune kontaktéiert kënnt ginn.

Op d'mannst zwou Organisatioune sinn an Ärem Fräiwëllegendéngscht involvéiert: eng Entsendeorganisatioun zu Lëtzebuerg an eng „organisation d'accueil" am Destinatiounsland. Zu Lëtzebuerg verschécken d'Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ) an de Service national de la jeunesse (SNJ) Fräiwëlleger. Wärend Ärem Fräiwëllegendéngscht sidd Dir verséchert a kritt Täschegeld. De Loyer an d'Iesskäschte ginn iwwerholl an de Programm leescht e Bäitrag zu de Reeskäschten.

## » EUROPASS – Kompetenzeportfolio & Instrument fir d'Gestioun vun Ärer Karriär

### Är Méiglechkeeten: valoriséiert Äre schouleschen a beruffleche Parcours

Europass ass en Ensembel vun Online-Instrumenter an -Dokumenter, déi lech hëllefen, Äre liewenslaange schouleschen a beruffleche Parcours ze geréieren. Op der Europass-Plattform kënnt Dir Äre Kompetenzeportfolio uleeën, deen a 34 europäesche Länner unerkannt ass, an Informatiounen iwwer Aarbechtsplazen a Formatiounen a ganz Europa fannen.

Leet lech Ären europäesche Kompetenzepass online un op www.europass.eu, an hutt direkt Accès op Äre perséinlechen Espace an déi sëllege Funktionalitéite fir:

- Är Kompetenzen a Qualifikatiounen sou wéi Erfarungen ze beschreiwen an ze deelen
- Ären Europass-CV automatesch aus Ärem Profil ze erstellen
- Iwwert Är Ziler an Interessen ze reflektéieren
- Bildungsméiglechkeeten a Job-Offeren, déi Ärem Profil entspriechen, ze consultéieren
- Är Sprooch an digital Kompetenze selwer ze bewäerten
- Är Kandidaturen ze geréieren.

Nieft dem Instrument fir Är Karriär ze geréieren, ginn déi standardiséiert Europass-Dokumenter lech d'Méiglechkeet Är Stäerkten op eng vergläichbar Manéier ze weisen:

- Europass Mobilitéits Zertifikat fir Kompetenzen, déi wärend enger Studie- oder Stagemobilitéit erfaasst goufen, ze beschreiwen
- De Zertifikat-Supplement beschreift d'Kompetenzen, déi den Titulaire vu Zertifikater sech am Kader vun der theoretescher a praktescher Beruffsausbildung ugëeegent huet
- Den Diplom-Supplement beschreift d'Kompetenzen, déi den Titulaire vun engem Héichschouldiplom sech ugëeegent huet.

**Bei Froe kontaktéiert Anefore, den nationalen Europasszenter zu Lëtzebuerg. Weider Informatioune fann Dir op**: *www.europass.lu*

### Kontakt

**Anefore ASBL**
eduPôle Walferdange
Bâtiment 03 – étage 01
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange
TEL: 2478 5284 – FAX: 2478 5293
E-MAIL: *info@anefore.lu*
*www.anefore.lu*




**Tu es jeune, motivé·e et tu recherches un stage ou un premier emploi ?**

Nous te proposons de travailler dans une entreprise **innovante**, **dynamique**, bien **implantée sur le marché** et fortement **orientée client**.

Bénéficie d'un **climat coopératif**, d'un **salaire attrayant**, et profite d'un programme de **formation continue** ainsi que d'autres avantages liés au bien-être au travail.

Rends-toi sur **baloise.lu/jobs**

baloise




# 02 ECH WËLL SCHAFFE GOEN

## STAGEN ZU LËTZEBURG

Aktualiséierung 2023

### Stagen zu Lëtzebuerg

Den 21. Mee 2020 gouf d'Stagëgesetz gestëmmt. Doduerch, datt d'Chamber dëst Gesetz ugeholl huet, huet se de Stagen zu Lëtzebuerg endlech eng legal Basis ginn. Dëst Gesetz reegelt ënnert wat fir enge Konditioune Stagen zu Lëtzebuerg kënne gemaach ginn.

Ënnerscheet gëtt dobäi tëschent zwou Kategorien, nämlech de konventionéierte Stagen (Stages conventionnés), déi een am Kader vu senger Formatioun muss maachen, an de praktesche Stagen (Stages pratiques), déi ee fräiwëlleg mécht.

### Stagëkonventioun:

Eng weider Neierung ass d'Aféiere vun enger Stagëkonventioun (Convention de stage). Dëst Dokument ass obligatoresch fir Stagen, déi zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Bei de Stagen, déi am Kader vun enger Formatioun gemaach ginn (Stages conventionnés), muss dëst Dokument vum Stagiaire sengem Patron a vun der Uni/Héichschoul ënnerschriwwe ginn. Fir praktesch Stagë muss natierlech just dem Patron an dem Stagiaire hir Ënnerschrëft op dësem Dokument stoen. Déi genau Informatiounen, déi an dëser Konventioun mussen drastoen, an eng Beispillkonventioun (erstallt vun der CSL) fënns du op *www.acel.lu/stagegesetz.*

### Bezuelung:

D'Stagëgesetz bréngt och mat sech, datt d'Stagiairen ab elo musse wärend hirem Stage bezuelt ginn. Wei héich dëse Montant ass, hänkt vun der Aart vum Stage (konventionéiert oder praktesch), vun der Dauer a vum Stagiaire senger Qualifikatioun of. Als Orientéierung ass dëst an der Tabell zesummegefaasst.

| Wochen | 0-4 | 4-12 | 13-26* |
|---|---|---|---|
| Stage pratique | Fakultativ | 40 % vum S.S.M | 75 % vum S.S.M |

D'Indemnisatioun bezitt sech op de Mindestloun (S.S.M), deen zum Zäitpunkt, wou de Stage gemaach gëtt, festgeluecht ass. Dës Virgab ass e Mindeststandard. Et kann een also och méi eng héich Indemnisatioun kréien. Wann een nom erfollegräichen Ofschloss vun engem éischten Zyklus (Bachelor) vun enger Héichschoul e praktesche Stage mécht, gëtt als Referenz de qualifizéierte Mindestloun geholl.

* Bei de prakteschen Stagen dierf een e Stage vun maximal sechs Méint beim selwechte Patron maachen. (Hei ginn all d'Stagen innerhalb vun engem Joer beim selwechte Patron zesummegezielt.)

* Konventionéiert Stagë ginn ënner enger Dauer vun véier Wochen net bezuelt. Wann de Stage méi wéi véier Wochen dauert, kritt een 30 % vum onqualifizéierte Mindestloun.

### Stagen tëscht dem 1. an 2. Zyklus:

Zwee wichteg Punkte gëllt et dann och nach ze ernimmen. Stagen tëscht dem Bachelor (Zyklus 1) a Master (Zyklus 2) si weiderhi méiglech. Allerdéngs ass et esou, datt heifir just ee Joer virgesinn ass. Ab dem Zäitpunkt vum Bachelordiplom huet een also ee Joer laang d'Méiglechkeet Stagen ze maachen. Allerdéngs däerf een net méi, wéi sechs Méint Stage am Ganze maachen. Dëst gëllt och, wann een e Stage nom Ofschloss am Lycée wëll maachen éier een op der Universitéit/Héichschoul ufänkt.

Wann ee säi Masterdiplom bis an der Täsch huet, däerf een zu Lëtzebuerg kee Stage méi maachen, ausser, wann een an engem Bachelor- oder Masterstudium ageschriwwen ass a wärend senge Studien e Stage maache muss.

### Weider Informatiounen

Dobäi handelt et sech ëm obligatoresch Stagen am Kader vun der Formation professionnelle, Orientéierungsstagen, déi een am Lycée maache muss (Schnupperstagen). Mam neien Héichschoulgesetz ginn elo och Stagen, déi am Kader vun der Formatioun vun engem reglementéierte Beruff, indemniséiert.

Méi genau Informatiounen zum Stagëgesetz fënns du op *www.acel.lu/stagegesetz.*

## UNERKENNUNG VUN DEN DIPLOMER HEI ZU LËTZEBUERG

Aktualiséierung 2024

### » Aschreiwung vum Diplom an de Registre des titres

#### Wie muss säin Diplom aschreiwe loossen?

D'Aschreiwung an de Registre des titres ass néideg fir d'akademesch Unerkennung vun auslänneschen Héichschouldiplomer. Duerch dës Aschreiwung kritt een d'Recht, säin akademeschen Titel ëffentlech zu Lëtzebuerg ze droen.

Konkret gëtt dës Aschreiwung fir déi iewescht Karriären am ëffentleche Secteur gefrot. Och e privaten Employeur kann esou eng Inscriptioun verlaangen. Well all administrativ Prozedur mat enger Beaarbechtungszäit verbonnen ass, ass et vu Virdeel, den Diplom schonn direkt, wann een ufänkt, eng Aarbecht ze sichen, unerkennen ze loossen, fir datt een all d'Dokumenter zesummenhuet a kuerzfristeg a mat engem kompletten Dossier op eng Annonce ka reagéieren.

Eng Ausnam existéiert fir Diplomer vun unerkannten Héichschoulen aus de follgende Länner: Lëtzebuerg, Belsch, Holland, Estland, Lettland a Litauen. Dës sinn automatesch unerkannt a mussen net an de Registre des titres ageschriwwe ginn. Betraff sinn deemno:

- **Lëtzebuerg:**

  Allegierten d'Ofschlëss, déi op dëser Lëscht stinn: *https://gd.lu/51x6T*

- **Belsch an Holland:**

  D'Ofschlëss vun enger sougenannter Formation initiale, also engem Bologna-Cycle (Cycle court, Bachelor, Master, Doktorat). Een Tableau mat de betraffenen Diplomer fënns du hei: https://gd.lu/5LwJ5J

  Och automatesch unerkannt sinn eeler Ofschlëss, fir déi eng formal Korrespondenz besteet zu engem haitegen Titel/Grad, dee betraff ass: https://gd.lu/7lsfM

- **Estland, Lettland a Litauen:**

  D'Ofschlëss vun enger sougenannter Formation initiale, also engem Bologna-Cycle (Cycle court, Bachelor, Master, Doktorat). Een Tableau mat de betraffenen Diplomer fënns du hei: *https://gd.lu/5LwJ5J*

De Prinzip funktionéiert follgendermoossen: Wann den Titel/Grad vun enger unerkannter Héichschoul ausgestallt gouf an och explizit vun an de Grondlagen-Texter vun der automatescher Unerkennung erwäänt ass, dann ass dësen zu Lëtzebuerg automatesch um selwechten Niveau unerkannt wéi am Land, an deem den Diplom ausgestallt gouf. D'Qualifika-

tiounskadere vun de Benelux- an de baltesche Staate sinn nämlech uneneen ugepasst ginn. Domat ass z. B. e Bachelier an der Fédération Wallonie-Bruxelles um Niveau 6 vum frankophone Qualifikatiounskader agestuuft an deemno zu Lëtzebuerg automatesch um Niveau 6 vum lëtzebuergesche Qualifikatiounskader unerkannt.

### Wat kascht d'Aschreiwe vu mengem Diplom?

Wann däin Diplom automatesch unerkannt ass (méi Informatiounen heizou uewendriwwer), da bass du vun der Aschreiwungsprozedur dispenséiert a muss näischt bezuelen.

D'Aschreiwe vun all anerem Héichschouldiplom kascht 75€. Wann s du den Dossier online areechs, kanns du direkt op www.guichet.lu bezuelen. Wann s du d'Demande per Post aschécks, muss du d'Taxe am Viraus per Iwwerweisung bezuelen an den Avis de débit bei den Dossier leeën.

Och wann däin Diplom refuséiert gëtt an dowéinst net ageschriwwe gëtt, muss du dës Taxe bezuelen.

### Wou fannen ech de Formulaire?

Op www.guichet.lu ass de Formulaire direkt an d'Demarche integréiert, du brauchs also just schrëttweis déi néideg Informatiounen unzeginn, déi s de um Site gefrot gëss. D'Prozedur fënns de ënner der Rubrik „Études supérieures ou postsecondaires" oder ënnert folgendem Link: *https://gd.lu/83LN41*

De Formulaire fir eng Demande iwwer de Postwee anzeschécken fënns du um Site vum Ministère fir Fuerschung an Héichschoul (MESR) ënner der Rubrik „Démarches" – „Reconaissance académique" – „Tout autre diplôme étranger" oder ënnert folgendem Link: *https://gd.lu/2Q89nB*

**Kontakt**

E-Mail: *registre@mesr.etat.lu*

**En français:**

*www.mesr.gouvernement.lu/fr/demarches/reconnaissance-academique.html*

*https://guichet.public.lu/fr/citoyens/famille-education/etudes-superieures/reconnaissance-diplomes/inscription-registre-titres.html*

## » Homologatioun vun Droit's Diplomer

### Wie muss säin Diplom homologéiere loossen?

D'Homologatioun ass eng Unerkennungsprozedur spezifesch fir Diplomer am Beräich vum Droit. Se ass obligatoresch fir d'Cours complémentaires en droit luxembourgeois (CCDL) kënnen ze beleeën. Den Ofschloss vun de CCDLe gëtt ënner anerem fir de Beruff vum Affekot oder Riichter gefrot.

### Wéi funktionéiert dat Ganzt?

D'Demandë fir d'Homologatioun vun den Diplomer gi vun der Homologatiounskommissioun analyséiert, déi e consultativen Avis doriwwer ofgëtt, ob d'Diplomer mat de Lëtzebuerger Gesetzer a Reglementer iwwertenee stëmmen. De Ministère fir Fuerschung an Héichschoul decidéiert dann, op Basis vum Avis vun der Kommissioun, ob d'Diplomer homologéiert ginn.

### Wat kascht d'Homologatioun vu mengem Diplom?

D'Taxe fir d'Homologatioun vun engem Diplom kascht 125€ a muss virun der Demande per Iwwerweisung bezuelt ginn. Och wann d'Homologatioun vun dengem Diplom refuséiert gëtt, muss du dës Taxe bezuelen.

### Wou fannen ech weider Informatiounen?

Weider Informatioune fënns du um Site vum Ministère fir Fuerschung an Héichschoul: *www.mesr.gouvernement.lu/fr/demarches/reconnaissance-professionnelle/homologation-de-diplomes-de-droit.html*

**Kontakt**

Madame Josiane Laures

Ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur

Tel.: 24 78 51 35

E-Mail: *josiane.laures@mesr.etat.lu*

## STROFRËGESTER (CASIER JUDICIAIRE)

**Aktualiséierung 2023**

Verschidden Entreprisë froe bei der Kandidatur en Extrait aus dem Strofregëster vum Kandidat. Déi meescht erwaarde sech en eidele Casier vun hiren zukünftege Mataarbechter.

Däi Casier kanns du ganz einfach iwwert MyGuichet.lu oder an der App ufroen. Du kriss en no denger Ufro an Zäit vun e puer Deeg per Post heem geschéckt oder kanns en online agesinn.

Et besteet awer och d'Méiglechkeet, de Casier bei de Service du casier judiciaire an d'Stad op d'Geriicht sichen ze goen. Heifir muss du däi Pass oder deng Carte d'identité mathuelen.

De Casier kriss du gratis ausgestallt.

Méi Informatiounen zum Casier fënns du um Site www.guichet.lu, ënnert der Rubrik „Citoyenneté" – „Certificats, copies d'actes et extraits de casier judiciaire" – „Extrait de casier judiciaire" – „Demander un extrait de casier judiciaire" oder ënnert folgendem Link:

**En français:**

https://guichet.public.lu/fr/citoyens/justice/certificats-copies-actes-casier-judicaire/extrait-casier-judicaire/casier-judiciaire-pers-physique.html

**Auf Deutsch:**

https://guichet.public.lu/de/citoyens/justice/certificats-copies-actes-casier-judicaire/extrait-casier-judicaire/casier-judiciaire-pers-physique.html

## ENG AARBECHT SICHEN

**Aktualiséierung 2024**

Nom Studium stellt ee sech oft eng ganz Rei Froen, fir déi richteg Aarbechtsplaz ze fannen – oder mol op der richteger Plaz ze sichen: An elo? Wou fänken ech u mat sichen? Wéi war dat nach méi mat dem CV? A wat ass e Motivatiounsbréif (lettre de motivation)? Wëll ech léiwer an den ëffentleche Secteur oder awer an de private Secteur?

Den éischten Job zefannen ass e wichtege Schrëtt, deen oft d'Weiche fir déi professionell Zukunft vu jonke Leit setzt. Éier een ufänkt mat sichen, muss een sech awer fir d'éischt fir ee Beräich entscheeden.

Wann s du nach net richteg decidéiert bass, wat s du maache wëlls oder wou däi Wee hiféiere soll, da rode mir dir, dech op d'Sich no enger Aarbechtsplaz an no engem:enger Patron:ne ze maachen, deen dir d'Méiglechkeet gëtt, verschidde Facettë vum Beruff duerch intern Formatiounen, déi an der Firma selwer duerchgeféiert ginn, ze entdecken. Lifelong Learning ass e Konzept, dat hautdesdaags ëmmer méi wichteg gëtt, an dir d'Méiglechkeet gëtt, d'Richtung vun denger Karriär wärend denger professioneller Lafbunn ze wiesselen.

### » Wou informéieren ech mech?

Hautdesdaags veröffentleche vill Entreprisen hir Jobofferen net nëmmen an den Zeitungen, mee virun allem um Internet. Oft hu Firmae souguer eng Internetplattform, iwwert déi ee seng Kandidatur eraschécke kann.

Et kann ee sech awer och op Jobfoiren a Porte-ouverten informéieren oder iwwert sozial Netzwierker wéi LinkedIn eng flott Offer fannen.

#### Internet

Um Internet ginn et eng ganz Rëtsch Sitten, op deenen een no enger Aarbechtsplaz siche kann. Hei eng Opzielung vu verschiddene Sitten, op deenen ee sécherlech déi eng oder aner interessant Offer fënnt:

*www.acel.lu/jobs*
*www.springprofessional.lu*
*www.monster.lu*
*www.jobs.lu*
*www.beruffer.anelo.lu/de/*
*www.jobfinder.lu*
*www.efinancialcareers.lu*
*www.eu.experteer.com*
*www.moovijob.com*
*www.jobserve.com*
*www.jobs.paperjam-delano.lu*
*www.jugendinfo.lu/emploi/*
*www.itnation.lu/jobs/*
*www.ictjob.lu*

#### Secteuren

- Association des Banques et Banquiers, Luxembourg *www.abbl.lu*
- Commission de Surveillance du Secteur Financier *www.cssf.lu*
- Association des Compagnies d'Assurances et de Réassurances *www.aca.lu*
- Fedil Business Federation Luxembourg *www.fedil.lu*
- Association of the Luxembourg Fund Industry www.alfi.lu
- Chambre des Notaires *www.notariat.lu*
- Ordre des Avocats *www.barreau.lu www.mj.public.lu*
- Ordre des Experts-Comptables *www.oec.lu*
- Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils *www.oai.lu*
- Institut des réviseurs d'entreprises *www.ire.lu*
- Association d'Ingénieurs *www.aliai.lu*
- Inspection du Travail et des Mines *www.itm.lu*

#### Career Days

Verschidde grouss Firmaen organiséiere reegelméisseg sougenannt „Career Days" oder „Journée de recrutement". Dës Deeg si virun allem fir Student:innen geduecht, déi deemnächst hire Studium ofschléissen an op der Sich no enger éischter Aarbecht sinn. Op esou Deeg hues du d'Geleeënheet, d'Entreprisë besser kennenzeléieren a gläichzäiteg un der Astellungsprozedur deelzehuelen. D'Firmae benotzen dës Méiglechkeet awer och, fir d'Kandidat:innen kennenzeléieren an ze kucken, ob si bei d'Entreprise passen. Dofir mussen d'Participanten hei oft eng Rei Tester maachen, déi hir Kompetenzen a verschidde Beräicher iwwerpréiwen.

Tipp: Informéier dech scho virdrun, wat op deem Dag alles geschitt a gefrot gëtt. Esou kanns du dech besser op eventuell Tester preparéieren an du weess, wat dech erwaart.

#### Sozial Medien

Vill Firmae rekrutéieren hautdesdaags iwwert LinkedIn oder kucke sech virum Virstellungsgespréich d'Profiller vun de Kandidaten op de verschiddene soziale Medien un. Hei sinn e puer Tipps, wéi s du däi LinkedIn-Profil méi intressant gestalte kanns:




### » ADEM (Agence pour le développement de l'emploi)

Et ass net ëmmer einfach, nom Studium direkt eng Aarbechtsplaz ze fannen. Hei kann dir d'ADEM duerch verschidden Outilen hëllefen. Si ass en direkt Mëttel, dat all Mënsch zu deem Zweck zur Verfügung steet. Et ass dofir oft gutt, d'ADEM scho vum Ufank vun der Aarbechtssich un ze kontaktéieren, an net eréischt, wann ee wierklech näischt fënnt.

All d'Informatiounen zur ADEM an hire Servicer fënns du ënnert www.adem.lu.

#### Wat soll ech als Diploméierte maachen?

Soubal ee mam Studium fäerdeg ass, kann ee sech bei der ADEM umellen an a reegelméissegem Kontakt mat engem:r conseiller:ère référent:e stoen. Dëst déngt virun allem dozou, keng Zäit bei der Aarbechtssich ze verléieren.

Mell dech iwwer de Contact Center vun der ADEM ënner der Nummer 247-88888 oder via MyGuichet.lu. All Info fënns du op *www.adem.lu* ënner der Rubrik „Demandeurs d'emploi/Comment s'inscire".

Wichteg! Och wann ee sech bei der ADEM ugemellt huet, soll a muss ee selwer weider no engem Job sichen.

### Wat mécht de Service Demandeurs d'emploi?

De Service Demandeurs d'emploi mécht de Lien tëschent de Leit, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn - dat heescht dir - a potentiellen Employeuren. De:D' Beroder:in hëlleft dir bei der Sich an informéiert dech iwwert deng Rechter. En encadréiert d'Leit, déi eng Aarbecht sichen, och andeems en hinnen hëlleft, hire professionelle Projet ze definéieren a proposéiert de Kandidate Formatiounen oder Mesuren, déi hir Chancen, sech um Aarbechtsmarché z'integréieren, erhéijen.

### Wat ass de Service d'orientation professionelle vun der ADEM an der Maison de l'orientation?

Le Service d'orientation professionelle situé au sein de la Maison de l'orientation à Luxembourg-ville, au sein de l'agence de l'ADEM à Esch-Belval ainsi qu'à la Maison de l'orientation de Diekirch accompagne toute personne souhaitant s'orienter ou se réorienter et met à disposition de nombreuses informations/documents relatifs aux métiers ou au choix d'une profession. L'ADEM-OP organise également des entretiens d'orientation individuels et gère le placement en apprentissage. En étroite relation avec le marché de l'emploi, l'ADEM-OP propose ainsi des services non seulement personnalisés mais aussi en adéquation avec la réalité de l'emploi.

### Wat ass den JobBoard?

Den JobBoard vun der ADEM ass en Online-Service, deen et dir erméiglecht, Joboffere, déi vun den Entreprisë bei der ADEM gemellt goufen, online ze kucken. Däin Accès op den JobBoard kriss du esoubal s du ageschriwwe bass.

Wann eng Offer dech intresséiert, gees du an d'Rubrik "Candidature". De Conseiller kuckt, ob däi Profil bei dës Joboffer passt, a wann dat de Fall ass, setzt hien dech mam Patron a Relatioun.

### Wat ass de „Pool des assistants pédagogiques"?

De „Pool des assistants pédagogiques" ass eng Mesure vun der ADEM, vun där eng Persoun, déi op der Sich no enger Aarbecht ass an déi mindestens eng Première huet, ka profitéieren.

Wann ee fir dës Mesure selektionéiert gëtt, huet ee während engem Joer d'Méiglechkeet, Direktere vu Lycéeë mat administrativen Tâchen ze assistéieren an et ass ee verantwortlecht fir d'Surveillance vun de Schüler:innen.

**En français:**

Toutes les informations concernant l'Agence pour le développement de l'emploi: *www.adem.lu*

Informations concernant les jeunes demandeurs d'emploi: *www.adem.public.lu/fr/demandeurs-demploi.html*

## Aschreiwung

Wéi scho erkläert, soll een sech als Jonken, wann ee mat der Uni fäerdeg ass, direkt bei der ADEM unmellen. Dëst gëlt awer och, soubal een säi Job verléiert.

All d'Informatiounene zur ADEM fënns du op hierem Site:

*www.adem.lu*

### Wéini kann ech mech bei der ADEM mellen?

Bei der ADEM kann een sech mellen, wann:

- Ee gekënnegt krut
- D'Aarbechtsverhältnis op en Enn gaangen ass (Oflafe vum CDD, Kënnegung, asw.)
- Ee mat senger Tätegkeet als Fräiberuffler ophält oder am Fall vun enger Insolvenz
- Ee mat sengem Studium fäerdeg ass
- Een zwar nach schafft, mee d'Aarbecht wëllt wiesselen.

### Wéi leeft d'Unmeldung bei der ADEM of?

Déi einfachst Method, fir sech unzemellen, ass, iwwert MyGuichet ze fueren. *https://adem.public.lu/fr/demandeurs-demploi/sinscrire-a-ladem/comment-sinscrire.html*

### Wat si meng Virdeeler, wann ech mech bei der ADEM mellen?

Eng Umeldung bei der ADEM erméiglecht dir:

- Ënnerstëtzung an Orientéierung duerch d'ADEM bei der Sich no enger Aarbecht ze kréien
- Vun de Servicer vun der ADEM ze profitéieren
- Reegelméisseg Hëllef vun engem Beroder vun der ADEM ze kréien
- Chômage ze kréien, falls du d'Konditiounen erfëlls, an doduerch och weiderhi sozialverséchert ze sinn.

### Wéini kréien ech Chômage?

Am Fall wou d'Aarbechtsverhältnis ouni Schold vum Salarié op en Enn geet, huet dësen, ënner verschiddene Konditiounen, d'Recht op Chômage. Och als frësch Diploméierte kanns du heivunner profitéieren.

Fir Chômage kënnen ze kréien, muss du:

- Ouni eege Schold deng Aarbecht verluer hunn
- Zu Lëtzebuerg wunnen
- Tëschent 16 a 64 Joer al sinn
- Aarbechtsfäeg a prett fir ze schaffe sinn
- Op der ADEM als Demandeur d'emploi ageschriwwe sinn
- Minimum 26 Woche vun deene leschten zwielef Méint geschafft hunn.

### Internet

*www.adem.lu*

*https://guichet.public.lu/fr/citoyens/travail-emploi/chomage/indemnite-chomage/indemnite-chomage-salarie.html*

## SECH FIR ENG PLAZ MELLEN

**Aktualiséierung 2023**

Wann een eng Plaz fonnt huet, déi engem gefält, an déi bei een passt, geet et drëm, den Dossier ze preparéieren, an dat esou, dass een sech méiglechst gutt an avantagéis beim: bei der Patron:ne presentéiert.

### » Wourauser besteet eng Kandidatur?

D'Form vun der Bewerbung ka vun engem Employeur zum anere variéieren, mee generell besteet se aus engem Curriculum vitae (CV) an engem Motivatiounsbréif. Den Employeur huet d'Recht, eng Kopie vun dengem Diplom a Referenzen ze froen. E kann och no engem Extrait aus dem Strofregëster froen, mee dat muss an der Annonce stoen a begrënnt ginn (z. B. am finanzielle Beräich, am juristesche Beräich, etc.). Wann s du am Ausland studéiert hues, muss du däin Diplom am Registre des titres aschreiwe loossen.

Den Employeur freet oft Referenzen. Déi kënnen iwwerpréift ginn, andeems e mat verschiddene Firme Kontakt ophëlt, fir ze kontrolléieren, ob s du do geschafft hutt. Nodeems du e Stage gemaach hues, kanns du e Stagecertificat ufroen, dee beweist, datt s du de Stage effektiv gemaach hues. Wann alles gutt wärend dem Stage gelaf ass an d'Leit, mat deenen s du geschafft hues, mat denger Aarbecht zefridde sinn, kanns du en Empfee-

lungsbréif ufroen, an deem de:d' Patron:ne iwwer deng Aarbecht a Stäerkte schwätzt.

## Liewenslaf (CV)

Den CV ass e bëssen ewéi eng Visittekaart, wou all wichteg Informatiounen drop opgeféiert solle ginn. Et ass d'Dokument, dat als éischt gekuckt gëtt, mee et ass normalerweis ganz kuerz. Däin CV soll dofir kloer, konkret an iwwerzeegend sinn.

## Inhalt

### Perséinlech Donnéeën

Den Numm, de Virnumm, d'Adress, d'Telefonsnummer, d'E-Mail-Adress, d'Nationalitéit, de Führerschäin an ob s du e perséinlechen Auto hues, muss op alle Fall um CV stoen. Du kanns däi Geschlecht an däi Gebuertsdatum och erwänen, mee a verschidde Kulture sollen déi Informatiounen net um CV stoen. Informéier dech, falls du eng Plaz am Ausland sichs.

### Studium

D'Studie sollen och op dengem CV opgeféiert sinn. Den Diplom, de Studieberäich, d'Joer vun der Erhuelung an déi besicht Institutioune sollen och dropstoen. Du kanns däi Studiegang kuerz beschreiwen an deng Haaptstudieberäicher oder déi wichtegst Themen erwähnen, zum Beispill de Sujet vun denger Masteraarbecht drop erwänen. Wann s du op enger renomméierter Universitéit studéiert hues, kanns du dat och uginn, fir däin akademesche Parcours ervirzehiewen.

### Praktesch Erfarungen

An dëser Rubrik solls de all deng praktesch Erfarungen opzielen a beschreiwen, zum Beispill deng Studentenjobben a Stagen.

Fir all Erfarung solls de den Numm vun der Firma, d'Stad an d'Land, d'Dauer vum Studentenjob/Stage an d'Positioun uginn. Beschreif deng Aufgaben a Responsabilitéiten, fir dës Erfarungen ervirzehiewen.




## Verschiddenes

- **EDV/Kenntnisser an der Informatik**

  Ziel déi Programmen a Systemer op, mat deenen s du scho geschafft hues, déi no Beräicher ënnerschiddlech sinn. Déi Programmer, déi hautdesdaags bal ëmmer gefrot ginn, sinn MS Office an Outlook.

- **Sproochen**

  Fir deng Sproochekenntnisser unzeginn, benotz d'Referenz-Ofkierzunge vum CECRL (A1, A2, B1, asw.) a wann s du Certificaten hues, déi däin Niveau bestätegen, da schreif dat och op den CV. Wann s du net weess, a wéi eng Kategorie deng Kenntnisser kënnen agestuuft ginn, da beschreif däin Niveau (fléissend, Basiskenntnisser, asw.). Dëst ass awer relativ vague.

- **Hobbyen an Interessi**

  Wann s du Hobbyen hues, déi eppes mam Job ze dinn hunn an déi wichteg Kompetenzen ervirhiewen, kanns de déi op den CV dobäischreiwen (z. B. Fotografie fir e Posten am Marketing oder Graphikdesign).

  Wann s du aktiv an Associatioune bass, kanns de dat och op den CV schreiwen. Gëff den Numm vum Veräin un a präziséier, a wéi engem Beräich en aktiv ass. Beschreif däi Posten an deng Responsabilitéiten.

## Reegelen

Am Prinzip ginn et keng Reegelen, wat den CV betrëfft. Dat hänkt awer vum Land a vun der Kultur of. Informéier dech, wann s du am Ausland wëlls schaffen.

- Schreif keng Feeler! – Iwwerlies däi CV a looss och aner Leit driwwer kucken. Schreiffeeler um CV sinn absolut Tabu!
- **Léi net!** Verschidde Firmae kontrolléieren, ob s du och tatsächlech ob der Uni studéiert hues, a wéini s du däin Diplom krus. Dobäi kënnt, dass een zu Lëtzebuerg oft ee kennt, deen dech och kennt a sou Informatiounen aus dem CV iwwerpréiwe kann.

## Motivatiounsbréif

De Motivatiounsbréif gëtt meeschtens mam CV matgeschéckt. Do solls du weisen, datt s du de perfekte Kandidat fir de Poste bass. Et ass wichteg, datt s du dech iwwert d'Firma informéiers an d'Job-Beschreiwung genau lies. Obwuel dëst Dokument manner gefrot gëtt, hätten e puer Firmen nach ëmmer gär e Motivatiounsbréif.

## Inhalt

Als éischt emol muss deng Adress an déi vun der Firma uewe stoen, souwéi de Sujet (Beispill: *Objet: Candidature pour le poste de XXX*)

1. Stell dech kuerz vir an erklär, wou s du d'Annonce gesinn hues a firwat s du dech mells.
2. Weis dem Employeur, datt s du d'Firma kenns, andeem s de vun den Haaptaktivitéiten a vum Poste schwätz. Erklär, firwat dee Posten dech intresséiert a wat deng Motivatioune sinn.
3. Beweis, datt s du dee perfekte Kandidat bass an erklär, wat s du der Firma brénge kanns.
4. Schléiss mat Héiflechkeetsformelen of. Denk drun, ze schreiwen, datt s de fir e Gespréich disponibel bass.

Hautdesdaags gëtt de Motivatiounsbréif bal ëmmer um Computer geschriwwen. Wann awer an der Annonce steet, datt si gären en handgeschriwwene Motivatiounsbréif hätten („lettre de motivation *manuscrite*"), da schreif en op der Hand.

Wann all deng Dokumenter prett sinn, kanns de deng Kandidatur fortschécken. Déi meescht Kandidature gi per E-Mail, iwwert d'Internetsäit vun der Firma oder iwwert LinkedIn verschéckt.

- Wéi beim CV soll de Bewerbungsbréif op de Posten ugepasst ginn an Orthografiesfeeler sinn ze vermeiden.
- Denk drun, de Bréif ze ënnerschreiwen.

## Den Elevator Pitch, eng effizient Method fir sech virzestellen

**„Wat méchs du esou am Liewen?", „Kënnt Dir Iech virstellen?" ... dëst si Froen, déi ee mol heiansdo gestallt kritt. Sech kompetent virstellen an net ze vill oder ze mann soen ass net ëmmer einfach. Hei hues du e puer Tipps, fir däin Elevator pitch ze verbesseren an e gudden éischten Androck ze hannerloossen.**

### 1. Ech

Stell dech verständlech a präzis vir (**Numm, Funktioun oder Posten**). Benotz einfach Wierder a kee fachspezifesche Vocabulaire. Gëff net ze vill Detailer. Déi aner Persoun soll relativ schnell begräifen, wat s du méchs.

### 2. Meng Leeschtungen

Gëff een oder e puer Beispiller vu **bedeitend professionellen Erfolleger oder Leeschtungen**. Benotz Zuelen, fir se ze beschreiwen (Beispill: „Ech hunn ee Prozess verbessert an doduerch den Ëmsaz vun der Firma ëm 15% erhéicht"). Et soll einfach ze verstoe sinn, dofir solls de net ze vill an den Detail goen. Wann et däi Gespréichspartner interesséiert, wäert hien dir Froen dozou stellen.

### 3. Dir

Schwätz vun der **Situatioun vum Interviewer an/oder der Firma**. Weis, datt s du d'Problemer kenns, déi si begéinen an eng Léisung dofir häss. Benotz Ausdréck wéi „Dir", „selwecht" an „ähnlech", fir ze weisen, datt s du déi Situatioun verstees.

### 4. Mir

Iwwerlee, **wat s du der Firma brénge kanns**. Firwat solle se dech astellen an net een aneren?

Deng Presentatioun soll net méi wéi zwou Minutten daueren. Et ass wichteg, datt ee säin Elevator pitch auswenneg kennt an en net einfach opseet. Et soll natierlech wierken. Üb virum Spigel oder mat engem Kolleg.

- Du fënns vill Online-Modeller fir Bewerbungsbréiwer. Du kanns se als Referenz benotzen an dech dovunner inspiréieren, mee kopéier se net einfach!
- Vermeit Klischeeën – de Bewerbungsbréif soll en authentescht Bild vu dengem Profil ginn.
- Setz deng Stäerkten an de Vierdergrond a gëff konkret Beispiller, fir deng Kompetenzen aus dem CV ze beleeën.
- Schreif am Present a benotz aktiv Verben.
- Benotz déi gängeg Schrëften a schreif weder ze kleng, nach ze grouss.
- Iwwerlies! Feeler am Motivatiounsbréif sinn absolut ze vermeiden a kënnen als Konsequenz hunn, datt deng Kandidatur eliminéiert gëtt.

**Referenz**

- Ëmmer méi Entreprisë froe Referenze vu Stagen an Diplomer. Heiansdo kontrolléieren si déi Donnéeë selwer, ouni dass du agräife kanns oder muss.
- Wann s du e Stage gemaach hues, fro no engem Certificat de stage an duerno no engem Certificat de travail. Dës kanns du mat dengem Dossier fir d'Kandidatur fortschécken.

Wann all deng Dokumenter prett sinn, kanns de deng Kandidatur fortschécken. Déi meescht Kandidature gi per E-Mail, iwwer d'Internetsäit vun der Firma oder iwwert LinkedIn verschéckt.

Verschéck all deng Dokumenter als PDF a gëff de Fichiere passend Nimm (CV_Max_Mustermann.pdf; Lettre_de_motivation_Max_Mustermann.pdf).

## DÉI NÄCHST ETAPPEN – VIRSTELLUNGSGESPRÉICH A SELEKTIOUN

Aktualiséierung 2023

### » Virstellungsgespréich

Nodeems de:d' Patron:ne deng Kandidatur analyséiert huet, kann en dech an e Virstellungsgespréich ruffen. Dat weist, datt en intresséiert ass a méi Informatioune wëll.

**Den Oflaf**

Et ka sinn, datt s du e Virstellungsgespréich mat enger oder mat e puer Persounen hues. Dat hänkt vun der Firma of. An enger éischter Phas probéiert den Interviewer méi Informatiounen iwwert dech ze kréien. Meeschtens muss ee sech direkt am Ufank emol virstellen. Do solls du iwwert däin universitäre Parcours schwätzen, deng Erfarungen an däin eventuelle Benevolat oder däin Engagement an Associatiounen oder Veräiner. Lies net einfach däin CV of, mee gëff dem Interviewer zousätzlech Informatiounen, zum Beispill iwwert deng konkret Aufgaben an dengen Stagen. Du wäerts dozou nach Froe gestallt kréien. Fir deng Kompetenzen ze bewäerten, wäert den Interviewer konkret Situatiounen oder Beispiller froen, wou s du déi verschidde Kompetenze virweise konnts. Do ass et wichteg, eng Äntwert ze ginn (et kënnt net positiv eriwwer, wann een näischt ze ziele weess) an déi ze beschreiwen.



Hei e puer Tipps, wéi ee sech kompetent virstellt: An enger zweeter Phas wäert den Interviewer dir d'Entreprise an de Poste virstellen, fir deen s du dech gemellt hues. Et ass natierlech erwënscht, Froen ze stellen. Zéck also net. Et ka sinn, datt den Interviewer an dëser Phas scho vum Salaire schwätzt. Du kanns och roueg den Delai fir d'Äntwert froen (e läit meeschtens tëscht e puer Deeg an e puer Wochen). Et kann natierlech och sinn, datt s du nom Gespréich direkt e Kontrakt kriss. Dat ass allerdéngs seelen de Fall.

E Virstellungsgespréich dauert am Prinzip tëscht 30 Minutten an enger Stonn. Dëst kann awer variéieren (et hänkt dovun of, wéi vill Zäit den Interviewer huet, ob s du d'Büroe gewise kriss, asw.).

Normalerweis huet een zwee bis dräi Gespréicher, éier een eng Äntwert kritt, awer dat variéiert jee no Firma. A verschidde Fäll geet ee Gespréich duer, wat awer seelen ass. Et ka sinn, datt dat éischt Gespréich mat de Ressource-humainen ass an dat nächst mam Chef, dat hänkt och vu Firma zu Firma of.

- Wa méi wéi eng Persoun do ass, soll ee sech net nëmmen op eng Persoun konzentréieren, mee op se all. Och wann nëmmen eng Persoun d'Froe stellt.
- Eng Erfarung vun zwee Joer an zéng Minutte presentéieren an déi zéng Joer duerno an nëmmen zwou Minutten ass och net erwënscht. Am beschten alles ëmmer zäitlech gutt équilibréieren.
- Net ze vill, net ze wéineg schwätzen. E Virstellungsgespréich soll ausgeglach sinn. Du solls kloer op dem Interviewer seng Froen äntwerten ouni ze laang ze braddelen, op der anerer Säit soll den Interviewer dir och net all Wuert aus der Nues mussen zéien.

### Nom Virstellungsgespréich

So dem Employeur Merci. Dat weist däin Interessi fir den Job an ass herno villäicht den Detail, deen den Ënnerscheed mécht. Schreif him eng E-Mail a ruff op kee Fall un (dat kënnt opdrénglech eriwwer). Du kanns an där E-Mail och nach kleng Saache präziséieren, déi s du am Virstellungsgespréich vergiess hues. Hei ass e Beispill:

*Objet: Suite à notre entretien pour le poste de « intitulé du poste »*

> *Madame, Monsieur,*
>
> *Faisant suite à notre entretien de ce matin, je tiens à vous remercier pour le temps que vous m'avez consacré et la qualité de notre échange, qui n'ont fait que renforcer mon intérêt pour le poste de XXX.*
>
> *Lors de notre discussion, nous avons évoqué le projet XXX que j'ai entrepris lors de mes études. Veuillez trouver ci-joint un document qui illustre les actions menées dans ce cadre.*
>
> *Je me permets en outre de vous transmettre les coordonnées de mon ancien manager chez XXX, qui pourra vous en dire davantage sur moi si vous le souhaitez: ...*
>
> *Dans l'attente de votre retour, je reste à votre disposition pour de plus amples informations ou un second entretien.*
>
> *Veuillez agréer, Madame, Monsieur, l'expression de mes respectueuses salutations.*
>
> *Virnumm Numm / Adress / Telefonsnummer*

Stell dir d'Fro, wéi et gelaf ass. Du muss dech auto-evaluéieren. An iwwerlee, wat s du häss sollen anescht maachen a wat gutt war. Dat ass wichteg fir déi nächst Gespréicher. Verschidde Firmae froe méi wéi nëmmen e Virstellungsgespréich. Et ka sinn, datt nach Tester oder Assessments duerchgeféiert ginn.

**Sproochentester:** Déi hunn als Zil, däin Niveau ze bestätegen.

**Perséinlechkeetstest:** Do ginn et keng richteg oder falsch Äntwerten an d'Zil ass et net, dech ze jugéieren. Et ass einfach fir erauszefannen, wat deng Preferenzen an deng Motivatioun op der Aarbecht sinn. Do solls du also éierlech a spontan äntweren.

**Wëssenstester:** Excel, Kompatibilitéit, asw.

**Logiktester:** Déi sollen deng Raisonnementer a Léierfäegkeete moossen, fir ze kucken, ob s du fir dee Poste gëeegent bass.

**Assessment centre:** Wann eng Firma wëll, datt s du un engem Assessment centre deelhëls, da wëll se eng méi komplett a komplex Vue vun denger Perséinlechkeet an denge Kompetenzen. Et dauert tëscht engem hallwen Dag an zwee Deeg, wou s du verschidden Tester méchs an Aufgabe léis, u Fallstudie schaffs a bei Rollespiller matmaache muss. Während engem Assessment centre huet een och erëm Virstellungsgespréicher.

Wann de Patron den Delai net anhält, bannent deem e gesot hat, datt e géing äntweren, da waart nach zwee bis dräi Deeg, éier s du dech mells. Och hei solls du eng E-Mail schécken an net uruffen. Hei ass e Beispill:

*Objet: Suite à notre entretien pour le poste de « intitulé du poste »*

> *Madame, Monsieur,*
>
> *À l'issue de notre entretien dans vos locaux en date du (date de l'entretien) pour le poste de (intitulé du poste), vous m'aviez indiqué que vous seriez en mesure de me faire un retour pour le (date). N'ayant à ce jour aucune nouvelle et étant toujours intéressé(e) par le poste, je me permets de vous recontacter afin d'en savoir plus sur votre position concernant ma candidature. Je reste à votre disposition pour toute information complémentaire ou pour un autre entretien éventuel.*
>
> *Je vous remercie par avance.*
>
> *Avec mes cordiales salutations,*
>
> *Virnumm*
> *Numm*
> *Adress*
> *Telefonsnummer*

Wann s du trotz där E-Mail keng Äntwert kriss, da looss et sinn. Et huet kee Wäert nach weider Mailen ze schécken oder unzeruffen. Géff net op a schéck weider Kandidaturen.

## DÉI VERSCHIDDEN AARBECHTSSECTEUREN ZU LËTZEBUERG

Wëlls du deng Karriär am Privatsecteur maachen? Oder awer éischter am ëffentleche Secteur?

Fir dir dës Entscheedung ze erliichteren, hu mir eng Rei Informatioune vun deene verschidde Representante gesammelt an dës fir dech zesummegestallt.

### » Privatsecteur

Ënner Privatsecteur falen all déi Beruffer, déi net „ëffentlech" sinn, also keen direkte Lien mam Lëtzebuerger Staat opweisen. Am Privatsecteur fënns du eng Hällewull verschidden Beruffsméiglechkeeten: vun Independant, Kooperatiounen, kleng- bis mëttelgrouss Firmen, Multinationalen, HORECA, a villes weider. Hei fënns du puer Beruffer aus dem Privatsecteur:

*www.en.jobs.lu/Jobs.aspx?Keywords=Secteur+Priv%C3%A9*

emile weber
all about your journey






# Group Travel Experiences

*Maßgeschneiderte Gruppenreisen*

*Hier scannen für mehr Infos!*

www.emile-weber.lu

**Für Clubs, Vereine, Schulklassen, Unternehmen, Freunde & Familien...**
Unsere Gruppenabteilung steht Ihnen für Beratung gerne zur Verfügung.

**Gruppenabteilung**

Z.A. Reckschleed
L-5411 Canach

+352 35 65 75-300
groups@ew.lu

# AN DER FONCTION PUBLIQUE SCHAFFEN

## SETZT OCH DIR ÄR TALENTER AN DEN DÉNGSCHT VUM BIERGER!

### EN EENZEGAARTEGEN EMPLOYEUR ZU LËTZEBUERG

An der Fonction publique, déi aus Ministèren a Verwaltunge besteet, sinn iwwer 36.000 Agente* beschäftegt, déi Dag fir Dag duerfir suergen, datt d'Land funktionéiere kann, an datt de Bierger hiert Liewe méi einfach gëtt.

*Stand Ufangs 2024

### VILLFÄLTEG BERUFFER

D'Villfalt vun eise Profillen an eise Beruffer gehéiert zu eise Stäerkten! Beruffer, déi sech stänneg entwéckelen, fir beschtméiglech op d'Besoine vun der Gesellschaft anzegoen a fir jidderengem säin Alldag méi liicht ze maachen. Mir setzen eis all Dag an, fir d'Déngschtleeschtungen, déi d'Bevëlkerung gebuede kritt, ze verbesseren oder fir se weider ze digitaliséieren.

### SECH MAM LAND BEWEEGEN

Zur sozialer, kultureller a wirtschaftlecher Entwécklung vun engem Land bäidroen, dat sech stänneg verännert, dat ass eng eenzegaarteg Aufgab! Verschiddener sinn direkt no der Schoul an den ëffentlechen Déngscht gaangen, anerer réischt am Laf vun hirer Carrière. Awer all hu si ee gemeinsaamt Zil: d'Gesellschaft weiderbréngen an d'Bezéiungen tëscht dem Staat an de Bierger nei erfannen.

### BEDEELEGT IECH UM WANDEL

Andeems si am Déngscht vun der Allgemengheet schaffen, iwwerhuelen eis Agenten hir Aufgab an der Gesellschaft a gläichzäiteg verwierkleche si sech selwer. Ënnert hinne ginn et gebueren Ingenieuren. Anerer sinn zanter hirer Kandheet frou mat der Natur oder mat Sproochen. Nach anerer wollte schonn ëmmer Polizist ginn. Bei eis fannt Dir eng Plaz, wou Dir Ärer Leidenschaft nogoen an Är Talenter an engems sënnvoll asetze kënnt.



**Tasso**
Chef vun der Sektioun Guidance et allocations beim Nationale Büro fir Opnam (Office national de l'accueil)

***"D'Méiglechkeet, sech weiderzebilden, weiderzekommen a sech ze perfektionéieren, ass iwweregens eng vun den Ursaachen, firwat ech elo, no 24 Joer, nach ëmmer begeeschtert sinn, am ëffentlechen Déngscht ze schaffen."***

# EISEN ENGAGEMENT ALS ÄNTWERT OP ÄREN

Déi berufflech Entwécklung an d'Zefriddenheet vun eisen Agenten, dat sinn eis Prioritéiten! Mir bidde ganz villfälteg Formatioune grad ewéi intern Mobilitéitsméiglechkeeten, duerch déi jidderee seng  Kompetenzen erweideren a säi beruffleche Projet verwierkleche kann. Bei all Etapp vun Ärem Wee ginn Är Ambitioune gefërdert a wäertgeschätzt.

## GOVJOBS

### De Rekrutéierungskanal vum Lëtzebuerger Staat

- Rekrutéierungsprozeduren
- Job-Offeren
- Artikelen a Videoen, fir eis Beruffer ze entdecken
- Informatiounen iwwert de Staatsexamen
- Newsletteren
- Stagen an Jobs fir Schüler a Studenten

www.govjobs.lu



## ASSOCIATIOUN VUN DE UNIVERSITAIREN OP DE GEMENGEN (AFUC)

**Aktualiséierung 2024**

AFUC ASSOCIATION DES FONCTIONNAIRES UNIVERSITAIRES AU SERVICE DES COMMUNES ET SYNDICATS DE COMMUNES

### » Wéi mellen ech mech op eng Gemengeplaz?

De Rekrutement vun de Gemengenagente gëtt op Basis vun „Appel-à-candidatures" um Internet-Site vun de Gemengen, déi rekrutéieren, oder/an an de verschidden Zeitunge publizéiert. D'Leit ginn da fir e Virstellungsgespréich geruff. Fir d'Karriär A1 sinn Admissibilitéitsexame mat spezifeschen Tester néideg.

### Op wéi eng Plaze kann ech mech mat engem Secondaires-, Bachelor- oder Master-Diplom mellen?

D'Membere vun der AFUC sinn alleguerten an der Karriär supérieure (A1, sous-groupe scientifique et technique) an hunn ee Master-Diplom. Déi verschidde Carrièrë mat hire jeeweilegen Diplomer sinn am *Règlement grand-ducal du 28 juillet 2017 déterminant le régime et les indemnités des employés communaux* stipuléiert.

### A wéi enger Karriär fänken ech un?

Wärend deenen éischte Jore muss de rekrutéierten Agent e Stage maachen, wärend deem dësen och un enger Formatioun muss deelhuelen.

Wann den Agent dann definitiv noméiert gëtt, gëtt seng Remuneratioun (op Basis vun der viregter Aarbechtsdauer am privaten oder ëffentleche Secteur) ugepasst.

D'Gemengebeamte ginn nom stipuléierte Barème remuneréiert.

### Wou fannen ech d'Offeren?

D'Aarbechtsplaze ginn iwwert „Appel-à-candidatures" um Internet-Site vun deene Gemengen annoncéiert, déi rekrutéieren, oder/an an de verschidde Medien/Zeitunge publizéiert.

### Virdeeler, wann een op der Gemeng schafft

D'Gemeng bitt esouwuel ofwiesslungsräich Tâchen am Déngscht vum Bierger wéi och eng sécher Plaz.

### Wéi eng Exame muss ee maachen?

De Kandidat muss eng „Epreuve d'aptitude générale" an een Admissibilitéitsexame maachen.

Wärend sengem provisoreschen Déngscht muss den Agent eng Formatioun général (Formatioun „du tronc commun" a Formatioun „au Choix") an eng Formatioun „spéciale" um Institut National de l'Administration Publique (INAP) matmaachen a jeeweils zum Schluss een Exame schreiwen.

Weider Informatiounen iwwert Formatiouns-Prozedure fannt dir ënnert folgendem Link: *www.fonction-publique.public.lu/fr/formation-developpement/formationintitiale/agentsserviceprovisoiresecteurcommunal.html*

### Wéi mellt een sech dofir un?

Esouwuel fir d'Epreuve d'aptitude générale wéi och fir den Admissibilitéitsexamen muss een sech iwwert den Inneministère, deen d'Ausschreiwung mécht, umellen.

Weider Informatiounen iwwert d'Examens-Prozedure fannt dir ënnert folgendem Link:

*www.govjobs.public.lu/fr/secteur-communal/examens.html*

## D'HANDWIERK - E WICHTEGE SECTEUR FIR D'LËTZEBUERGER WIRTSCHAFT

**Aktualiséierung 2024**

CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG

D'Handwierk ass e wichtege Pilier vun enger effikasser an nohalteger Wirtschaft zu Lëtzebuerg. Als Haaptacteur vun der Ekonomie beschäftegt d'Handwierk qualifizéiert Persounen a performanten Entreprisen a schaaft domat stabil Aarbechtsplazen.



All Dag consomméiere mir Produiten a benotze mir Servicer, déi vun Handwierksbetriber hiergestallt oder ugebuede ginn. D'Handwierk befënnt sech matzen an der Gesellschaft, léist esou munch Problemer, déi sech an eisem Alldag stellen, an ass DE Partner, wann et ëm d'Schafe vun Iddien an Innovatiounen, Aarbechts- an Zukunftsperspektiven, Zefriddenheet an Houfert duerch d'Hierstelle vu konkrete Produite geet.

Mat iwer 8.900 Betriber an engen 107.000 Leit, déi an dësem Beräich schaffen, ass d'Handwierk den éischten Employeur am Land a mat ronn 1.700 Persounen, déi eng Léier maachen, den Haaptformateur zu Lëtzebuerg. D'Handwierk representéiert 20 % vun alle Betriber an 21 % vun der gesamter Aarbecht hei am Land.

D'Handwierk spillt domat eng wichteg Roll an der Lutte géint de Chômage, well et eng grouss Unzuel vu stabillen Aarbechtsplaze schaaft. Allerdéngs ass eng qualifizéiert Aarbechtskraaft ze fannen eng vun den Erausfuerderungen, déi d'Aktivitéite vun den Handwierksbetriber aschränkt. D'Nofro no qualifizéierte Persounen ass deemno am Allgemenge grouss.

Am Handwierk schaffen 99,5% vun de Salariéen a klengen a mëttelstännege Betriber, déi a sechs verschidde Secteuren opgestallt sinn.

- Liewensmëttelberäich
- Moud, Gesondheet an Hygiène
- Mechanik
- Bau
- Kommunikatioun a Multimedia
- Konscht a Verschiddenes

Handwierk - dat heescht, eng Vilfalt vu Beruffer a Karriärsméiglechkeeten an dat esouwuel fir Leit, déi fréi hir berufflech



Ausriichtung an d'Handwierk gemaach hunn, ewéi och fir Quereinsteiger, déi méi spéit iwwer Ëmweeër an d'Handwierk fannen an déi spéider an hirer berufflecher Karriär festgestallt hunn, datt hiert d'Häerz fir d'Handwierk schléit.

## » D'Handwierk bitt reell Perspektiven a Karriärschancen

D'Handwierk brauch dynamesch Leit, mat enger gudder Qualifikatioun, staark Profiller a virun allem motivéiert jonk Talenter.

Méi wéi 35 % vun de Betriber wäerte sech an deenen nächsten zéng Joer d'Fro vun der Nofolleg stelle mussen, wat eng Chance a gläichzäiteg eng Erausfuerderung duerstellt. Wien also Karriär am Handwierk maache wëll, deem stinn d'Dieren op.

## » D'Ausbildung

Eng handwierklech Ausbildung, déi mat engem DAP ofschléisst, ass nach ëmmer d'Referenz-Qualifikatioun, fir sech déi néideg technesch Kompetenzen unzëeegnen. Dës ass vun de Betriber immens gefrot, fir esou dem Client eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht ubidden ze kënnen.

87% vun den Absolvente:innen vun enger handwierklecher Ausbildung fanne bannent sechs Méint eng Aarbechtsplaz oder féieren hir Formatioun weider. 61% vun den Absolvente vun enger Ausbildung am Handwierk fannen eng Aarbechtsplaz bei hirem Ausbildungsbetrib. (Quell: CDM 2023)

D'Ausbildung ass also immens attraktiv an och fir Erwuessener nach méiglech.

## » De Meeschterbréif

De Meeschterbréif ass déi Formatioun, déi een als zukünftegen Entrepreneur a Féierungskraaft beschtens op d'Gestioun an d'Iwwerhuele vun engem Betrib virbereet. Et ass DÉI Ausbildung, déi déi theoretesch, praktesch a pedagogesch Kompetenze vermëttelt, déi gebraucht ginn, fir e Betrib ze grënnen an ze leeden a säi Knowhow a Kënnen un déi nächst Generatioun weiderzeginn.

D'Inhalter vum Meeschterbréif gi kontinuéierlech un d'Erausfuerderunge vu Muer a vum Aarbechtsmarché ugepasst, an esou mécht dech den Diplom vum „Brevet de Maîtrise" fit fir d'Zukunft. Den Accès zu dëser Formatioun kritt een ënnert anerem och mat enger Première, engem Bachelor oder engem Master.

### Informéier dech:

D'Handwierk ass deemno och op fir Leit, déi net den traditionelle Wee gaange sinn, mee sech spéider berufflech ëmorientéiere wëllen, gäre praktesch schaffen, an e reellt Resultat um Enn vun engem Aarbechtsdag wëllen hunn.

Och aner Diplomer kënnen engem d'Dieren an d'Handwierk opmaachen. Doriwwer eraus beschäftegen d'Handwierksbetriber ënnert anerem och Comptabelen, Juristen, Ingenieuren, Zeechner a Grafiker a bidden esou etlech Méiglechkeeten, fir sech berufflech weiderzëentwéckelen.

Et hänkt also ganz vun dir, denger Passioun an denge Kompetenzen of! A well een am Liewen ni ausléiert, hues du och ëmmer d'Méiglechkeet, dech weiderzebilden oder esouguer eng ganz nei Karriär ze starten.

Wann s du Loscht hues, an engem villfältegen an innovative Secteur ze schaffen, dann huel deng Zukunft an d'Hand. Informéier dech bei der Chambre des Métiers a looss dech vun hire verschiddene Servicer ënnerstëtzen, sief et fir eng Berodung fir eng adequat Weiderbildung oder awer fir d'Begleedung bei de Formalitéiten, fir eventuell e Betrib ze grënnen oder ze iwwerhuelen.



**Weider Informatioune fënns du ënnert:**

*www.cdm.lu*

*formations.cdm.lu*

*services.cdm.lu/*

PERSPEKTIV HANDWIERK




CHAMBRE
DES MÉTIERS
LUXEMBOURG

De Partner
vum Handwierk

cdm.lu

# 03 AARBESCHT FONNT.

## ELO KOMMEN D'PAPERASSEN.



## KONTRAKT

**Aktualiséierung 2024**

Den Aarbechtskontrakt ass e Vertrag[1], deen en Aarbechtsverhältnis reegelt an duerch deen eng Persoun sech dozou engagéiert, enger anerer Persoun, där déi éischt Persoun sech subordonéiert, hir Aarbechtskraaft géint eng Remuneratioun zur Verfügung ze stellen.

### » Wat muss am Kontrakt stoen?

En Aarbechtskontrakt soll prinzipiell schrëftlech an an duebeler Ausféierung ofgeschloss ginn. Dat heescht, dass souwuel du, wéi och de Patron, en ënnerschriwwenen Exemplaire vum Kontrakt kritt.

De Kontrakt soll folgend Informatiounen enthalen:

- Numm a Sëtz vun der Firma vum:vun der Patron:ne
- Numm vum Vertrieder vun der Firma
- Numm a Wunnuert vum:vun der Salarié:e
- Ufanksdatum vum Kontrakt
- Informatiounen zu der Proufzäit, wann eng virgesinn ass
- Funktioun vum:vun der Salarié:e
- Bruttoloun
- Aarbechtsplaz
- Aarbechtszäiten
- Congésdeeg
- Detailer zur Kënnegungsfrist

Nieft den obligatoreschen Informatiounen, kënnen och nach eng Rei aner Klauselen am Kontrakt stoen. Am Prinzip gëllt, dass legal Virschrëften nëmme kënne geännert ginn, wann dës Ännerunge favorabel fir de:d'Salarié:e sinn am Verglach mat de Mindestbestëmmungen aus dem Aaarbechtsgesetzbuch.

Méi Informatioune fënns du:

- um Site vun der Chambre des salariés *(www.csl.lu)*, ënnert der Rubrik „Vos droits".
- um Site *www.guichet.lu*, ënnert der Rubrik „Travail"

### » Kontraktformen

Et gi verschidden Zorten Aarbechtskontrakten, déi mir am folgende Kapitel méi genee virstelle wäerten:

- de Contrat à durée indéterminée (CDI)
- de Contrat à durée déterminée (CDD)
- de Contrat d'intérim

Méi Informatiounen a Modeller vun de verschiddene Kontrakter fënns du um Site vun der Chambre des salariés .

*www.csl.lu/fr/vos-droits/salaries/types-demplois*

## Contrat à durée indéterminée (CDI)

### Wat ass e CDI?

De Contrat à durée indéterminée (CDI) leeft iwwert eng onbegrenzt (illimitéiert) Period, bis den Employeur oder de:d'Salarié:ede Kontrakt kënnegt.

### Enn vum Kontrakt

Och wann de CDI fir eng illimitéiert Zäit opgestallt ass, kann en niewent senger Opléisung duerch d'Parteien och duerch verschidde Situatiounen automatesch (per Gesetz) beendegt ginn. Dëst geschitt zum Beispill wann:

- den:d' Dokter:esch bei der Visite médicale d'embauche eng Onfäegkeet vum:vun der Salarié:e di envisagéiert Tätegkeet auzeübe feststellt
- de:d'Salarié:e oder den Employeur stierft
- den Employeur faillite geet
- de:d'Salarié:e eng Alterspensioun oder eng Invaliderent kritt

### Wéi kann een e CDI kënnegen?

**Delaien**

Déi Persoun, déi de Kontrakt kënnegt, sief dat de:d'Salarié:e oder den Employeur, muss e gewëssen Delai op Basis vun der Anciennetéit vum:vun der Salarié:e anhalen.

Am Fall vun enger Faute grave kann de Kontrakt vu béide Säite gekënnegt ginn, ouni dass en Delai agehal muss ginn.

**Muss ech uginn, firwat ech kënnegen?**

Nee, d'Kënnegung vun engem:enger Salarié:e muss net motivéiert sinn. Wann de Patron de Kontrakt kënnegt[2], muss hien dogéint en trëftege Grond hunn an op Nofro vum:vun der Salarié:e och uginn.

**Firwat kann ech gekënnegt kréien?**

Et gi verschidde Grënn, firwat en Employeur engem:enger Salarié:ekënnege kann:

- Kënnegung, déi duerch d'Persoun bedéngt ass: wéinst Problemer, wat d'Fäegkeeten oder d'Behuelen op der Aarbecht ugeet. Esou eng Kënnegung geschitt entweder mat engem Preavis oder ouni, am Fall vun enger Faute grave vum:vun der Salarié:e.
- Kënnegung aus wirtschaftleche Grënn: aus Grënn, déi mam Fonctionnement vum Betrib ze dinn hunn. Esou eng Kënnegung geschitt ëmmer mat Preavis.
- Kënnegung wéinst Faute grave: Eng Faute grave läit vir, wann eng weider Zesummenaarbecht net méi méiglech ass, well d'Vertrauen tëschent dem Employeur an dem:d'Salarié:egebrach ass, zum Beispill a folgende Fäll:
  - o Feelen ouni Begrënnung
  - o Klauen
  - o Physesch Menace a Gewalt géintiwwer dem Employeur oder Kollegen
  - o Verweigerung vun engem Uerder.

**Wat fir eng Zorte vu Kënnegung ginn et?**

Et gi folgend Fäll:

- Kënnegung mat Preavis: D'Kënnegung mat Preavis ass de Broch vun engem Kontrakt duerch den Employeur, deen eréischt no enger gewëssener Zäit a Kraaft trëtt. Eng Kënnegung mat Preavis muss prinzipiell duerch en ageschriwwene Bréif festgehale ginn. De Bréif kann och dem:d'Salarié:e perséinlech iwwerreecht ginn an de:d'Salarié:e muss dann en Accusé de réception op eng Kopie vum Bréif setzen. Wann d'Entreprise op d'mannst 150 Salariéen huet, muss virun der Kënnegung e Virgespréich stattfannen. Wann d'Entreprise méi kleng ass, kann de:d'Salarié:e ouni Virgespréich gekënnegt kréien.
- Direkt Kënnegung: D'direkt Kënnegung trëtt, wéi den Numm et seet, direkt a Kraaft. Si kann nëmmen am Fall vun enger Faute grave erfollegen. Wann d'Entreprise op d'mannst 150 Salariéen huet, muss virun dëser Kënnegung vum:vun der Patron:ne och e Virgespréich stattfannen.

## Contrat à durée déterminée (CDD)

1 De Léierkontrakt huet seng eege Spillregelen. Net all Dispositiounen, déi fir den Aarbechtskontrakt virgesi sinn, gëlle fir den Léierkontrakt.

2 Ausser an der Proufzäit.

De Contrat à durée déterminée (CDD) ass op eng zäitlech begrenzt Period an op d'Ausféiere vun enger bestëmmter Aufgab limitéiert.

En CDD dierf net fir permanent a normal Aufgaben an enger Firma ofgeschloss ginn. Dofir muss een e CDI ofschléissen.

### Wéini kann een dat maachen?

E CDD kann een zum Beispill ofschléissen:

- fir e:eng permanente Salarié:e ze ersetzen, deen aus gesondheetleche Grënn oder Ähnlechem, eng Zäit laang fort ass,
- wann d'Firma temporär méi Aarbecht huet,
- fir saisonal Aarbechten auszeféieren.

### Wéi laang geet e CDD?

E CDD ka fir maximal zwee Joer ofgeschloss ginn. Seng Dauer muss un d'Missioun ugepasst sinn.

Et kann een och méi kuerz CDDen ofschléissen. An dësem Fall däerf de Kontrakt zwee Mol erneiert ginn, mee d'Gesamtdauer vum Kontrakt mat maximal 2 Renouvellementer däerf net iwwer 24 Méint erausgoen.

De CDD hält automatesch no sengem Echéancedatum op.

### Wéi kann een e CDD kënnegen?

Ausser bei enger Faute grave, kann de CDD net eesäiteg gekënnegt ginn, soss huet de:d'Salarié:e oder den Employeur gegeebenenfalls d'Recht op Schuedenersatz.

### Wéini gëtt aus dem CDD e CDI?

Wann d'Aarbechtsverhältnis nom Enn vum CDD weidergeet, gëtt aus dem Kontrakt automatesch e CDI. An deem Fall gëtt et och keng nei Proufzäit.

## Interimsaarbecht

„Interimsaarbecht" ass, wann eng Interimsagence enger anerer Firma e:eent Salarié:e zur Verfügung stellt, deen eng präzis Aufgab wärend enger limitéierter Zäit ausféiert. Eng Firma kann zum Beispill op Interimsaarbecht zeréckgräifen, wann e.eng Salarié:e krank gëtt oder op eemol vill méi Aarbecht ufällt, wéi virgesinn. An dësem Fall ënnerschreift de:d'Salarié:e e Kontrakt mat der Interimsagence, duerch deen hien sech engagéiert, eng Aufgab bei enger drëtter Firma auszeféieren. D'Interimsagence ass dem:der Salarié:e säin Employeur.

## Kollektivverträg

### Wat ass e Kollektivvertrag?

E Kollektivvertrag ass e Kontrakt tëscht de Vertrieder vun de Salariéen an dem Employeur oder engem Patronsverband deen d'Aarbechtsrelatiounen a – konditioune reegelt.

### Wéini ass e Kollektivvertrag gülteg?

E Kollektivvertrag ass nëmme valabel, wann en Bestëmmungen enthält, déi mei favorabel fir de:d'Salarié:e sinn, ewéi d'Mindestbestëmmungen aus dem Aarbechtsgesetzbuch.

Eenzel Verträg an intern Reglementer vun der Firma mussen och dem Kollektivvertrag gerecht gin andeem se Bestëmmungen enthalen, di mei gënschteg wi de Kollektivvertrag sinn.

### Fir wien gëllt de Kollektivvertrag?

Wann d'Firma mat enger Gewerkschaft e Kollektivvertrag ofgeschloss huet, gëllt dee fir sämtlech Salariéë vun dëser Firma. Wann s du an esou engem Fall bass, kriss du de Kollektivvertrag och op dengem éischte Schaffdag.

### Muss ech dofir Member bei enger Gewerkschaft sinn?

Nee, dat muss de net.

## PROUFZÄIT

**Aktualiséierung 2024**

### » Wat versteet een ënner Proufzäit a wat ass d'Zil dovun?

D'Zil vun der Proufzäit ass et, dem Employeur Zäit ze ginn, fir d'Kompetenze vum:vun der Salarié:e ze bewäerten an dem:der Salarié:e d'Chance ze ginn, sech eng Iddi vu senger Aarbecht ze maachen.

### Muss d'Proufzäit am Kontrakt stoen?

Jo, d'Klausel vun der Proufzäit muss schrëftlech am Kontrakt festgehale ginn. Eng mëndlech festgeluechte Proufzäit ass net gülteg.

Allerdéngs, wann am Kollektivvertrag eng obligatoresch Proufzäit fir all neie Salarié virgesinn ass, muss dës net méi explizit am Aarbechtskontrakt ernimmt ginn.

Eng Proufzäit kann u sech an all Kontrakt agebaut ginn, egal ob et sech ëm e CDI, e CDD oder e Contrat d'intérim handelt. D'Bedingungen (z. B d'Dauer vun der Proufzäit) si beim Contrat d'intérim awer anescht.

### Wéi laang leeft d'Proufzäit?

D'Proufzäit fänkt mam Ufank vun engem Kontrakt un. Eng Proufzäit, déi méi spéit ufänkt, ass net gülteg.

D'Proufzäit ass fir minimum zwou Wochen virgesinn a muss no maximal sechs Méint ofgeschloss ginn. Hei ginn et awer zwou Ausnamen:

- Wann de:d'Salarié:e keen Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) huet, dierf d'Proufzäit maximal dräi Méint daueren.
- Eng Proufzäit vu bis zu 12 Méint kann am Vertrag festgehale ginn, wann de Brutto-Ufanksloun méi héich wéi 536€ de Mount beim Index 100 (5 062,14€ mam aktuellem Index vu 944,43) ass.

Am Fall wou am Kontrakt méi eng laang Proufzäit virgesinn ass, wéi erlaabt, gëtt se reduzéiert a leeft automatesch aus wann di erlaabte Maximaldauer erreecht ass.

### Kann eng Proufzäit erneiert, verlängert oder ënnerbrach ginn?

Erneiert? Nee, d'Proufzäit kann net erneiert ginn.

Verlängert? Jo, awer nëmme wann d'Aarbechtszäit wärend der Proufzäit ënnerbrach gouf, z.B. aus gesondheetleche Grënn. D'Proufzäit kann dann ëm déi Deeg verlängert ginn, déi de:d'Salarié:e krankheetsbedéngt gefeelt huet. De Maximum, ëm deen eng Proufzäit ka verlängert ginn, läit awer bei engem Mount.

Ënnerbrach? D'Proufzäit kann am Fall vun enger Schwangerschaft ënnerbrach ginn. Dëst gëllt awer nëmme fir de CDI.

### Wéi kënnegen ech eng Proufzäit?

Wärend deenen éischten zwou Woche vun der Proufzäit kann ee Kontrakt net gekënnegt ginn, ausser am Fall vun enger Faute grave.

No deenen éischten zwou Woche kann de Kontrakt mat engem ageschriwwene Bréif gekënnegt ginn. Oder de Kënnegungsbréif gëtt der anerer Partei perséinlech iwwerreecht an déi gëtt dann en Accusé de réception op d'Kopie vum Kënnegungsbréif.

### D'Kënnegung vum Kontrakt wärend der Proufzäit muss net begrënnt ginn. Muss ech bei der Kënnegung vun der Proufzäit e Preavis anhalen?

Jo, souwuel de:d'Salarié:e, wéi och den Employeur muss en Delai anhalen, fir eng Proufzäit ze kënnegen. Déi eenzeg Ausnam ass d'Faute grave.

Den Delai fir den Employeur an de:d'Salarié:e ass deen nämmlechten an hänkt vun der Dauer vun der Proufzäit of.

| Dauer vun der Proufzäit | Kënnegungsfrist, déi agehale muss ginn |
|---|---|
| 1 Woch<br>2 Woch | Kënnegung net méiglech ausser am Fall vu Faute grave |
| 3 Wochen | 3 Deeg |
| 4 Wochen | 4 Deeg |
| 1 Mount | 15 Deeg |
| 2 Méint | 15 Deeg |
| 3 Méint | 15 Deeg |
| 4 Méint | 16 Deeg |
| 5 Méint | 20 Deeg |
| 6 Méint | 24 Deeg |
| 7 Méint | 28 Deeg |
| 8 Méint | 1 Mount |
| 9 Méint | 1 Mount |
| 10 Méint | 1 Mount |
| 11 Méint | 1 Mount |
| 12 Méint | 1 Mount |

Et handelt sech heibäi ëm Kalennerdeeg an net ëm déi sougenannte Schaffdeeg.

De Preavis muss spéitstens de leschten Dag vun der Proufzäit ophalen, soss verwandelt de Kontrakt sech an en definitiven Kontrakt.

Méi Informatioune fënns du um Site vun der Chambre des salariés: *www.csl.lu/fr/vos-droits/salaries/periode-dessai*

**En français:**
*https://guichet.public.lu/fr/citoyens/travail/fin-contrat.html*

Plus d'informations sur le site de la Chambre des salariés (www.csl.lu), rubrique „Vos droits" > „Salariés" > „Types d'emploi"

**Auf Deutsch:**
*https://guichet.public.lu/de/citoyens/travail/fin-contrat.html*

Weitere Infos auf der Internetseite der Chambre des salariés (www.csl.lu): *https://www.csl.lu/de/ihre-rechte/arbeitnehmer/probezeit*

**In English:**
*https://guichet.public.lu/en/citoyens/travail/fin-contrat.html*

More information on the website of the Chamber of Employees (www.csl.lu)
*https://www.csl.lu/en/your-rights/employees/trial-period/*

## AARBECHTSDOKTER:ESCH (MÉDECIN DU TRAVAIL)

**Aktualiséierung 2024**

De Code du travail gesäit vir, dass all Salarié:e, éier en op senger neier Aarbecht ufänkt, fir eng Consultatioun bei den:d' Aarbechtsdokter:esch goe muss. Dat nennt een den Examen médical d'embauche. Dës Visitt ass gesetzlech virgeschriwwen an dofir obligatoresch.

Den:d' Aarbechtsdokter:esch decidéiert dann, ob s du „fäeg" bass, fir schaffen ze goen.

D'Médecine du travail ass virun allem präventiv an interesséiert sech an éischter Linn fir dat physescht a psychescht Wuelbefanne vum:vun der Salarié:e. Et handelt sech deemno net ëm eng Medezin, déi hëllefe soll, Kandidaten ze selektionéieren.

### Wéini muss ech bei den:d' Aarbechtsdokter:esch?

D'Visite médicale fënnt idealerweis virum éischte Schaffdag statt. Wann et sech net ëm e Poste à risque handelt, mee ëm een normalen Aarbechtsposten, ka se och an deenen éischten zwee Méint stattfannen. Dëst ass bei ville Bürosberuffer de Fall.

### Wat ass d'Roll vun engem:enger Aarbechtsdokter:esch?

Den:d'Aarbechtsdoker:esch huet verschidde Rollen, dozou gehéieren:

- D'Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen an der Entreprise
- D'Adaptatioun vun den Aktivitéiten an den Equipementer
- D'Férdere vun engem gesonden Aarbechtsrhythmus
- D'Protektioun vun de:d' Salarié:e géint physesch, chemesch a psychesch Nuisancen, déi mat der Aarbecht verbonne sinn
- D'Organisatioun vun der Éischter Hëllef an der Entreprise

A verschiddenen Entreprisë kann den Aarbechtsdokter och als Mediateur oder Vermëttler bei moralescher oder sexueller Belästegung op der Aarbechtsplaz intervenéieren.

### Wat gëtt bei der Visite médicale gekuckt?

D'Zil vun dësem Besuch beim: bei der Aarbechtsdokter:esch ass et, erauszefannen, ob de:d'Salarié:e aus medezinescher Siicht gëeegent ass, fir d'Aarbecht auszeféieren. Et gëtt also gekuckt, ob e keng gesondheetlech Problemer huet, déi en dru kéinten hënneren, d'Aarbecht ze maachen, respektiv déi eng Gefor fir hie selwer oder di aner Mataarbechter duerstelle kéinten.

### Drogentester

A verschiddene Firmaen, déi an der Industrie täteg sinn, ginn och toxikologesch Tester vum:vun der Aarbechtsdokter:esch duerchgefouert, fir festzestellen, ob de Salarié keng Droge konsuméiert. Verschidde Substanze kënnen nach e puer Méint nom Gebrauch am Blutt oder an den Hoer nogewise ginn. E positiven Test huet oft als Konsequenz, dass een net agestallt gëtt, an dat aus Sécherheetsgrënn.

An der Fonction publique sinn déi Drogentester duerch e Règlement grand-ducal fir verschidden Aarbechtsgruppe virgeschriwwen.

Déi Tester ginn op spezifesch Demande vum:vun der Dokter:esch duerchgefouert. De:D'Salarié:e muss allerdéngs säin Averständnes zum Test ginn. Wann de:d'Salarié:e den Test refuséiert, kann en:d' Dokter:esch verweigeren e „Certificat d'aptitude" auszestellen.

### Wat muss ech maachen, wann ech déi Visite médicale hunn?

Well s du nach net fest agestallt bass, solls du, wéi fir all Virstellungsgespréich, gefleegt an net ënner Alkohol- oder Drogenafloss dech beim:bei der Aarbechtsdokter:esch presentéieren. Am Fall vun enger chronescher Krankheet, vergaange Krankheeten oder bei reegelméissegem Anhuele vu bestëmmte Medikamenter ass et wichteg, déi jeeweileg Ënnerlagen derbäi ze hunn - idealerweis a Form vun engem Rapport vum:vun der Dokter:esch, deen dech behandelt.

Huel och deng Impfkaart mat.

### Wat gëtt den Employeur gewuer?

Wéi all aner Dokteren:Dokteschen, ass och den:der Aarbechtsdokt:esch un de Secret médical gebonnen. D'Informatiounen, déi ausgetosch ginn, bleiwen deemno tëschent dir an dem:der Dokter:esch. Den Employeur kritt just de Certificat, deen dokumentéiert, ob de:d'Salarié:e fäeg ass, ze schaffen oder net. Op dësem medezinesche Certificat kann den Aarbechtsdokter vermierken, ob de:d'Salarié:e weider reegelméisseg muss bei den:d'Dokter:eschgoen, a wa jo, wéi oft. Ee vun den Ziler vun dëse regelméissege Consultatiounen ass, no eventuelle Symptomer oder Krankheeten, déi a Relatioun mat der Aarbecht stoe kënnen, ze sichen.

### Wat geschitt, wann ech de Certificat d'aptitude net ausgestallt kréien?

Och wann nëmme seelen entscheet gëtt, dass e Kandidat fir eng Aarbecht onfäeg ass, soll ee sech bewosst sinn, dass esou eng Decisioun zum Verloscht vun der Aarbechtsplaz féiert an dass et och keen aneren Auswee gëtt. Géint dës Decisioun vum:vun der Aarbechtsdokter:esch kann ee kee Recours aleeën.

Méi Informatioune fënns du um Site vun der Chambre des salariés (www.csl.lu), ënnert der Rubrik „Vos droits" > „Salariés" > „Santé et sécurité au travail"

**En français:**

*https://sante.public.lu/fr/espace-citoyen/dossiers-thematiques/s/sante-securite-travail.html*

Plus d'informations sur le site de la Chambre des salariés: *www.csl.lu/fr/vos-droits/salaries/sante-et-securite-au-travail*



# 04 MENG RECHTER ALS SALARIÉ(E)

## MÄI SALAIRE

**Aktualiséierung 2024**

Als Salarié:e hues du d'Recht, fir deng Aarbecht bezuelt ze ginn. De Montant, deens du kriss gouf am Kontrakt als Bruttoloun mat dengem:er Patron:ne festgehalen. Duerch de Prinzip vum Sozialstaat an der Quellesteier kriss du zu Lëtzebuerg awer net de Bruttoloun, mee de sougenannten Nettoloun.

Nieft dem Bruttoloun kann ee jee no Patron:ne och vun aneren Avantagë profitéieren. Et handelt sech hei zum Beispill ëm d'Chèque-repasen, en Auto, asw.

### » Prinzip vun der Quellesteier

Als Salarié:e zu Lëtzebuerg kriss du net de Bruttoloun op däi Konto iwwerwisen, mee den Nettoloun. Däi:eng Patron:ne bezilt all Mount fir dech deng Steieren a Sozialkotisatiounen an iwwerweist dir dann de Nettoloun. Dat ass de Prinzip vun der Quellesteier.

### » Vum Bruttoloun op de Nettoloun

#### Bruttoloun

De Bruttoloun ass dat, wat ee kritt, éier d'Sozialkotisatiounen an d'Steieren ofgerechent ginn. Normalerweis verhandelt een de Bruttoloun mat dem:der Patron:ne. Dëse Montant muss och am Kontrakt dra stoen.

#### Nettoloun

Den Nettoloun ass dat, wat däi:deng Patron:ne dir all Mount op däi Konto iwwerweist.

### » Wat gëtt alles vu mengem Bruttoloun ofgerechent?

Vum Bruttoloun gi verschidde Saachen ofgerechent. Dee gréissten Deel dovu maachen d'Sozialkotisatiounen an d'Steieren aus.

Zu de Sozialkotisatioune gehéieren:

- D'Krankekeess (3,05%)
- D'Pensiounskeess (8%)
- D'Fleegeversécherung (1,4%)

Als Abattement virun de Steiere kommen nach d'Deplacementskäschten.

Duerno ginn dann d'Steieren ofgehal.

### » Mindestloun

Zu Lëtzebuerg gëtt et e soziale Mindestloun (SSM), dee jidderee fir seng Aarbecht als Minimum muss kréien.

Den onqualifizéierte Mindestloun läit aktuell bei 2 570,93€ (Index 944,43) de Mount. De Salaire läit ëm 20% méi héich, wann d':den Salarié:aire fir d'Plaz qualifizéiert ass an ëm 20 bis 25% méi déif, wann et sech ëm e Jugendlechen handelt.

| Alter a Qualifikatioun | | Stonneloun | Salaire pro Mount |
|---|---|---|---|
| Méi al wéi 18 Joer an net qualifizéiert | 100% vum SSM | 16,0683€ | 2 570,93€ |
| Méi al wéi 18 Joer a qualifizéiert | 120% vum SSM | 19,2819€ | 3 085,11€ |
| Tëschent 17 an 18 Joer | 80% vum SSM | 12,8546€ | 2 056,74€ |
| Tëschent 15 a 17 Joer | 75% vum SSM | 12,0512€ | 1 928,20€ |

Méi Informatiounen heizou fënns du um Site vun der Chambre des salariés: *www.csl.lu/fr/vos-droits/salaries/remuneration*

## SOZIALKOTISATIOUNEN

**Aktualiséierung 2024**

### » Sozialversécherung

De Centre commun de la sécurité sociale a seng Aufgaben.

De Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) ass en autonomen Etablissement public, deen ënnert dem Ministère de la Sécurité sociale steet. Als Persoun, déi zu Lëtzebuerg schafft, muss ee beim CCSS affiliéiert si fir datt ee géint sämtlech Riske versécher ass.

Dem CCSS seng Haaptmissioune sinn:

- D'Affiliatioun vun de Salariéen a Fräiberuffler:innen bei der Sécurité sociale,
- D'Festleeën an d'Ophiewe vun de Sozialkotisatiounen (fir Krankheet, Maternité, Aarbechtsaccident, Beruffskrankheeten, Alter, Invaliditéit a Fleegebedierftegkeet)
- D'Verdeelung vun dëse Sozialkotisatiounen op déi verschidden Institutioune vun der Sécurité sociale

#### Wéi kommen ech do dran?

All Persoun, déi zu Lëtzebuerg als Salarié:e schafft an dofir bezuelt gëtt, ass als „Travailleur salarié" z'affiliéieren. De:D' Patron:ne iwwerhëlt d'Umeldung vum:vun der Salarié:e beim CCSS. Dës Aschreiwung muss bannent aacht Deeg vum Ufanksdatum vun dengem Kontrakt geschéien. Du kriss dann en Accusé heem geschéckt, deen deng Affiliatioun attestéiert.

#### Wat hunn ech dovun?

D'Affiliatioun beim CCSS erlaabt et dem Salarié:e a senger Famill, ënnert anerem vun de Prestatioune vun der Kranken- a Maternitésassurance ze profitéieren a spéider eng Pensioun kennen ze kréien.

#### Wéi bezuelen ech meng Sozialkotisatiounen?

Als Salarié:aire muss du selwer näischt bezuelen. Däi:Deng Patron:ne iwwerhëlt dat fir dech.

Um Enn vun all Mount gëtt de:d' Patron:ne de Montant vun dengem Bruttoloun an d'Zuel vun de Stonnen, déi's du geschafft hues, un de CCSS weider. Op där Basis rechent den CCSS de Montant vun de Sozialkotisatiounen aus, déi den:d' Employé:e bezuele muss, an deelt dem:der Patron:ne et mat. Dës Zomm enthält souwuel dem:der Patron:ne säin:hiren Deel (Part patronale) wéi d':dem Salarié:aire säin Deel (Part salariale). De:D' Patron:ne huet op senger:hirer Säit schonn d'Part salariale direkt vum Bruttoloun ofgezunn a këmmert sech drëm, dass d'Sozialkotisatioune bezuelt ginn.

Vum 1. Januar 2023 u sinn d'Kotisatioune fir d':de Salarié:aire déi folgend:

| Risk | Charge | |
|---|---|---|
| | Salarié:e | Employeur |
| **Krankheet** | 3,05% | 3,05% |
| **Pensioun** | 8% | 8% |
| **Accident** | | 0,75% (x facteur bonus/malus) |
| **Mutualitéit** | | Tëscht 0,60% an 2,98% |
| **Fleegebedierftegkeet** | 1,4% | |
| **Aarbechtsmedezin** | | 0,14% |

**Kontakt**

Centre commun de la sécurité sociale
Guicheten: 125, route d'Esch, Lëtzebuerg
Courrier: L-2975 Lëtzebuerg
Tel.: +352 40 14 11 / Internetsäit: *www.ccss.lu*

## CAISSE NATIONALE DE SANTÉ (CNS)

**Aktualiséierung 2024**

### » Wat ass d'CNS?

D'Gesetz iwwert den Eenheetsstatut vun 2008 huet zur Grënnung vun der Caisse nationale de santé gefouert. D'CNS, oder „d'Gesondheetskeess", ass en autonoomen Etablissement public, dat ënnert dem Ministère fir Sozialversécherung steet. Säit der Aféierung vum Eenheetsstatut, ass d'CNS souwuel den Uspriechpartner fir all d'Salariéen aus dem Privatsecteur, wéi och fir d'Aarbechter beim Staat. D'CNS gëtt vun engem Conseil d'administration verwalt, zesummegestallt aus Salariat a Patronat. De President vun der CNS, e Staatsfonctionnaire, gëtt vum Grand-Duc nominéiert.

### » Wat ass den Ënnerscheed tëschent dem CCSS an der CNS?

Jiddereen, deen zu Lëtzebuerg schafft, sief et fir een Aneren:t oder als Fräiberuffler:in, gëtt obligatoresch iwwert de „Centre commun de la sécurité sociale" (CCSS) sozialverséchert. Dës Versécherung zielt fir Krankheet, Maternité, Aarbechtsaccidenter a Beruffskrankheeten, Alter, Invaliditéit a Fleegebedierftegkeet. Dës Affiliatioun erméiglecht et dem Versécherten a senger Famill, vun de Leeschtunge vun der zoustänneger Krankeversécherung ze profitéiren an zwar iwwert déi kompetent Keess, z.B. d'CNS.

### » Wourëm këmmert sech d'CNS?

D'Gesondheetskeess ass ënner anerem responsabel fir d'Leeschtunge vun der Kranken- a Maternitésassurance. Hei gëtt tëschent Geldleeschtungen a Sachleeschtungen ënnerscheet.

#### Prestation-en-espècen

Prestation-en-espècë si Geldleeschtungen. Et handelt sech heibäi ëm Entschiedegungen, déi dem Haaptversécherte bezuelt ginn, fir e verluerent Akommes auszegläichen.

**Déi verschidde Geldleeschtungen si finanziell Entschiedegunge fir:**

- Aarbechtsonfäegkeet
- Maternité an Accueil
- E Congé aus familiäre Grënn
- Eng Aarbechtsdispens wéinst Maternité
- E Congé fir eng Persoun um Enn vun hirem Liewen ze betreien

**Entschiedegung fir Aarbechtsonfäegkeet**

E Certificat vum: vun der Dokter:esch, deen zu Lëtzebuerg ausgestallt gëtt, besteet aus dräi Deeler, déi déi folgend Informatiounen enthale mussen:

- D'Datumer vum Ufank a vum Schluss vun der Aarbechtsonfäegkeet
- De Code-diagnostic
- Den Datum, op deem de Certificat ausgestallt gouf

Fir eng Aarbechtsonfäegkeet ze dekleréieren, muss de Versécherten den éischte Volet vum Krankeschäin un d'CNS adresséieren, den zweeten un den Employeur an den drëtte selwer behalen. D'Deklaratioun vun der Aarbechtsonfäegkeet muss bannent dräi Schaffdeeg nodeems de Versécherten als aarbechtsonfäeg erkläert gouf un d'CNS geschéckt ginn. Fir d'Anhale vum Delai ass de Poststempel ausschlaggebend. Ausserdeem ass bei all Korrespondenz d'Matriculesnummer unzeginn.

E Krankeschäin ass net néideg fir Aarbechtsonfäegkeeten, déi zwee Deeg oder manner daueren. Allerdéngs muss den Employeur an deem Fall trotzdeem benoriichtegt ginn. Falls d'Aarbechtsonfäegkeet ëfters virkënnt, kann d'Gesondheetskeess verlaangen, dass all Absence op der Aarbechtsplaz (wéinst Krankheet oder Accident) gemellt gëtt, an dat direkt ab dem éischten Dag vun der Absence.

Falls d'Aarbechtsonfäegkeet méi laang dauert wéi de Krankeschäin am Ufank virgesinn huet, muss bis spéitstens den zweeten Aarbechtsdag, nodeems de leschte Certificat ofgelaf ass, en neie Certificat bei der Gesondheetskeess agereecht ginn.

Den:D'Employé:e huet d'Recht, säi Salaire während der Aarbechtsonfäegkeet weider vum Patron bezuelt ze kréien, an dat bis un d'Enn vum Mount an deem de 77. Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet läit, gerechent iwwert eng Referenzperiod vun uechtzéng successive Méint. Ab dem Mount nodeem de 77. Dag Aarbechtsonfäegkeet erreegt ass, huet de:d' Salarié:e d'Recht op eng finanziell Entschiedegung vun der Gesondheetskeess, wann de Contrôle médical vun der Sécurité sociale e positiven Avis ofgëtt.

Fir e:eng Fräiberuffler:in ass dës Entschiedegung bis zum Enn vum Mount, an deem de 77. Dag Aarbechtsonfäegkeet läit, gerechent iwwert eng Referenzperiod vun zwielef successive Kalennerméint, suspendéiert (Période de carence). Fir d'Entschiedegung vun dem:der Fräiberuffler:in wärend dëser Period, muss hie sech fräiwëlleg bei der "Mutualité des employeurs" versécheren. Dann gëtt de:d' Fräiberuffler:in op Basis vun de Krankeschäiner vun der "Mutualité des employeurs" indemniséiert wärend der Période de carence.

De:D'Fräiberuffler:in muss d'Aarbechtsonfäegkeet deklaréieren, andeems en der CNS den éischte Volet vun de Krankeschäiner zoukomme léist, déi d'Period tëschent dem Ufank vun der Onfäegkeet an dem Enn vun der Période de carence integral ofdecken. D'Période de carence leeft eréischt ab dem éischten Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet, déi duerch e Krankeschäin, deen un d'CNS geschéckt gouf, ofgedeckt ass. Fir d'Aarbechtsonfäegkeet ze verlängeren, muss en neie Certificat vum: vun der Dokter:esch virum Enn vum lafende Certificat ageschéckt ginn.

Während deenen éischte fënnef Deeg vun der Aarbechtsonfäegkeet ass et net erlaabt, aus dem Haus ze goen (och wann um Krankeschäin de Géigendeel steet). Ab dem sechsten Dag si Sortien tëschent 10:00 an 12:00 Auer an tëschent 14:00 an 18:00 Auer erlaabt, wann den:d' Dokter:esch ukräizt, datt näischt géint eng Sortie schwätzt.

Déi noutwenneg Sortië fir bei de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, de:d' behandelnd:en Dokter:esch oder en aneren Ubidder vu Gesondheetsleeschtunge sinn ëmmer erlaabt. D'Persoun muss dës Sortien awer beleeë kënnen, falls néideg.

**Persounen, déi als aarbechtsonfäeg zielen, dierfen net:**

- U Sportsaktivitéiten deelhuelen (ausser op Empfeelung vum:vun der Dokter:esch)
- Aktivitéiten ënnerhuelen, déi net mat hirem Gesondheetszoustand kompatibel sinn
- Sech an engem Café, engem Restaurant oder Ähnlechem ophalen, ausser fir eng Moolzecht zou sech ze huelen an ënner der Konditioun, datt d'CNS am Viraus informéiert gouf, per Mail, an dat ab dem éischten Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet. Zu dësem Zweck gëtt et e spezielle Formulaire, deen um Site vun der CNS ausgefëllt sollt ginn.

  *www.cns.public.lu/de/assure/vie-professionnelle/arret-de-travail/maladie/demande-prise-repas.html*

Déi arbechtsonfäeg Persoun muss der CNS déi genau Adress (Uertschaft, Strooss, Nummer, Etage, asw.) uginn, op där si sech während der Aarbechtsonfäegkeet ophält. D'Adress vum Openthalt wärend dem Krankeschäi muss um Certificat ugi sinn, falls et eng aner Adress ass, wéi déi legal Adress vun der Persoun. Wann dat net de Fall ass, muss d'Persoun der CNS d'Adress per Mail duerchginn, andeems se de spezielle Formulaire um Site vun der CNS ausfëllt.

*www.cns.public.lu/fr/assure/vie-professionnelle/arret-de-travail/maladie/adresse-sejour-temporaire.html*

Ab deem éischten Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet kann e:eng Kontroller:euse vun der CNS tëschent 8:00 an 21:00 Auer op der Plaz iwwerpréifen, ob de Versécherten op där Adress, déi hien eragereecht huet, unzetreffen ass. Wann dat de Fall ass, stellt hie seng Presence fest, anerefalls huet de Versécherten dräi Schaffdeeg Zäit, fir seng Absence ze justifiéieren.

**Entschiedegung fir Maternité oder Accueil**

De Maternitéscongé fänkt am Prinzip aacht Woche virum Accouchement un an hält zwielef Wochen duerno op. Bei der Adoptioun vun engem Kand, dat manner wéi zwielef Joer al ass, kann e Congé vun zwielef Wochen accordéiert ginn.

Fir d'Recht op e Maternitéscongé oder e Congé d'accueil ze hunn, ass e Stage d'affiliation obligatoresch. An deem Joer virum Ufank vum Maternitéscongé oder dem Congé d'accueil muss ee minimum sechs Méint obligatoresch verséchert gewiescht sinn, fir datt dat Recht op Entschiedegung duerch d'CNS garantéiert ass. Fir d'Demande fir de Congé de maternité brauch een ee Certificat vum:vun der Dokter:esch deen de viraussiichtlechen Datum vun der Gebuert ugëtt. Dëse muss bannent de leschten 12 Woche vun der Schwangerschaft ausgestallt ginn.

**Entschiedegung fir Congé aus familiäre Grënn**

All Salarié:e oder Non-Salarié:e (Fräiberuffler:in), deen e Kand zu Laaschten huet, huet d'Recht op e bezuelte Congé aus familiäre Grënn, fir kënne bei sengem Kand ze sinn, wann et krank ass, en Accident geschitt ass, oder aner gesondheetlech Grënn seng Präsenz néideg maachen.

D'Dauer vum Congé pour raisons familiales hänkt vum Alter vum Kand of. 3 Altersgruppen si virgesinn:

1. E Kand am Alter vu 0 bis manner wéi 4 Joer /// 12 Deeg Congé pro Kand

2. E Kand am Alter vu 4 bis manner wéi 13 Joer /// 18 Deeg Congé pro Kand

3. E Kand am Alter vun 13 bis manner wéi 18 Joer an hospitaliséiert /// 5 Deeg Congé pro Kand am Fall vun enger Hospitalisatioun . Pour les enfants bénéficiant d'une allocation spéciale supplémentaire (art. 274 du Code de la sécurité sociale), la condition d'hospitalisation ne s'applique pas.

D'Unzuel u Congésdeeg gëlle fir de ganzen Zäitraum fir deen se virgesi sinn a ginn net all Joers op 0 gesat.

Béid Elterendeeler kënnen déi selwecht Unzuel u Congésdeeg huelen awer net zur selwechter Zäit.

Eng Absence muss an dësem Fall mat engem Certificat vum:vun der Dokter:esch justifiéiert ginn.

**Entschiedegung fir eng Aarbechtsdispens am Fall vu Maternité**

Verschidden Aarbechte si geféierlech fir d'Gesondheet vu Fraen, déi schwanger sinn oder nieren. D'Evaluatioun vun de Risike vun der Aarbecht esou wéi och d'Dispens geschéien op Avis vum:vun der kompetenten:er Aarbechtsdoker:esch, op Ufro vum:vun der Patron:ne. Am Fall vun enger Dispens gëtt de Loun net méi vum Employeur bezuelt, mee vun der CNS. Déi néideg Dokumenter fir den Dossier unzeleeë sinn un d'CNS ze schécken.

**Entschiedegung fir d'Betreiung vun enger Persoun um Enn vun hirem Liewen**

Dëse Congé ka vu Salariéë ugefrot ginn, déi Mamm/Papp, Schwëster/Brudder, Duechter/Jong, Partner (Mann/Fra oder legal unerkannte Partner), Schwoer/Schwéiesch oder Schwéierpapp/Schwéiermamm vun enger Persoun mat enger schlëmmer Krankheet am Endstadium sinn. D'Dauer vun esou engem Congé ass op maximum fënnef Schaffdeeg (oder 40 Stonnen) d'Joer pro Fall begrenzt. Wann zwou oder méi Persounen sech d'Betreiung deelen, mussen déi sech déi fënnef Deeg oder 40 Stonnen ënnereneen opdeelen. D'Absence vun der Persoun op der Aarbechtsplaz muss mat engem Certificat vum:vun der Dokter:esch, deen d'Krankheet vun där Persoun, déi betreit gëtt, attestéiert, justifiéiert ginn.

**Entschiedegung am Stierffall**

Falls de Versécherten oder ee vu senge Matversécherte stierft, gëtt dës Entschiedegung ausbezuelt.

## Prestation-en-naturen

Prestation-en-nature si Sachleeschtungen. Dorënner versteet een d'Gesondheetsleeschtungen, déi d'Prestatairen an d'Fournisseuren dem Haaptversécherten an de Matversécherten ubidden.

Et handelt sech dobäi ëm:

- Medezinesch oder zännmedezinesch Versuergung
- Versuergung duerch aner Persounen aus dem Gesondheetssecteur
- Analysen an Ënnersichunge vu Laboratoiren
- Therapeutesch Kuren an Erhuelungskuren no enger OP
- Rehabilitatioun a funktional a psychiatresch Readaptatioun
- Orthopedesch Protheesen, Ortheesen an Epitheesen
- Organspenden
- Medikamenter zu Laaschte vun der Krankeversécherung, ausserhalb vum Spidolssecteur
- Bréller a Kontaktlënsen
- Bluttproduiten a Plasmaderivater
- Transport
- Fleeg an der Klinik
- Néideg medezinesch Anlagen an Apparater
- Leeschtunge während der Schwangerschaft

## » Wéi kréien ech meng Suen zeréck?

**De Prinzip vun der Entschiedegung**

Zu Lëtzebuerg ass et jidderengem fräigestallt, fir seng medezinesch Versuergung, säi Prestataire selwer ze wielen.  Zu Lëtze buerg gëtt et fir all Kategorie vu Prestatairen eng Konventioun an d'Prestatairë mussen sech un d'Tariffer halen, déi an de Nomen clature festgehale sinn.

D'Krankeversécherung iwwerhëlt nëmmen d'Akten, d'Servicer an d'Fournituren, déi an enger Nomenclature oder an de Lëschten, déi vun de Gesetzer, Reglementer, Konventiounen a Statute virgesi sinn, ageschriwwe sinn.

Falls et sech bei engem:r Patient:in ëm en ongewéinleche Fall handele sollt, kënnen d'Prestatiounen, déi sech net an enger Nomenclature befannen, nëmmen ënner verschiddene Konditiounen iwwerholl ginn. De „Contrôle médical" vun der Sécurité

sociale kann decidéieren, Leeschtungen, déi aus dësem Kader erausginn, z'iwwerhuelen.

**Modalitéite vun der Entschiedegung**

Beim Ausbezuele vun den Entschiedegunge ginn et zwou Méiglechkeeten:

- D'Gesondheetskeess iwwerhëlt d'Leeschtung direkt (tiers payant)
- De Versécherte muss d'Sue virstrecken a kritt se da vun der CNS rembourséiert.

An deene Fäll, wou d'Gesetz et virgesäit, iwwerhëlt d'Gesondheetskeess direkt hiren Deel, an de Versécherte muss nëmmen deen Deel, deen net vun der Versécherung iwwerholl gëtt, bezuelen. Am anere Fall bezilt de Versécherten den integrale Montant un de Prestataire (Honoraire, Fraisen, asw.) a schéckt duerno der Gesondheetskeess d'Rechnungen, fir datt déi him deen Deel, deen him zousteet, rembourséiert.

**Opgepasst:** Rechnungen, déi méi wéi zwee Joer nom Bezuelen ageschéckt ginn, ginn net méi rembourséiert.

Et ass méiglech, d'Entschiedegunge per Scheck oder per Echtzäitiwwerweisung an enger vun den Agencë vun der CNS ze kréien, dofir dierfen déi concernéiert Leeschtungen awer net méi wéi zanter 15 Deeg bezuelt sinn a musse mindestens e Montant vun 100€ pro Haushalt erreechen. Scheck kann een ouni Fraisen an all Büro vun der Post aléisen. D'Echtzäitiwwerweisung as eng nohalteg an ëmweltfrëndlech Alternativ an huet d'Virdeeler, datt se séier (e puer Sekonnen) a sécher ass an datt ee sech net deplacéieren an ustelle muss, fir e Scheck anzeléisen.

D'Ëffnungszäite vun den Agencë vun der CNS fannt Dir op hirem Site ënnert www.cns.lu > Agences et contact. D'Agencë sinn op folgende Plazen ze fannen:

Beetebuerg, Maarnech, Dikrech, Déifferdeng, Diddeleng, Esch-Uelzecht, Gréiwemaacher, Cité de la sécurité sociale (Lëtzebuerg Gare), Lëtzebuerg Stad, Miersch, Réiden un der Atert, Munneref, Rëmeleng a Wolz.

***TIPP: Rechnungen, déi een op d'CNS schéckt, musse keen Timber kréien, wann se hei am Land verschéckt ginn. Recommandéë sinn awer ëmmer zu Laaschte vun dem Versécherten.***

**D'Krankeversécherung online via MyGuichet.lu**

De Versécherte ka verschidden Dokumenter, déi d'Krankeversécherung betreffen, iwwer den Onlineportal fir déi administrativ Demarchë vum Lëtzebuerger Staat, MyGuichet.lu, ufroen an zur Verfügung gestallt kréien.

**D'eDelivery-Fonctioun**

D'Aktivatioun vun eDelivery an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu erméiglecht et der CNS, eDocumenter am PDF-Format online ze hannerleeën.

Andeems eDelivery aktivéiert gëtt, verzicht Dir drop, d'Dokumenter a Pabeierform a per Post zougestallt ze kréien. Dëst kann zu all Moment réckgängeg gemaach ginn, andeems Dir d'eDelivery-Fonctioun desaktivéiert.

Konkret kann een:

- eDokumenter a sengem private Beräich op MyGuichet.lu ofruffen (déi Dokumenter, déi iwwer eDelivery kënnen deposéiert a consultéiert ginn, fannt Dir ënner *www.cns.public.lu/fr/assure/cns-goes-digital/edelivery-myguichet.html*;
- perséinlech Donnéeë consultéieren;

oder folgend Demarchë maachen:

- en provisoreschen Ersatzzertifikat vun der Europäescher Krankeversécherungskaart ufroen;
- eng Attestatioun ufroen déi bescheinegt datt ee Recht op Prestatiounen huet déi wärend engem temporären Openthalt a Kap Verde, Marokko, Québec (Studenten:innen), Bosnien a Herzegowina, Tunesien oder der Tierkei kéinten néideg sinn;
- en Zertifikat datt ee matversëchert ass;
- Bankdonnéeën änneren.

**Virdeeler**

Et ginn etlech Virdeeler. Et kann een d'Demarchë vun iwwerall an der Welt 24 Stonnen am Dag, 7 Deeg an der Woch maachen. D'Donnéeën si sécher, d'Demarchë gi séier traitéiert an d'Receptioun vun den Dokumenter geschitt am private Sécherheetsberäich. Well d'Lagerung vun den elektroneschen Dokumenter einfach ass, brauch een net méi d'Pabeier-Versioun vun der Keess, well d'Dokument kann iwwerall an zu all Ablack consultéiert a gedréckt ginn.

**Sécherheetsaspekter**

D'Authentifizéierung mat engem LuxTrust Produkt oder enger elektronescher Identitéitskaart (eID) suergt fir e grousse Sécherheetsniveau bei der Umeldung am private Sécherheetsberäich op MyGuichet. Et erlaabt der Keess de Versécherte kloer ze identifizéieren.

Dës Authentifizéierung ass obligatoresch fir den Detail du remboursement am MyGuichet Beräich gesat ze kréien.

Dofir, einfach den eDelivery aktivéieren. Duerno informéiert eng E-Mail Notifikatioun de Versécherten iwwert den Depot vum Detail du remboursement am private Sécherheetsberäich MyGuichet, wou en dann am PDF-Format consultéiert ka ginn.

D'Authentifizéierung erméiglecht et och, d'Donnéeë vun der Krankekeess fir d'Virbereedung vun de Prozeduren ze benotzen an déi perséinlech Donnéeë bei der Krankekeess ze consultéieren.

Dës online Servicer refletéieren de Wëllen, d'Informatiounsservicer ze moderniséieren an d'Bezéiung tëschent de Versécherten an der Keess ze vereinfachen. Weider Demarchë wäerten no a no op Guichet.lu bäigesat ginn.

**Site**

De Versécherte kann sech aloggen iwwert de Link:
*https://cns.public.lu/fr.html*

## CMCM (CAISSE MÉDICO-COMPLÉMENTAIRE MUTUALISTE)

**Aktualiséierung 2024**

Déi gréisst Mutuelle zu Lëtzebuerg, déi keng Assurancëgesellschaft per se ass, ass d'Caisse Médico-Complémentaire Mutualiste (CMCM). D'CMCM gëllt als Zousaz zu der gesetzlech virgeschriwwener Krankeversécherung an trëtt bei wichtege medezineschen Agrëffer, Zänndokter:esch a bei Openthalter am Spidol zu Lëtzebuerg souwéi am Ausland a Kraaft.

D'CMCM-Assistance ass gratis am Basispackage mat dran a bitt e Service am Fall vun enger Erkrankung oder engem Accident am Ausland. Bei engem Spidolsopenthalt iwwert eis Grenzen eraus ass ee bis zu 100.000€ weltwäit ofgeséchert. De Rapatriement op Lëtzebuerg souwéi d'Birgungskäschten sinn illimitéiert mat abegraff. Souguer eng Reesrécktrëttsversécherung ass mat dran.

Wann een d'Garantie PRESTAPLUS ofgeschloss huet, iwwerhëlt d'CMCM d'Éischt-Klass-Zëmmer esouwéi de Supplement vum:vun der Dokter:esch an d'präventiv Medezin. Zousätzlech gëtt och nach d'Garantie DENTA- an OPTIPLUS ugebue-

den. Dës iwwerhëlt een Deel vun de Käschte vum:vun der Zänndokter:esch, vun Zännimplanten an Zanspangen, esouwéi och bei Bréller, Kontaktlënsen an der Chirurgie réfractive.

Student:innen, déi wärend hirem Schouljoer am Ausland ambulant musse behandelt ginn, kënnen der CMCM fir e Remboursement eng Kopie vun der bezuelter Rechnung mat der Ofrechnung vun der Gesondheetskeess eraschécken. Fir dem:der Student:in onnéideg administrativ Demarchen ze erspueren, kënnen dës Dokumenter och ganz bequeem an direkt iwwer d'CMCM-App eragereecht ginn. D'Bedeelegung un de Fraisen, déi de Student doduerch huet missen droen, gi vun der CMCM iwwerholl.

All Jobstarter:in, deen  deen:déi" iwwer sengen Elteren affiliéiert war a sech elo individuell bei der CMCM umellt, kritt dat lafend Joer an dat Joer drop vun der CMCM geschenkt.

## PENSIOUN

**Aktualiséierung 2024**

D'Caisse nationale d'assurance pension (CNAP) këmmert sech zu Lëtzebuerg ëm d'Pensiounsversécherung vun de Leit, déi am Privatsecteur schaffen a geschafft hunn.

Mir bezéien eis an dësem Kapitel nëmmen op d'Alterspensioun. Informatiounen zur Invalidepensioun oder der Hannerbliwwenepensioun fënns du um Site vun der Pensiounskeess *(www.cnap.lu).*

### » Wéi eng Assurancen ginn et?

Am Lëtzebuerger Sozialversécherungsgesetz ginn et fir d'Pensiounsversécherung verschidden Zorte vu Versécherungszäiten. Déi wichtegst Zäit ass déi vun der obligatorescher Versécherung.

Wann een net méi obligatoresch verséchert ass, kann een sech nach fräiwëlleg oder fakultativ beim Centre commun de la sécurité sociale versécheren. Et kann een och Zäite bei der Pensiounskeess nokafen, wann een z. B. wéinst familiäre Grënn seng Aarbecht reduzéiert oder ganz opgehalen huet.

Zum Zäitpunkt vun der Pensiounsdemande kënnen dann och nach eventuell komplementar Versécherungszäite berécksiichtegt ginn.

#### Assurance obligatoire a wie fält dorënner?

D'Assurance obligatoire ass un eng Beschäftegung gebonnen. D'Cotisatioune fir d'Pensiounsversécherung (8% fir e Salarié:e) ginn direkt vum Bruttoloun ofgehalen.

Als Salarié:e ass een automatesch obligatoresch verséchert. Als Net-Salarié:e (Independant) muss een sech selwer ëm seng Versécherung këmmeren. Dës Umeldung muss beim Centre commun de la sécurité sociale gemaach ginn.

#### Pensiounsalter

Den normale Pensiounsalter läit aktuell bei 65 Joer, wann ee minimum 10 Joer obligatoresch abezuelt huet.

De Pensiounsalter kann, ënnert verschiddene Konditiounen, no vir verréckelt ginn:

- Ab 57 Joer, wann ee minimum 40 Joer obligatoresch abezuelt huet
- Ab 60 Joer, wann ee minimum 40 Joer verséchert war an dovunner 10 Joer obligatoresch abezuelt huet.

Bei de genannten Zäiten zielen am Prinzip och Versécherungszäiten aus der EU a Länner, mat deene Lëtzebuerg eng Konventioun a Saache Sozialversécherung huet, mat.

#### Gi Studien ugerechent?

Jo, d'Studien, déi een am Alter vun 18-27 Joer mécht, ginn als komplementar Zäiten ugerechent. Dat heescht, se hunn net esou eng grouss Valeur, wéi déi Joren, wou een abezilt, a kënne vun anere Versécherungszäite verdrängt ginn (z. B. wann ee wärend de Studien en Niewenjob huet an obligatoresch verséchert ass).

Fir d'Studienzäiten ugerechent ze kréien, muss du zu deem Moment, wou s de deng Pensiounsdemande méchs, der Pensiounskeess entweder en Diplom oder e Certificat d'études vun denger Studienzäit erareechen.

#### Wéi gëtt meng Pensioun gerechent?

De Montant vun der Pensioun ergëtt sech aus Majoration-forfaitairen a Majoration-proportionnellen.

D'Majoration-forfaitairë kritt een opgrond vun de Méint, déi een ugerechent kritt, an d'Majoration-proportionellen ergin sech aus de Kotisatiounen, déi een abezuelt huet.

D'Lëtzebuerger Gesetz gesäit ënner verschiddene Konditiounen eng Mindestpensioun vir.

#### Wat gëtt vu menger Pensioun ofgehalen?

Vun der Pensioun ginn nach e puer Montanten ofgehalen, éier s du se op däi Konto iwwerwise kriss:

- D'Kotisatioune fir d'Krankekeess
- D'Kotisatioune vun der Fleegeversécherung
- Steieren

#### Brauch ech eng Zousazpensioun?

Dat muss jidderee fir sech decidéieren. D'Assurancen an d'Banke bidde verschidde Produiten un. Wann dech dat intresséiert, huel dir einfach e Rendez-vous bei denger Bank oder denger Assurance, a looss der d'Produite genee erklären.

**Kontakt**

cnap.lu
d'Pensiounskeess

**Caisse nationale d'assurance pension**
L-2096 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 22 41 41 - 1
E-Mail: *https://cnap.public.lu/fr/support/contact.html*

**Liens et sites internet / Links and websites:**

*www.cnap.lu*

## STEIEREN

**Aktualiséierung 2024**

### » Wéi, wou, wat, firwat?

#### Firwat bezuelen ech Steieren?

D'Steieren zielen zu de Recettë vum Staat an droen zum gudde Fonctionnement vum Land bäi.

#### Wéini bezuelen ech Steieren? - Lounsteier (RTS)

Zu Lëtzebuerg ginn d'Steieren direkt vun dengem Salaire ofgehalen. Den Employeur gëtt déi Suen direkt un d'Steierverwaltung (Administration des contributions directes) weider. Dat nennt een „ Lounsteier". Als Employé kriss du vun der Steierverwaltung deng Steierkaart geschéckt. Du brauchs se net un däi:deng Patron:ne weiderzeginn. Dee kritt se iwwer Guichet.lu

elektronesch zur Verfügung gestallt a muss se do ofruffen. Du kanns och de Courrier vun der Steierverwaltung op Guichet.lu abonéieren, da kriss du deng Steierkaart do elektronesch zur Verfügung gestallt. D'Steierkaart *(fiche de retenue d'impôt)* ass en Dokument, dat festhält, a wat fir enger Steierklass du bass oder mat wéi engem Taux däi Salaire besteiert gëtt. Et ass e wichtegt Dokument fir de Patron, fir d'Lounsteier vun denger Pai ofzerechnen.

Fir d'éischt solls du kontrolléieren, ob all d'Informatiounen - virun allem d'Steierklass oder den Taux - op der Steierkaart richteg sinn. Wann alles korrekt ass, kanns du se doheem bei deng Dokumenter klasséieren.

Fräiberuffler a Geschäftsleit bezuele keng Lounsteier op hirem Revenu als Independant. Dofir musse si eng Steiererklärung maachen a bezuelen all dräi Méint eng Avance.

### Wéi kréien ech meng Steierkaart?

Deng Steierkaart kriss du automatesch heem geschéckt, wann däi:deng Patron:ne dech beim Centre commun de la sécurité sociale *(www.ccss.lu)* umellt.

Wann s du zum Beispill bestuet gëss oder plënners, muss du däin État civil oder deng Adress op denger Gemeng änneren. Déi Informatioun gëtt dann vun der Gemeng un d'Steierverwaltung weidergeleet an du kriss dann automatesch eng nei Steierkaart heemgeschéckt.

### Wéi gi meng Steiere gerechent?

De Montant vu Steieren, déi ee bezuele muss, hänkt haaptsächlech vun zwou Saachen of:

- Dem Bruttosalaire an deene jeeweilegen Deductiounen (Frais-de-déplacementen, Iwwerstonnen, Cotisatiounen, asw.),
- Der familiärer Situatioun

Et ginn dräi Steierklassen, déi de Steiersaz matbestëmmen:

- Klass 1: Fir onbestuete Leit ouni Kanner, déi manner wéi 65 Joer hunn
- Klass 1a: Fir Wittfraen a Wittmänner, onbestuete Leit mat Kanner zu Laaschten an onbestuete Leit, déi iwwer 65 Joer hunn
- Klass 2: Fir Persounen, déi zesumme besteiert ginn, entweder duerch Bestietnis, PACS, mat oder ouni Kanner zu Laaschten

Onofhängeg vun der Steierklass gi Steieren no der Methode progressive gerechent. Dat heescht: Wat ee méi verdéngt, wat ee méi Steiere bezuele muss. Den Taux variéiert tëschent 0 an 42%.

Um Site vun der Steierverwaltung (impotsdirects.public.lu), ënnert der Rubrik „Barèmes" kanns du online deng Steieren ausrechnen.

## » Steiererklärung an Décompte annuel

D'Lounsteier ass ewéi eng Avance ze betruechten a kann duerch d'Ausfëlle vun engem Décompte annuel oder enger Steiererklärung definitiv regulariséiert ginn. Et kann een änner gewëssen Ëmstänn d'Lounsteier ganz oder zu engem Deel zeréckkréien. Eréischt ab engem Joresakommes vun 12.438€ (Stand 2024) fänkt een un, Steieren ze bezuelen.

### Muss ech eng Steiererklärung oder en Décompte annuel maachen?

Jee no Familljen- a Beruffsstand, muss du entweder en Décompte annuel oder eng Steiererklärung maachen. Eng Steiererklärung muss de zum Beispill maachen:

- wann däin Akommes (Revenu imposable) méi héich wéi 100.000€ ass
- wann s du méi wéi eng Aarbechtsplaz hues, dat heescht wann s du fir méi Patrone gläichzäiteg schaffs
- wann s du nach aner Revenue kriss ewéi zum Beispill Dividenden oder Loyeren

Wann däi:deng Patron:ne deng Steieren direkt vum Salaire ofhält, hues du am Prinzip deng Steiere bezuelt.

A verschiddene Fäll hues du awer Interêt, en Décompte annuel unzefroen, zum Beispill:

- Wann s du Zënsen op engem Prêt bezuelt hues (zum Beispill um Studenteprêt)
- Wann s du eng Zousazpensioun bezils
- Wann s du eng Liewensversécherung, eng Krankeversécherung oder eng Haftflicht bezils (dozou gehéiert och d'Haftflicht fir den Auto, awer net d'Kasko)
- Wann s du Kotisatioune bei enger unerkannter Mutuelle bezils
- Wann s du an e Bauspuervertrag abezils

An dëse Fäll kriss du héchstwahrscheinlech Steiere vum Steieramt zréck.

### Bis wéini muss ech en Décompte annuel eraschécken?

Den Delai fir en Décompte annuel vum Joer X eranzeschécken, ass den 31. Dezember vum Joer X+1.

### Ech hu matzen am Joer ugefaange mat schaffen, muss ech en Décompte annuel maachen?

D'Steieren, déi däi:deng Patron:ne vun dengem Salaire ofhält, sinn op engem Revenu mensuel gerechent. Wann de Salaire net iwwer déi zwielef Méint vum Joer bezuelt gouf, kann et sinn, datt s du ze vill Steiere bezuelt hues well beim Décompte annuel de Revenu nom Barème annuel besteiert gëtt. Et ass deemno unzeroden, en Décompte annuel auszefëllen. Du kriss dee Moment déi Steieren zeréckbezuelt, déi s du ze vill ofgehale krus.

Weider Informatioune fënns du am A bis Z um Site vun der Steierverwaltung an op Guichet.lu ënnert: *www.guichet.public.lu/fr/citoyens/impots-taxes/patrimoine-financier/declaration-revenu-non-resident/obligation-fiscale.html*

oder

*www.guichet.public.lu/fr/citoyens/impots-taxes/activite-salariee-resident/declaration-resident/decompte-annuel.html*

## MÄI CONGÉ

**Aktualiséierung 2024**

## » Jäerlechen Erhuelungscongé

### Wéi vill Congé hunn ech zegutt?

D'Gesetz gesäit e jäerlechen Erhuelungscongé („Congé annuel de récréation") vu minimum 26 Schaffdeeg vir.

Fir Salariéen, déi Deelzäit schaffen, gëllen aner Reegelen. Déi Salariéë kréien undeeleg Congé op Basis vun hirer Wochenaarbechtszäit.

### Wat ass e Schaffdag?

Ënner Schaffdag versteet een all Dag vum Kalenner, ausser sonndes a gesetzlech Feierdeeg.

### Wisou minimum 26 Deeg?

26 Deeg Congé sinn de Minimum, deen all Salarié:e zegutt huet. Duerch Kollektivverträg oder Eenzelverträg mam Employeur kann een awer méi Congésdeeg kréien.

### Ab wéini kann ee Congé huelen?

Am Prinzip kann de:d'Salarié:e ab dem 1. Januar vum Joer säi Congé fir d'ganzt Joer huelen.

Mee! Wann een nei agestallt gouf, muss een dem Gesetz no dräi Méint waarden, éier ee ka Congé huelen. An der Praxis hänkt dat vill vum Employeur of. Dofir rode mir dir, am beschten direkt beim Chef nozefroen, wéi dat an der Firma gehandhaabt gëtt.

### Wéi huelen ech Congé?

D'Prozedur ass an all Firma e bëssen aneschters. Am Prinzip freet de:d'Salarié:e säi Congé bei sengem Employeur oder engem Virgesetzten un. Wann deen näischt dogéint seet, ass de Congé acceptéiert. Wann s du mat anere Leit zesummeschaffs, soll de Congé am beschten openeen ofgestëmmt ginn, fir dass ëmmer ee present ass. Schwätz am beschte mat dengen neien Aarbechtskolleegen, fir gewuer ze ginn, wéi dat an ärer Firma gehandhaabt gëtt.

E Congé ka refuséiert ginn, wann een op der Aarbecht gebraucht gëtt (Besoine vum Service) oder wéinst begrënnte Wënsch vun anere Salariéen (Prioritéit fir Salariéen, déi Kanner zu Laaschten hunn).

### Ka mäin Employeur mäi Congé zeréckhuelen?

Wann de Congé bis accordéiert ass, muss e vum:vun der Salarié:e a vum Employeur agehale ginn, et sief dann, si sinn sech eens fir en ze annuléieren.

### Kann ech mäi Congé an dat nächst Joer mat eriwwerhuelen?

Congé, deen am Laf vum Kalennerjoer wéinst Motif-de-refusen (Besoine vum Service, Wënsch vun anere Salariéen) net konnt geholl ginn, ka bis den 31. Mäerz dat Joer drop reportéiert ginn.

Och wann ee krank war, an dofir kee Congé huele konnt, kann een déi Deeg mat an d'nächst Joer huelen. Dat gëlt am Prinzip bis den 31. Mäerz vun deem Joer.

Congé vum éischte Schaffjoer, deen net geholl gouf, kann op Demande um:vun der Salarié:e onlimitéiert op dat ganzt nächst Joer reportéiert ginn.

## » Extra Congéen

### Fir bei den:d' Dokter:esch ze goen

D'Gesetz gesäit kee Congé vir, deen et dem:der Salarié:e erméiglecht, bei den:d'Dokter:esch ze goen. De:D'Salarié:e muss also den Employeur froen, ob hie wärend der Aarbechtszäit ka bei den:d'Dokter:esch goen, ouni Congé ze huelen.

A verschiddene Kollektivverträg kréien d'Salariéen d'Recht, wärend der Aarbechtszäit bei den:d' Dokter:esch ze goen, ouni Congé ze huelen.

### Aner Congéen

Et ginn nach eng ganz Rëtsch aner Grënn, fir déi ee ka Congé accordéiert kréien. Dorënner falen:

- Congéen, déi un déi perséinlech Situatioun gebonne sinn:
  - o Ausseruerdentleche Congé aus perséinleche Grënn *(congé extraordinaire pour motifs personnels)*
  - o Maternitéscongé *(congé de maternité)*
  - o Pappecongé
  - o Adoptiounscongé *(congé d'accueil)*
  - o Congé parental
  - o Congé aus familiäre Grënn *(congé pour raisons familiales)*
  - o Congé fir eng Persoun um Enn vun hirem Liewen ze betreien *(congé pour l'accompagnement d'une personne en fin de vie)*
- Congéen fir Formatiounen:
  - o Individuelle Formatiounscongé *(congé indidivuel de formation)*
  - o Onbezuelte Formatiounscongé *(congé sans solde pour formation)*
  - o Congé fir sproochlech Weiderbildung *(congé linguistique)*
- Congéë, déi un e Mandat gebonne sinn:
  - o Politesche Congé *(congé politique pour élus communaux)*
  - o Congé fir d'Ausféiere vun engem Mandat *(congé pour mandat social)*
- Congéë fir extra-professionell Aktivitéiten:
  - o Congé fir Leeschtungssport *(congé sportif)*
  - o Spezialcongé fir fräiwëlleg Pompjeen *(congé spécial des pompiers volontaires)*
  - o Congé fir Entwécklungshëllef *(congé de coopération au développement)*
  - o Congé fir Jugendaarbecht *(congé-jeunesse)*
- Congé fir wärend dem Préavis eng nei Aarbecht ze sichen.

Informatiounen heizou fënns du:

- um Site www.guichet.lu, ënnert der Rubrik „Emploi/Travail" – „Congés et jours fériés". *https://guichet.public.lu/de/citoyens/travail/conges-jours-feries.html*

- um Site vun der Chambre des salariés *(www.csl.lu)*, ënnert der Rubrik „Vos droits" – „Salariés" – „Congés légaux" an "Jours fériés légaux".

## KRANKHEET

**Aktualiséierung 2024**

## » Wéi, wou, wat, firwat?

### Wéini muss ech dem Employeur Bescheed soen?

Am Fall wou de:d' Salarié:e krank ass, muss en dem Employeur den éischten Dag, wou en net schaffe kënnt, Bescheed soen.

### Wéi muss ech dem Employeur Bescheed soen?

Et kann een entweder perséinlech Bescheed soen oder eng Drëttpersoun froen. Dat Ganzt ka per Telefon oder E-Mail/Fax geschéien, woubäi E-Mail a Fax et erlaben, duerno e schrëftleche Beweis ze hunn. Mä opgepasst: am Sträitfall ass et um Salarié ze beweisen dat den Patron d'Informatioun iwwert seng

Krankmeldung kritt huet. Et geet also net duer nëmmen een E-mail oder Fax ze schécken et muss een och eng Äntwert kréien, datt de Patron dovu Kenntnis geholl huet.

### Ab wéini brauch ech e Certificat vum:vun der Dokter:esch?

Spéitstens den drëtten Dag, wou een net ka schaffe goen, muss een e Certificat vum:vun der Dokter:esch erareechen. Virdru kann een dat awer och scho maachen. Den Employeur muss de Certificat spéitstens um Enn vum drëtten Aarbechtsdag kritt hunn.

### Firwat muss ech e Certificat vum:vun der Dokter:esch eraschécken?

Wann een dem Employeur direkt den éischten Dag Bescheed gesot an de Certificat vum:vun der Dokter:esch spéitstens den 3. Dag vu senger Absence eraginn huet, ass ee per Gesetz géint Kënnegung geschützt. Fir dass de Kënnegungsschutz gräift, mussen déi zwou Konditiounen erfëllt sinn, an d'Protektioun duerch d'Gesetz ass och zäitlech limitéiert. Si spillt nëmme 26 Wochen ab dem éischten Dag vun der Krankheet.

Hei ginn et e puer Ausnamen. Et besteet kee Kënnegungsschutz wann:

- De Salarié kee Certificat vum:vun der Dokter:esch no dräi Deeg ofginn huet
- De Salarié duerch e Verbriechen oder e Verstouss, un deem hien absichtlech deelgeholl huet, krank ginn ass
- De Salarié dem Employeur net Bescheed gesot huet an de Certificat vum:vun der Dokter:esch eréischt ofgëtt, nodeems hie gekënnegt ginn ass
- D'Schutzperiod vu 26 Wochen ofgelaf ass.

### Ginn ech wärend dem Krankeschäi bezuelt?

Jo.

### Wat geschitt, wann ech wärend mengem Congé krank ginn?

Wann de:d'Salarié:e virun oder wärend sengem Congé krank gëtt, en doduerch net vu sengem Congé profitéiere kann an en e Certificat vum:vun Dokter:esch ofginn huet, ginn déi Deeg, déi e krankgeschriwwen ass, net als Congé gerechent.

### Kann heefegt Feelen duerch Krankheet zur Kënnegung féieren?

Jo, wann een oft oder länger wéinst Krankheet feelt, kann dat e Grond fir eng Kënnegung sinn. Dëst, well villt Feelen och zu Problemer an der Organisatioun vun der Firma féiere kann, an den Employeur net méi kann op säi Salarié zielen. Den Employeur kann dem:der Salarié:e bei sengem Retour oder beim Auslafe vun der Schutzperiod vu 26 Woche kënnegen, an als Grond eng schwéier Désorganisatioun vun der Entreprise wéinst längerem, bezéiungsweis widderhueltem Fortbleiwe vum:vun der Salarié:e uféieren.

Wann s du op 104 Woche réckwierkend gekuckt méi wéi 78 Woche krank bass, da féiert dëst zu enger automatescher Opléisung vum Aarbechtskontrakt. Bei dësen 78 Wochen ass et ganz egal, ob s du wéinst verschidde Krankheete gefeelt hues oder ëmmer nees wéinst där selwechter.

### Kann den Employeur mech bei en:eng Dokter:esch schécken?

Den Employeur kann de:d' Salarié:e wärend dem Krankeschäi bei en:eng Dokter:esch schécken, deen hien erausgesicht huet. De:D'Salarié:e kann dëst net ouni gutt Grënn refuséieren.

Am Fall wou de:d'Salarié:e soll refuséiere bei den:d' Dokter:esch ze goen, kann dat als Faute grave gewäert ginn. En plus fält doduerch de Kënnegungsschutz.

### Wat gëllt als Aarbechtsaccident?

D'Gesetz definéiert en Aarbechtsaccident als en Accident, deen engem Assuréierten duerch seng Aarbecht oder bei der Ausféierung vu senger Aarbecht geschitt.

Als Aarbechtsaccident gëllt awer och den Trajetsaccident. Dat ass en Accident, deen um Wee fir op d'Aarbecht oder um Retour geschitt:

- Tëschent dem Haaptwunnsëtz, dem Zweetwunnsëtz oder all anerer Plaz, déi den Assuréierte reegelméisseg fir familiär Zwecker besicht an der Aarbechtsplaz
- Tëschent der Aarbechtsplaz an dem Restaurant, der Kantin, oder – méi generell gesinn – der Plaz wou den Assuréierte gewéinlech iesse geet a senger Mëttespaus.

Ausser am Fall vun „ausseruerdentlechen Ëmstänn" muss de:d'Salarié:e direkt sengem Employeur iwwer den Aarbechts- oder Trajetsaccident Bescheed soen.

Den Employeur deklaréiert den Accident bei der Association d'assurance accident (AAA) an deelt hir sämtlech Informatioune mat. D'Association d'assurance accident (AAA) ass en Etablissement public, dat sech ëm d'Präventioun an d'Indemnisatioun vun Aarbechtsaccidenter a Beruffskrankheete këmmert.

**Kontakt**

Association d'assurance accident
125, route d'Esch
L-2976 Lëtzebuerg

Ëffnungszäite vun de Guicheten: 8:00 bis 16:00 Auer
Tel.: (+352) 26 19 15 - 1
Fax: (+352) 49 53 35
E-Mail:
• Service vun de Prestatiounen: prestation@secu.lu
• Service vun der Präventioun: prevention@secu.lu

**Liens et sites internet / Links and websites:**

*www.aaa.lu*

Méi Informatioune iwwert d'Krankheet vum:vun der Salarié:e fënns du um Site vun der Chambre des salariés: *www.csl.lu/fr/vos-droits/salaries/sante-et-securite-au-travail*

## FORMATIOUN

**Aktualiséierung 2024**

Lifelong Learning ass haut méi wéi jee en Thema fir Salariéen an Employeuren. Fir sech weiderzëentwéckelen an nei Kompetenzen ze léieren, muss een ëmmer erëm a Formatioune goen.

### » Individuelle Formatiounscongé (Congé individuel de formation)

#### Fir wien ass den individuelle Formatiounscongé?

Den individuelle Formatiounscongé (CIF) riicht sech u Salariéen aus dem Privatsecteur, mee och u Selbststänneger a Fräiberuffler.

### Wéini kann ech vum CIF profitéieren?

Fir vum CIF profitéieren ze kënnen, muss een:

- Zu Lëtzebuerg schaffen
- Duerch en Aarbechtskontrakt un eng zu Lëtzebuerg registréiert Entreprise gebonne sinn
- Zum Zäitpunkt, wou een de CIF ufreet, op d'mannst säit sechs Méint beim Employeur beschäftegt sinn (fir Selbststänneger a Fräiberuffler: säit mindestens zwee Joer zu Lëtzebuerg sozialversëchert sinn)

### Wéi vill individuelle Formatiounscongé hunn ech zegutt?

All Salarié huet am Laf vu senger Carrière 80 Deeg CIF zegutt. Wärend enger Period vun zwee Joer kann ee maximal 20 Deeg huelen an all Congé muss minimum een Dag daueren.

Dës Deeg kënnen, ënner verschiddene Konditiounen, op verschidde Formatioune verdeelt ginn.

Opgepasst! Een Dag CIF entsprécht net engem Schaffdag.

Ëmfro dech am beschten an denger Entreprise, wann et bis esou wäit ass.

Méi Informatiounen heizou fënns du:

- um Site www.guichet.lu: *https://guichet.public.lu/de/citoyens/travail/conges-jours-feries/formation-professionnelle.html*
- um Site vun der Chambre des salariés *www.csl.lu*: www.csl.lu/fr/vos-droits/salaries/conges-legaux/conges-lies-a-la-formation

### Ginn ech während dem CIF bezuelt?

Jo.

## » Congé sans solde pour formation

De Congé sans solde pour formation riicht sech u Salariéen aus dem Privatsecteur. E gëtt hinnen d'Méiglechkeet, sech fir eng limitéiert a festgeluechten Zäit onbezuelte Congé ze huelen, fir eng Formatioun ze maachen.

### Wéini kann ech vum Congé sans solde pour formation profitéieren?

Fir vum Congé sans solde pour formation profitéieren ze kënnen, muss een:

- Am Privatsecteur schaffen
- Op d'mannst zwee Joer beim Employeur agestallt sinn

### Wéi laang kann ech Congé sans solde pour formation huelen?

D'Dauer vum Congé sans solde pour formation ass:

- Minimum véier Wochen um Stéck
- Maximum sechs Méint um Stéck

**Pro Employeur kann ee souguer Congésperiodë cumuléieren bis zu engem Maximum vun zwee Joer.**

**Liens et sites internet / Links and websites:**

*https://guichet.public.lu/fr/citoyens/formulaires/travail-emploi/conge-individuel-formation.html*

*https://guichet.public.lu/de/citoyens/travail/conges-jours-feries/formation-professionnelle/conge-sans-solde-formation.html*

*https://guichet.public.lu/de/citoyens/travail/conges-jours-feries/formation-professionnelle/conge-linguistique.html*

**Institut National des Langues & Centre de langues**
Internetsäit: *www.inll.lu*

**Chambre de Commerce**
Internetsäit: *www.cc.lu*

**House of Training**
Internetsäit: *www.houseoftraining.lu*

**Chambre des Salariés**
Internetsäit: *www.csl.lu*

**Luxembourg Lifelong Learning Centre**
Internetsäit: *www.lllc.lu*

# CHÔMAGE

**Aktualiséierung 2024**

Wéi scho virdrun erklärt, soll een sech als Jonken, wann ee mat der Uni fäerdeg ass, direkt bei der ADEM umellen. Dëst gëllt awer och, soubal ee säi Job verléiert.

All d'Informatiounen zur ADEM fënns du op hirem Site *www.adem.lu.*

## » Wéini kann ech mech bei der ADEM mellen?

Bei der ADEM kann een sech mellen, wann:

- Ee gekënnegt krut
- D'Aarbechtsverhältnis op en Enn gaangen ass (Oflafe vum CDD, Kënnegung, asw.)
- Ee mat senger Tätegkeet als Fräiberuffler ophält oder am Fall vun enger Insolvenz
- Ee mat sengem Studium fäerdeg ass
- Een zwar nach schafft, mee d'Aarbecht wëllt wiesselen.

### Wéi leeft d'Umeldung bei der ADEM of?

Déi einfachst Method, fir sech unzemellen, ass, iwwert MyGuichet ze fueren. *www.adem.public.lu/fr/demandeurs-demploi/sinscrire-a-ladem/comment-sinscrire.html*

### Wat si meng Virdeeler, wann ech mech bei der ADEM mellen?

Eng Umeldung bei der ADEM erméiglecht dir:

- Ënnerstëtzung an Orientéierung duerch d'ADEM bei der Sich no enger Aarbecht ze kréien
- Vun de Servicer vun der ADEM ze profitéieren
- Reegelméisseg Hëllef vun engem:enger Beroder.in vun der ADEM ze kréien
- Chômage ze kréien, falls du d'Konditiounen erfëlls, an doduerch och weiderhi sozialverséchert ze sinn.

### Wéini kréien ech Chômage?

Am Fall wou d'Aarbechtsverhältnis ouni Schold vum:vun der Salarié:eop en Enn geet, huet dësen, ënner verschiddene Konditiounen, d'Recht op Chômage. Och als frësch Diploméierte kanns du heivunner profitéieren.

### Fir Chômage kënnen ze kréien, muss du:

- Ouni eege Schold deng Aarbecht verluer hunn
- Zu Lëtzebuerg wunnen
- Tëschent 16 a 64 Joer al sinn
- Aarbechtsfäeg a prett fir ze schaffe sinn
- Op der ADEM als Demandeur d'emploi ageschriwwe sinn
- Minimum 26 Woche vun deene leschten zwielef Méint geschafft hunn.

**Liens et sites internet / Links and websites:**

*www.adem.lu*

*www.adem.public.lu/fr/demandeurs-demploi/demander-indemnites-chomage/residents/jeunes-sortant-de-lecole.html*

*www.guichet.public.lu/fr/citoyens/travail-emploi/chomage/indemnite-chomage/indemnite-chomage-salarie.html*



CHAMBRE DES SALARIÉS
LUXEMBOURG

# UNE INSTITUTION QUI DÉFEND LES INTÉRÊTS DES ÉTUDIANTS ET DES APPRENTIS

**La Chambre des salariés** est ta voix dans la procédure législative et dans de nombreuses commissions consultatives dans le domaine de l'éducation et de la formation professionnelle.

## 1.

**Télécharge gratuitement des publications**

dédiées aux aides financières pour les études supérieures, aux contrats et stages d'étudiants, au droit du travail et de la sécurité sociale...

## 2.

**Abonne-toi à nos newsletters**

pour rester informé sur l'évolution de tes droits et sur l'évolution socio-économique du pays.

## 3.

**Participe à des formations continues**

en complément de ta formation initale via le Luxembourg Lifelong Learning Centre (LLLC).

Pour obtenir plus d'informations, scanne les codes QR ou visite nos pages www.CSL.lu | www.LLLC.lu

YOU'LL NEVER WORK ALONE.

# 05 ECH HUELEN MÄI LIEWEN SELWER AN D'HAND



## ASSURANCEN

Aktualiséierung 2023

### » De Secteur vun den Assurancen zu Lëtzebuerg

Den Assurancësecteur besteet aus zwou Branchen:

- D'Liewensversécherungen *(assurances-vie)*: Se wierke bei engem Stierffall oder engem Invalidefall. Och d'Assurancë fir Zousazpensioune falen an dës Branche. Lëtzebuerger Assurancë bidden esou Kontrakter och Leit un, déi net zu Lëtzebuerg, mee an engem aneren EU-Land wunnen.
- D'Net-Liewensversécherungen *(assurances non-vie)*: Dorënner falen ënnert anerem Assurancen am Fall vun engem Brand, engem Accident oder engem Schued. Och d'Krankeversécherung an d'Haftflicht falen an dëse Beräich.

Dës Produite sinn am Prinzip nëmme fir Persounen, déi zu Lëtzebuerg wunnen, mee verschidde Gesellschaften hu sech och op Leit aus dem internationale Raum spezialiséiert.

### » Haftflicht

#### Muss ech eng Haftflicht hunn?

Dës Assurance ass zu Lëtzebuerg net obligatoresch. Trotzdeem soll een onbedéngt eng Haftflicht hunn.

#### Firwat brauch ech eng Haftflicht?

Am deegleche Liewe geschéien ëmmer erëm Accidenter, déi d'Haftflicht spille loossen. D'Haftflicht kënnt fir all materiellen a kierperleche Schued op, deen ee selwer oder eng Persoun, fir déi ee responsabel ass (z. B. e Kand), un engem **Drëtte** verursaacht huet.

D'Haftflicht ass hirersäits nees an zwou Branchen opgedeelt:

- Privatliewen: Hei trëtt d'Assurance zum Beispill a Kraaft, wann een eng Persoun am Stroosseverkéier (z. B. mam Vëlo, als Foussgänger, mam Pedelec, mat der Trottinett, asw.) oder beim Sport sollt verletzen, oder wann een e materielle Géigestand vun enger anerer Persoun iertemlech beschiedegt (z. B. Schued um Haus). Et soll een onbedéngt beim Assureur nofroen, wann een déi nei elektresch Gefierer (Pedelec, Trottinett, asw.) benotzt. Meeschtens sinn déi nëmme matverséchert, wa se net méi séier wéi 25 km/h fueren.
- Aarbechtswelt:
    - o Salariéen: Op der Aarbecht gëtt d'Haftflicht am Prinzip vum:vun der Patron:ne iwwerholl.
    - o Fräiberuffler: Fir Persounen, déi selbstänneg sinn, zum Beispill Dokteren:eschen oder Architekten ass et wichteg, an fir verschidden Beruffer obligatoresch, eng eegen Haftflicht ze hunn, déi si an hir Salariéë géint eventuelle materiellen oder kierperleche Schied verséchert, déi op der Aarbecht kënne virkommen oder Schied déi hir Aarbecht Drëttpersounen zoufüügt.

### » Assurancen um Auto

Soubal ee sech en Auto uschaaft, muss een deen och assuréieren. Heifir ginn et vill verschidde Produiten, déi vun enger einfacher Haftflicht (obligatoresch) bis zur Vollkasko (net obligatoresch) ginn. Looss dech am beschte vun engem Agent beroden, fir ze kucken, wat fir dech ubruecht ass.

#### Den Automobil Club Lëtzebuerg (ACL)

Den Automobil Club Lëtzebuerg (ACL) bitt senge Memberen eng Rei Servicer ronderëm den Auto un. Dobäi kann een tëschent verschiddene Produite wielen, jee nodeem, ob ee just zu Lëtzebuerg oder och am Ausland vun de Servicer Gebrauch maache wëllt.

Zu dëse Servicer ziele beispillsweis d'Ofschleefe vum Auto an d'Heembrénge vun de Persounen am Fall vun enger Pann, d'Bereetstelle vun engem Ersatzauto an déi juristesch Ënnerstëtzung. Op internationalem Niveau këmmert sech den ACL och ëm gesondheetlech Servicer am Ausland.

## ËNNERSTËTZUNG

Aktualiséierung 2023

### » Chambre-professionnelle

Zu Lëtzebuerg gëtt de:d'Salarié:e op zwee Niveaue representéiert: de fräiwëllegen an den obligatoreschen.

#### Wat ass eng Chambre professionnelle?

D'Chambre-professionnellë sinn ëffentlech Institutiounen, déi vum Gesetz virgesi sinn. Si setze sech fir d'Erhalen an d'Verbesserung vun den Interesse vun hirer jeeweileger Beruffsgrupp an. Se sinn aus zwou Zorte Memberen zesummegesat, déi all fënnef Joer bei de Sozialwahle gewielt ginn:

- D'Membre-effectifen
- D'Membre-suppléanten

Si hunn d'Recht, der Regierung Virschléi ze maachen zu Beräicher, déi an hirer Kompetenz leien. D'Regierung muss am Géigenzuch d'Chambre professionnelle ëm hir Meenung froen, wann si e Gesetz oder e Règlement grand-ducal, dat haaptsächlech dës Beruffsgrupp betrëfft, duerchsetze wëllt.

Zënter dem 4. Abrëll 1924 ginn et zu Lëtzebuerg fënnef Chambre-professionnellen, dorënner dräi fir d'Patronen an zwou fir d'Salariéen.

**Kontakt**

**Chambre des salariés**
18, rue Auguste Lumière
L-1950 Lëtzebuerg
B.P. 1263
L-1012 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 27 49 42 00
Fax: (+352) 27 49 42 50
E-Mail: *csl@csl.lu*
Internetsäit: *www.csl.lu*

**Chambre des Métiers du Grand-Duché de Luxembourg**
2, Circuit de la Foire Internationale
Lëtzebuerg-Kierchbierg
B.P. 1604
L-1016 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 42 67 67 – 1
Fax: (+352) 42 67 87
E-Mail: *contact@cdm.lu*
Internetsäit: *www.cdm.lu*

**Chambre des fonctionnaires et employés publics**
26, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Tel.: (+352) 47 22 24 - 1
Fax: (+352) 47 23 74
E-Mail: *chfep@chfep.lu*
Internetsäit: *www.chfep.lu*

**Chambre de Commerce**
7, rue Alcide de Gasperi,
L-2981 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 42 39 39 – 1
Fax: (+352) 43 83 26
E-Mail: *chamcom@cc.lu*
Internetsäit: *www.cc.lu*

**Chambre de l'agriculture**
261, route d'Arlon
B.P. 81
L-8001 Stroossen
Tel.: (+352) 31 38 76 – 1
Fax: (+352) 31 38 75
E-Mail: *info@lwk.lu*
Internetsäit: *www.lwk.lu*

## » Gewerkschaften

Zu Lëtzebuerg sinn d'Syndicaten op fräiwëlleger Basis. Déi wichtegst Confederatioune sinn d'CGFP, d'FNCTTFEL, den OGB-L, den LCGB, d'FGFC an d'ALEBA.

### Gewerkschaften a Kollektivverträg

D'Gewerkschaften hunn d'Recht, e Kollektivvertrag ofzeschléissen. Et handelt sech hei ëm e Kontrakt iwwert d'Aarbechtskonditiounen an d'Relatiounen, deen tëschent de Vertrieder vun de Salariéen an de Patronen, oder de Vertrieder vun de Patronen, ënnerschriwwe gëtt.

All Konventioun, Aarbechtsvertrag, internt Reglement oder aner Bestëmmung, déi ofgeschloss gëtt an net mam Gesetz oder de bestoende Konventiounen iwwertenee stëmmt, ass net gülteg, ausser se ass favorabel fir d'Salariéen.

### Muss ech an eng Gewerkschaft goen?

Nee, zu Lëtzebuerg ass d'Affiliatioun bei enger Gewerkschaft fräiwëlleg.

**Kontakt**

**ALEBA**
29, av. Monterey
L-2163 Lëtzebuerg
B.P. 325
L-2013 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 22 32 28 – 1
Fax: (+352) 223203
E-Mail: info@aleba.lu
Internetsäit: www.aleba.lu

**CGFP**
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg
Tel.: (+352) 26 48 27 27
Fax: (+352) 26 48 29 29
E-Mail: cgfp@cgfp.lu
Internetsäit: www.cgfp.lu

**FGFC**
66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg
Tel.: (+352) 40 77 20 – 1
Fax: (+352) 40 77 20 – 40
E-Mail: fgfc@fgfc.lu
Internetsäit: www.fgfc.lu

**OGBL/FNCTTFEL**
63, rue de Bonnevoie
L-1260 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 48 70 44 – 1
Fax: (+352) 48 85 25
E-Mail: info@landesverband.lu
Internetsäit: www.landesverband.lu

**LCGB**
11, rue du Commerce
B.P. 1208
L-1012 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 49 94 24 – 222
Fax: (+352) 49 94 24 – 249
E-Mail: infocenter@lcgb.lu
Internetsäit: www.lcgb.lu

**OGB-L**
B.P. 149
L-4002 Esch-Uelzecht
Tel.: (+352) 54 05 45 – 1
Fax: (+352) 54 16 20
E-Mail: ogbl@ogbl.lu
Internetsäit: www.ogbl.lu

# LOGEMENT

**Aktualiséierung 2024**

## » Eng Wunneng fannen

### 1. Abordabel Wunnengen

Jonk Leit mat engem méi niddregen Akommes hunn d'Méiglechkeet, eng Wunneng iwwert e Partner, dee vum Ministère fir Wunnengsbau konventionéiert ass, ewéi z.B. d'AIS, d'Wunnengshëllef etc. ze lounen. De Partner stellt d'Wunneng, zu engem abordabele Präis zur Verfügung. Déi konventionéiert Partner fënns du ënnert *https://logement.public.lu/fr/locataire/gestion-locative-sociale.html*

De Fonds du Logement an d'Société nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) sinn ëffentlech Promoteure vum Marché vun den abordabele Wunnengen, déi ee lounen oder kafe kann, wann ee verschidde Konditiounen erfëllt. Méi Informatiounen fir eng abordable Wunneng ze kafe, fënns du hei: *https://logement.public.lu/fr/actualites/2024/05/27-campagne-eligibilite-accession-logabo.html*

### 2. Wunnengen um Privatmarché

D'Sich no enger Wunneng um private Marché geet meeschtens iwwert Annoncen (Verkaf a Locatioun), déi an der Zeitung an op bestëmmten Internetsitte publizéiert ginn, z.B. op www.athome.lu. Du kanns awer och direkt iwwert eng Immobilienagence fueren.

D'Informatioune vum Observatoire de l'Habitat kënnen dir heibäi och ganz nëtzlech sinn. Dee sammelt all d'Donnéeën iwwert de Wunnengsmaart an analyséiert d'Offeren an d'Präisser vun de Wunnengen an de Bauterrainen. *(https://logement.public.lu/fr/observatoire-habitat.html)*

## » Eng Wunneng lounen

Wann s du iwwert eng Immobilienagence fiers, fir eng Wunneng ze lounen, muss du dir bewosst sinn, dass an der Reegel d'Fraise fir d'Agence bei engem Mount Loyer leien, wou dann nach eng Kéier 17% TVA dobäi kommen. Och d'Garantie locative fir de Propriétaire vun der Wunneng ka bis zu 3 Méint Loyer ausmaachen. Ganz wichteg: De Loyer vun der Wunneng dierf net iwwert 5% vum Kapital leien, dat de Proprietaire an d'Wunneng investéiert huet.

Maximale Loyer = investéiert Kapital * 0,05:12

Kuck och um Site vum Guichet unique, fir dech iwwert d'Demarchë fir d'Locatioun vun enger Wunneng an iwwert déi verschidde Bäihëllefen ze informéieren:

- d'Subvention de Loyer (Déi Hëllef kann ugefrot ginn wann de Loyer iwwert 25% vum Netto-Akommes ausmécht)
- d'Garantie locative *(www.logement.public.lu/fr/locataire.html)*

Informatiounen dozou ginn et beim Guichet unique des aides au logement:

**Tel.:** (+352) 8002 10 10
**Fax:** (+352) 45 88 44
**E-Mail:** info@ml.etat.lu

## » Eng Wunneng kafen

Kuck um Site vum Guichet.lu oder Logement.lu, fir dech iwwert d'Demarchë fir d'Acquisitioun vun enger Wunneng an déi verschidden Hëllefen ze informéieren: *https://guichet.public.lu/de/citoyens/logement.html*

Wann s du eng Wunneng wëlls kafen, besteet d'Méiglechkeet, fir finanziell Hëllefen ze kréien:

- Garantie de l'État
- Prime d'accession à la propriété
- Prime d'épargne
- Subvention d'intérêt
- Subvention d'intérêt pour prêts climatiques
- Garantie d'État pour un prêt climatique
- Aide financière pour le certificat LENOZ
- Klimabonus
- Primes d'amélioration pour assainissement énergétique

*Informatiounen dozou ginn et beim Guichet unique des aides au logement an op logement.lu (www.logement.public.lu/fr/proprietaire.html).*
*Tel.: (+352) 8002 10 10*
*Fax: (+352) 45 88 44*
*E-Mail: info@ml.etat.lu*

## » Wunnengsbäihëllefen

De Guichet unique des aides au logement vum Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung bitt dir Informatiounen zu follgenden Themen:

- D'Wunnen op gesetzlechem, administrativem an techneschem Plang
- Individuell Hëllefe fir de Logement
- Bautechniken a Gesetzer
- Ekologesch a performant Bauen op Basis vum Energieplang

Denk och un de Crédit d'impôt op den Akte vum Notaire bzw. d'Zréckbezuele vun der TVA um Logement, Mesuren, déi vun der Administration de l'enregistrement et des domaines proposéiert ginn.

## » Abordabel Wunnengen an d'Gestion locative sociale

Leit mat engem niddregen Akommes hunn d'Méiglechkeet, eng Wunneng iwwert ee vum Ministère fir Wunnengsbau a Landesplannung konventionéierte Partner ewéi z. B d'AIS, d'Wunnengshëllef etc. ze lounen. De Partner stellt d'Wunneng, zu engem abordabele Präis zur Verfügung. Déi konventionéiert Partner fënns du ënnert *https://logement.public.lu/fr/locataire/gestion-locative-sociale.html*

De Fonds du Logement an d'Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) sinn ëffentlech Promoteure vum Marché vun den abordabele Wunnengen, déi ee kafen oder loune kann, wann ee verschidde Konditiounen erfëllt.

Méi heizou op *https://logement.public.lu/fr/actualites/2024/05/27-campagne-eligibilite-accession-logabo.html oder www.guichet.lu.*

**Internet:**
*www.guichet.lu (Rubrik „Logement")*
*www.logement.lu*
*www.snhbm.lu*
*www.fondsdulogement.lu*

## ZRÉCKBEZUELE VUM STUDENTEPRÊT

**Aktualiséierung 2024**




## » De Studenteprêt vum « Service Aides financières » bei der Spuerkeess

*Hei zu Lëtzebuerg studéieren oder an d'Ausland goen: Egal wéi s du dech entscheet hues, du hues e Recht op eng Studentebourse an och op e Studenteprêt! Wann s du dech frees, wéi dat genau mam Prêt funktionéiert, ab wéini a wéi een en zréckbezilt an zu wéi engem Taux, dann ass dësen Artikel fir dech.*

### De Prêt zréckbezuelen

- De Prêt besteet aus 6.500 € (3.250 € pro Semester). D'Tauxe variéieren oft, mee de Lëtzebuerger Staat garantéiert dir en Taux vu maximum 2%. Dat heescht, wann z. B den Taux op 3% sollt klammen iwwerhëlt de Staat d'Differenz.
- D'Zënse ginn op de Montant vum Prêt gerechent a sinn all Semester fälleg. Du fänks un, däi Studenteprêt zwee Joer nom Schluss vun denge Studien zréckzebezuelen, an du hues am Ganzen zéng Joer Zäit, fir déi ganz Zomm zréckzebezuelen. Du kanns awer och schonn éischter ufänken, wann s du wëlls a kanns!
- Méi Infoen an Tipps fënns du op eisem Blog ***www.spuerkeess.lu/blog.***

Du kanns och:

- E Rendez-vous op enger Agence ufroen,
- Mat *Spuerkeess Direct* per Telefon ënnert der Nummer (+352) 4015-1, respektiv per E-Mail iwwer d'Adress *sdi@spuerkeess.lu* kontaktéieren.

## WÉI KANNS DU ENG WUNNENG ODER EN AUTO FINANZÉIEREN?

Deng Studie ginn op en Enn an en neit Liewe waart op dech. Et ass Zäit, dech ganz dem beruffleche Liewe ze widmen an déi nächst Etapp vun dengem Liewen virzebereeden. D'Spuerkeess steet dir dobäi gären zur Säit.

### De Prêt personnel

Du muss deemnächst Ausgaben aplangen, fir en Auto, Ëmbauaarbechten oder Miwwel ze kafen? Mam Prêt personnel léins du dir eng fix Zomm iwwer eng definéiert Period vun engem bis fënnef Joer. Als Axxess-Member profitéiers du och nach vun engem reduzéierten Zënssaz!

Mat S-Net, eisem Internet-Banking, kënns du deng Ufro fir e Prêt personnel selwer online maachen. Du brauchs deng Donnéeën net all unzeginn, well se schonn am System sinn. D'Analys gëtt direkt gemaach, sou kriss du séier eng Äntwert an d'Liquidatioun vum Prêt geschitt direkt op däi Compte courant.

Maach eng Simulatioun op eisem Site ***www.spuerkeess.lu/pretplus,*** fir deng Mensualitéit ze rechnen!

### De Leasing

Wann s du e Prêt fir en Auto ophëls, bezils du all Mount den Akafspräis zeréck a hues nach eng ganz Partie zousätzlech Käschten. Firwat net Lease Plus wielen, den operationelle Leasing vun der Spuerkeess, bei deem all d'Käschten abegraff sinn?

Wat sinn d'Virdeeler an d'Facilitéite vun der Offer Lease Plus?

1. All d'Käschten, déi mam Entretien, de Pneuen, der Assurance an der Assistance zesummenhänken, sinn am Präis mat dran. Et gi keng schlecht Iwwerraschungen!
2. Mat Lease Plus sinn all déi administrativ Demarchë vum Autokaf abegraff. D'Umelle vum Gefier, d'Taxe de circulation, d'Assurance an d'technesch Kontroll gi fir dech en Charge geholl!
3. Am Fall vun engem Schued oder enger Pann, geréiert d'Assistance zu all Ament d'Situatioun an offréiert dir, falls du an engem anere Land an Europa eng Pann hues, eng Iwwernuechtung an engem Hotel an en Ersatzwon.

Wann de Kontrakt ausleeft, brauchs du dech weder ëm de Wäert vun der Reprise nach ëm d'Demarchë fir de Verkaf vum Gefier ze këmmeren; du wiels ganz einfach en neien Auto.

Du fënns all d'Detailer op ***www.spuerkeess.lu/leaseplus.***

### Den Immobilieprêt

Och wann de Kaf vun enger Wunneng nach net fir direkt ass, bereet dech fréi genuch vir!

Eng Simulatioun op eisem Site ***www.spuerkeess.lu/logement*** hëlleft dir an enger éischter Phas, dir eng Iddi vun denge Mensualitéiten ze maachen.

Mir roden dir, uschléissend e Rendez-vous mat engem Conseiller Logement vun der Spuerkeess auszemaachen. Hie kann dir op all deng Froen äntweren an all d'Detailer ginn, fir dës Acquisitioun virzebereeden.

An all Fall ass e Basiskapital kruzial. Mam Bauspuervertrag BHW bass du bei all Etapp op der gewonnener Säit:

***www.bit.ly/WohnBausparenPlus***

1. **Du spuers reegelméisseg**

   Wiel e garantéierte Kreditzënssaz mam Kontrakt BHW KomfortBausparen.

   Du profitéiers och vun engem Bonus fir déi Jonk vun 0,6% um souscrivéierte Montant wann s du bei der Souscriptioun, manner ewéi 25 Joer hues (d'Konditioune fënns du op www.bhw.lu).
2. **Du profitéiers vun de steierleche Virdeeler ab denger éischter Pai**

   Du kënns vu bis zu 1.344€ ab dem éischte Besteierungsjoer profitéieren (d'Konditioune fënns du op www.guichet.lu).
3. **Du fänks däin Immobiliëprojet méi fréi u mat der Garantie vum Staat**

   Falls du kee Basiskapital hues fir e Prêt Logement opzehuelen, kann de Staat fir däi Prêt biergen, ënnert der Bedéngung, dass du folgend Krittären erfëlls:

- Du hues e Bauspuervertrag oder e Spuerkont bei enger an der selwechter Bank zanter op d'mannst dräi Joer.
- Du hues e Startkapital vun op d'mannst 240€ op dësem Kont.
- Esoubal s du dës Mindestzomm erreecht hues, muss du all Joer wärend dräi Joer op d'mannst 1000€ op dëse Kont setzen.
- D'Mensualitéit däerf net méi wéi 40% vun dengem „Revenu disponible" ausmaachen.



# 06 ECH MAACHE MECH SELBSTÄNNEG

## MENG EEGEN ENTREPRISE GRËNNEN

Aktualiséierung 2023

Du hues eng gutt Iddi a wëlls gär däin:deng eegen:e Patron:ne ginn? Oder du wëlls eng Entreprise, déi et scho gëtt, iwwerhuelen? Da kommen nei Erausfuerderung an Onkloerheeten op dech zou. Et gëllt, wichteg juristesch, finanziell a steierlech Aspekter an Uecht ze huelen, ouni awer seng eegen Ambitiounen an Iddien dobäi ze vergiessen.

An dësem Kapitel fënns du vill Informatiounen, déi dir op dengem Wee kënne weiderhëllefen.

## CHAMBRE DE COMMERCE – BEGLEEDUNG AM PARCOURS VUN DER SELBSTSTÄNNEGKEET MAM HOUSE OF ENTREPRENEURSHIP AN DER HOUSE OF STARTUPS

Aktualiséierung 2023

**D'Chambre de Commerce steet mat sengen zwee Haiser:**

**House of Entrepreneurship an House of Startups all zukünftegen wéi och schonn etabléierten Entrepreneuren wärend hirer Aventure entrepreneuriale zur Säit a bitt eng ëmfangräich Pallett vu Servicer un.**

### » Vun der Iddi bis zur Selbstännegkeet

All Firmegrënnung fänkt mat enger Iddi un.

Fir datt aus där Iddi eng Kéier e konkrete Projet gëtt, ass et fir d'alleréischt mol wichteg, datt den:déi zukünfteg:en Entrepreneur:in seng Iddi festhält.

Den éischte Schrëtt ass d'Definitioun vun der sougenannter *„Value proposition"*. Verschidde Methoden an Approchen, wéi z.B. de *Business Model Canvas*, erméiglechen et, de Geschäftsmodell ze entwéckelen, a gläichzäiteg den ekonomesche Potential vum Projet schonn um Stadium vun der Iddi ze analyséieren, an idealerweis ze beweisen, datt effektiv Potential do ass.

Bei der Etappe vun der Strukturéierung vum Projet a vum Business modelling kann nyuko hëllefen. nyuko ass eng ASBL, déi do ass fir Entrepreneur:innen an der Phase virun der Kreatioun, ze ënnerstëtzen. Et kann een nyuko iwwert d'Websäit *www.nyuko.lu* kontaktéieren.

Déi zweet Etapp ass deemno de Business-Plang. Bei dësem Dokument handelt et sech ëm eng präzis an detailléiert Analys, déi engem dobäi hëlleft, Struktur a säi Projet ze bréngen an eventuell Schwächten ze erkennen.

Dobäi ass et wichteg, datt ee sech Zäit hëlt a Gedanke mécht, well dës Phas vun der Firmegrënnung ass net nëmme wichteg, fir seng Iddien ze konkretiséieren, de Business-Plang kann och zu engem spéidere Moment dozou déngen, Anerer vu sengem Projet ze iwwerzeegen (z. B. Fir eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat oder eng Finanzéierung vun der Bank).

D'House of Entrepreneurship organiséiert reegelméisseg Workshops iwwer de Business-Plang, fir lech an all de Schrëtter ze ënnerstëtzen, déi fir seng Realisatioun néideg sinn. Dës Atelieren, déi all zwou Wochen an digitaler Form stattfannen, sinn entwéckelt ginn, fir lech ze hëllefen, Ären Entrepreneursprojet virzebereeden, dat och mat enger Partie, déi op de finanziellen Deel vun Ärem Geschäftsplang spezialiséiert ass. Niewent de franséischen Online-Ateliere gëtt et och eng englesch Versioun.

### » Meng Iddi ass innovativ, d'HoST gëtt mäin Doheem

D'House of Startups (HoST) gouf 2017 vun der Chambre de Commerce gegrënnt, mat der Ambitioun, eng dreiwend Kraaft hannert dem Startup- an Innovatiouns-Ekosystem zu Lëtzebuerg ze ginn. D'Haaptmissioun ass et, de Startup-Ekosystem ze federéieren, ze promoten an ze ënnerstëtzen awer och d'Innovatiounsbedürfnisser vun Entreprisen an aneren Organisatiounen ze begleeden. D'HoST ënnerstëtzt a fërdert d'Innovatioun, d'Schafe vun innovative Startups an de wirtschaftleche Wuesstem.

D'HoST ass och e Campus vu bal 6.000 Meterkaree, verdeelt iwwer fënnef Stäck, an huet eng divers Gemeinschaft als Heem fir verschidden Innovatiounshubben (Luxembourg House of Financial Technology - LHoFT, Luxembourg-City Incubator, Hub @ Luxembourg an International Climate Finance Accelerator - ICFA) am Häerze vun der Stad ënnerbruecht.

### » Accès zu reglementéierte Beruffer: Autorisation d'établissement

Wann ee säi Konzept bis kloer definéiert huet, stellt sech d'Fro, wéi eng Autorisatioun(en) een elo brauch, fir de Projet och effektiv lancéieren ze kënnen.

De lëtzebuergesche Legislateur gesäit am Prinzip fir all kommerziell, handwierklech an industriell Aktivitéit eng obligatoresch Autorisatioun am Kader vum „Droit d'établissement" vir.

Soubal eng Aktivitéit dauerhaft op lëtzebuergeschem Territoire ausgeübt gëtt, muss déi betraffe Firma sech op lëtzebuergeschem Staatsgebitt néierloossen an hir Aktivitéit vun engem feste Standuert aus ausüben.

Déi sougenannten „Autorisation d'établissement" muss vun där Persoun, déi spéider fir d'Gestioun vun der Entreprise zoustänneg wäert sinn, bei der Direction générale des Classes moyennes vum Wirtschaftsministère ugefrot ginn.

Fir déi Autorisatioun ze kréien, muss den:d' Demandeu:r:se verschidde Viraussetzungen erfëllen:

- E feste Sëtz zu Lëtzebuerg: Der Demande muss e Beweis vun engem dauerhafte Firmesëtz zu Lëtzebuerg bäileien. Dobäi ass et och nach wichteg, datt de Firmesëtz mat där Adress iwwerteneestëmmt, vun där aus den:d' Demandeu:r:se vun der Autorisation d'établissement effektiv a reegelméisseg d'Gestioun vun der Entreprise aus assuréiert
- Iwwert déi adequat Qualifikatioune verfügen. Déi hänke vun der Aktivitéit of. D'Aktivitéiten am kommerzielle Beräich brauche kee Qualifikatiounsnoweis. Aner Aktivitéite verlaangen spezifesch beruflech Qualifikatiounen, bis hin zum Universitéitsofs
- Seng beruflech Integritéit noweisen: Déi beruflech Integritéit gëtt unhand vun dem:der Demandeu:r:se senger juristescher Virgeschicht beurteelt.

### » Wéi eng Rechtsform (forme juridique) auswielen?

Nieft der Fro iwwert déi néideg Autorisatioun(en), muss e sech och Gedanken driwwer maachen, wat fir eng Rechtsform am beschten zu senger Aktivitéit an der perséinlecher Situatioun passt.

Dës Decisioun soll gutt iwwerluecht sinn, well d'Rechtsform huet spéiderhin e signifikativen Impakt op de Fonctionnement vun där frësch gegrënnter Struktur.

Den:D' Entrepreneur:in muss sech fir d'éischt tëschent der „Entreprise am eegenen Numm" an der Handelsgesellschaft entscheeden.

## » Entreprise am eegenen Numm

D' Entreprise am eegenen Numm ass eng Rechtsform ënnert där den:d' Entrepreneur:in, den:d' Handwierker:in oder de:d' Geschäfts:mann:fra selwer decidéiert a seng Aktivitéite selwer finanzéiert.

Des Weideren ass et wichteg ze wëssen, datt d' Entreprise am eegenen Numm keng eegen Entitéit ass. Dat bedeit, datt d'Entreprise an den:d' Entrepreneur:in net vuneneen ënnerscheedbar sinn. Dëst dréit mat sech, datt dem:der Entrepreneur:in seng Responsabilitéit vis-à-vis vun Drëttparteien (Scholde vun der Entreprise) net limitéiert ass, an e mat sengem perséinleche Besëtz haft.

De Virdeel vun der Entreprise am eegenen Numm läit an der einfacher Gestioun, respektiv de wéinege Formalitéiten, déi néideg sinn, fir esou eng Entreprise ze grënnen an ze leeden.

Den:D' Entrepreneur:in ass net obligéiert, e Mindestkapital ze hunn, a brauch och keng Statute fir seng Aktivitéit ze lancéieren.

## » Handelsgesellschaften

D'Handelsgesellschafte sinn an dräi Gruppen opgedeelt:

1) **Kapitalgesellschaften**
2) **Persounegesellschaften** (Beispill: d'Société en nom collectif – Se gëtt an dësem Text net behandelt, well se relativ rar ass. Op www.guichet.lu fënnt een interessant Informatiounen zu de Persounegesellschaften. Op Nofro kann d'House of Entrepreneurship hei och beroden.)
3) **Hybrid Gesellschaften**

Mir konzentréieren ons an dësem Text an éischter Linn op d'Kapitalgesellschaften an op d'hybrid Gesellschaften, well déi Rechtsformen zu Lëtzebuerg am meeschte verbreet sinn.

## » Kapitalgesellschaften

Bei de Kapitalgesellschaften ass déi meescht verbreete Gesellschaftsform d'Société anonyme (S.A.). Heibäi handelt et sech ëm eng Rechtsform, déi oft vu gréissere Firme gewielt gëtt. Mee doduerch, datt d'Undeeler einfach kënne verkaf ginn, kann d'Société anonyme och fir méi kleng Strukturen interessant sinn.

De gréisste Virdeel vun dëser Gesellschaftsform ass, datt d'Responsabilitéit vun den Aktionäre sech just op d'Kapital limitéiert.

Zousätzlech erméiglecht dësen Typ vu Gesellschaft en einfachen Accès op den Aktiemaart.

Eng S.A. ka just duerch en:eng Notaire, deen zu Lëtzebuerg etabléiert ass, gegrënnt ginn. Des Weideren ass e Kapital vu mindestens 30.000€ néideg an et brauch een op d'mannst eng natierlech Persoun *(personne physique)* oder eng juristesch Persoun *(personne morale)*, fir d'Gesellschaft kënnen ze grënnen.

## » Hybrid Gesellschaften

An der Kategorie vun den hybride Gesellschafte gëtt et d'S.à r.l. an d'S.à r.l.-S.

D'Société à responsabilité limitée (S.à r.l.) ass déi meescht verbreet Rechtsform zu Lëtzebuerg. Ongeféier d'Hallschent vun all de Gesellschaften zu Lëtzebuerg si Société-à-responsabilité-limitéeën.

Genau wéi bei der S.A. geet d'Responsabilitéit vun den Associéë vun enger S.à r.l. bis maximal de Montant vum Kapital. Bei der Grënnung vun enger S.à r.l. muss den:d' Entrepreneur:in iwwert e Kapital vu mindestens 12.000€ verfügen. Wann d'Gesellschaft bis gerënnt ass, kann den:d' Entrepreneur:in déi 12.000€ fir seng Aktivitéit benotzen.

Eng S.à r.l. ka mat engem eenzegen Associé (S.à r.l. unipersonelle) bis hin zu maximal 100 Associéë gegrënnt ginn. Dës Rechtsform ka just vun engem:enger Notaire, deen:déi zu Lëtzebuerg etabléiert ass, gegrënnt ginn. Des Weidere brauch een op d'mannst eng natierlech Persoun oder eng juristesch Persoun, fir d'Gesellschaft kënnen ze grënnen.

Mam Zil, méi Wuesstem, Aarbechtsplazen an Innovatioun ze schafen, gëtt et zu Lëtzebuerg zënter dem 16. Januar 2017 eng nei Rechtsform. Rieds ass vun der Société à responsabilité limitée simplifiée (S.à r.l.-S).

De gréissten Ënnerscheed zu der klassescher S.à.r.l. läit beim Mindestkapital a bei de Grënnungsformalitéiten.

Fir eng S.à r.l.-S ze grënnen, ass mindestens 1€ Kapital néideg. Den:D' Entrepreneur:in kann seng Statute selwer schreiwen an d'Gesellschaft beim Registre de Commerce et des Sociétés - Luxembourg (RCSL) ouni Hëllef vun engem:enger Notaire selwer grënnen.

D'Viraussetzung fir eng S.à r.l.-S kënnen ze grënnen, muss een eng Demande d'autorisation d'établissement beim Wirtschaftsministère areechen. Deemno kann ee just eng S.à r.l.-S grënnen, wann een am Viraus eng Autorisatioun ugefrot huet, an d'Aktivitéit, déi een envisagéiert, och effektiv vum „Droit d'établissement" reglementéiert ass.

Well ee just 1€ Kapital brauch, fir eng S.à r.l.-S ze grënnen, huet de Legislateur virgesinn, datt all S.à r.l.-S um Enn vum Joer, en Zwanzegstel (5%) vum Nettobenefice als Reserv op der Säit hale muss. Dës Reserv ass eng Obligatioun, bis datt dat initiaalt Kapital, zesumme mat der Reserv e Montant vun 12.000€ erreechen.

## » Administratiounen

Wann den:d' Entrepreneur:in seng Autorisatioun bis huet, muss e sech nach bei enger Rei vun Administratiounen umellen, éier e mat senger Aktivitéit ufänke kann.

### Luxembourg Business Register – LBR (Handelsregister)

- **Bei enger Entreprise am eegenen Numm** muss den:d' Entrepreneur:in sech, nodeems en seng Autorisation d'établissement bei de Centre Commun de la Sécurité Sociale (CCSS) siche war, iwwert en elektroneschen Depot als natierlech Persoun beim Luxembourg Business Register (LBR) immatrikuléieren. Dës Obligatioun betrëfft awer just Entrepreneur:innen, déi eng kommerziell, industriell oder handwierklech Aktivitéit ausüben. Fräiberuffler mussen sech net beim Handelsregister umellen.
- **Bei enger Handelsgesellschaft (S.A., S.à r.l., asw.)** mussen d'Statute vun engem Notaire opgestallt ginn. Den:D' Notaire këmmert sech ëm d'Areeche vun de Statute beim LBR.
- **Bei enger Société à responsabilité limitée simplifiée (S.à r.l.-S)** muss den:d' Entrepreneur:in, nodeems en seng Autorisation d'établissement vum Wirtschaftsministère krut, iwwert en elektroneschen Depot oder andeems en e Rendez-vous hëlt, seng Statute beim Luxembourg Business Register (LBR) areeche fir seng Gesellschaft ze grënnen.

**Centre Commun de la Sécurité Sociale (CCSS):** Fir seng Sozialbäiträg ze bezuelen, muss den:d' Entrepreneur:in sech beim CCSS affiliéieren. Am Fall, wou den:d' Entrepreneur:in Personal astelle wëll, muss en nach zousätzlech eng „Déclaration d'exploitation" areechen. Jee nodeem, wéi héich dem:der Entrepreneur:in säin:hiert säin Akommes pro Mount ass, kann hie beim CCSS speziell Regimmer ufroen, déi u säi Revenu adaptéiert sinn.

**Administration de l'Enregistrement et des Domaines (AED):** Fir kënne Rechnungen auszestellen, muss den:d' Entrepreneur:in sech bei der AED aschreiwen an eng TVAs-Nummer ufroen. Jeenodeem wéi héich den Ëmsaz pro Joer ass, kann den:d' Entrepreneur:in eng TVA-Befreiung ufroen a soumat och ouni TVA fakturéieren, wat de Gewënn an / oder d'Kompetitivitéit vun der Entreprise erhéicht.

**Administration des contributions directes (ACD):** Am Prinzip gëtt den:d' Entrepreneur:in automatesch vun der Steierverwaltung (ACD) kontaktéiert, fir senge steierleche Verflichtungen nozekommen. Falls deem net sou wier, muss dee:déi Betraffen:e selwer eng sougenannten „Déclaration initiale" bei der ACD areechen.

Jiddereen, deen sech fir den Entreprenariat zu Lëtzebuerg interesséiert oder einfach nëmme virwëtzeg ass, ka ganz gären d'House of Entrepreneurship besiche kommen. Hei geet e Beroder mat deene Persounen duerch déi verschidden Etappen vun der Iddi an der Kreatioun bis zur Entwécklung a guidéiert se duerch den Ekosystem vum Entreprenariat.

**Kontakt**

**House of Entrepreneurship / Chambre de Commerce**

14, rue Erasme

L-1468 Lëtzebuerg-Kierchbierg

Tel.: ( +352 ) 42 39 39 - 330

E-Mail: *info@houseofentrepreneurship.lu*

Internetsäit: *www.houseofentrepreneurship.lu*

**House of Startups / Chambre de Commerce**

9, rue du Laboratoire

L-1911 Luxembourg

Tel.: (+352) 28 81 00 01

E-Mail: *host@host.lu*

Internetsäit: *www.host.lu*

## LUXINNOVATION

**Aktualiséierung 2023**

Et ginn och nach eng Rei aner Partner, déi dir hëllefen, dech selbstänneg ze maachen, wéi zum Beispill Luxinnovation (Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche). Si hëlleft dir dobäi, däi Projet op Häerz an Nieren ze préiwen, an dat vun der Iddi bis zur Grënnung vun denger Entreprise an dono de Suivi.

**Luxinnovation GIE**

5, Avenue des Hauts-Fourneaux

L-4362 Esch-sur-Alzette

Tel.: (+352) 43 62 63 - 1

E-Mail: *info@luxinnovation.lu*

Internetsäit: *www.luxinnovation.lu*



# 07 RECHERCHE A GEESCHTEGEN EEGENTUM

## DEI EISCHT SCHRËTT A RICHTUNG CHERCHEUR

**Aktualiséierung 2024**

Du bass u Fuerschung interesséiert? Du wëlls nei Sachen entdecken, neit Wëssen schaafen? Du bass passionnéiert iwwert eng bestëmmten Thematik? Dann ass en Doktorat dat Richtegt fir dech. En Doktorat dauert an der Reegel 3-4 Joer, während deenen een un engem wëssenschaftlechen Thema schafft, ënnert der Leedung vun engem erfuerenen Fuerscher (Supervisor). Um Enn gëtt dat neit Wëssen an enger Dokterthees zesummegeschriwwen a bewäert.

En Doktorat ass e langzäitegen Engagement a soll gutt iwwerluecht sinn. Beim Choix vun der Dokteraarbecht soll ee sech ni op eng eenzeg Recommandatioun baséieren. Vill Studente:inne froen hir Professeren ëm Rot, wéi eng Recherche-Aarbecht se wiele sollen. Esou een Avis ass natierlech wichteg, mee fir de Choix vun der Dokteraarbecht an der spéiderer Carrière soll ee sech op alle Fall och nach op anere Plazen informéieren, wéi zum Beispill um Internet, op de sozialen Netzwierker, oder bei aneren Doktorand:innen, déi schonns eng gewëssen Erfarung an dësem Beräich gesammelt hunn. Eier een sech op en Thema festleet ass et ugeroden sech d'Fachliteratur unzekucken an sech e Bild ze maachen iwwert aktuell Fuerschungsfroen an dësem Beräich an iwwert die international Fuerschungsakteuren di doru schaffen.

### » Wie muss ech kontaktéieren?

D'europäesch Associatioun Eurodoc *(www.eurodoc.net/eurodoc-members)* huet national Memberassociatiounen an de meeschten EU-Länner. An dëse Reseaue vun den Doktorand:innen fënnt ee vill Informatiounen zur Recherche a si maachen engem d'Dieren op, wat Kontakter an der Recherche ugeet. LUXDOC ass déi lëtzebuergesch Memberassociatioun vun Eurodoc *(luxdoc.uni.lu/)*. Et ass och gutt, am Viraus bei senger Universitéit nozefroen, well si sécherlech Kontakter an hirem internationalen akademesche Reseau huet, mat deenen si dech a Verbindung bréngе kann.

### » Déi verschidde Méiglechkeeten, fir e Posten an der Recherche ze fannen

„Euraxess" ass en internationale Reseau, dee vill Informatioune fir jonk Chercheure bitt. Dëse Portal proposéiert Chercheursposten a Bourssen oder Financementprogrammer fir déi verschidden europäesch Länner: *euraxess.ec.europa.eu/*

### » Finanziell Ënnerstëtzung während dem Dokorat?

Verschidden Doktorandenposten gin ugebueden mat engem Finanzement vun 3-4 Joer, a Form vun enger Bourse oder als Arbechtsvertrag. Fir aner Doktoratsprojeten muss de Finanzement fir d'éischt nach ugefrot gin.

Fir en Doktorat zu Lëtzebuerg kann een sech bei der Uni.lu *(www.uni.lu)*, oder an enger vun den ëffentlech Fuerschungsinstitutiounen, wéi dem LIST *(www.list.lu)*, dem LIH *(www.lih.lu)* oder dem LISER *(www.liser.lu/)* bewerben. All Doktoranteposten zu Lëtzebuerg sinn publizéiert ënnert der Sektioun „Jobs" op dem Site vun Euraxess Lëtzebuerg *(www.euraxess.lu)*. Allgemeng Informatiounen iwwert den Doktorat zu Lëtzebuerg fënnt een och um Site vun Research Luxembourg (www.researchluxembourg.lu).

De Fonds National de la Recherche offréiert all Joer individuell finanziell Ennerstëtzung fir eng limitéiert Unzuel vun Doktoranden iwwert folgend Programmer:

- „AFR Individual" fir en Doktorat zu Lëtzebuerg di en Doktorat am Ausland wëllen maachen

- „Industrial Fellowships", fir en Doktorat an Zesummenaarbescht mat enger Entreprise zu Lëtzebuerg.

Dës verschidde Méiglechkeeten, fir säin Doktorat ze finanzéiere sinn natierlech jeeweils u spezifesch Konditioune gebonnen. Du fënns dës um Site vum FNR *(www.fnr.lu)*, ënnert der Rubrik „Funding Instruments" *(www.fnr.lu/funding/)*. Reegelméisseg Informatiounen zu den Appeller ginn et och an der FNR Newsletter an an de soziale Medien vum FNR *(FB, Twitter, Instagram a Linkedin)*.

### » Wat fir Precautioune muss ech huelen?

Fir dei spéider Carrière ass et interessant; en Doktorat ze sichen an engem Domaine, an deem et nach vill Nofro vun der Industrie gëtt, wéi zum Beispill an de STEM-Domainer (Wëssenschaft, Technologie, Ingenierie a Mathematik). Et ass ëmmer gutt e Choix ze treffen, deen dech aus der Mass eraushiewe wäert. Et ginn och ëmmer méi interdisziplinär Recherchenprogrammer, ugebueden. Déi bréngе spannend Opportunitéite fir Neiheeten z'entdecken, mee kënnen awer och Aschränkunge fir deng spéider Carrièresentwécklung mat sech bréngen, zumools wann een an der akademescher Fuerschung well bleiwen.

En Doktorat soll net méi wéi 4 Joer daueren (Défense vun der These inclus). Hei ass et wichteg, dass du an där Zäit eng gutt Relatioun souwuel mam Superviseur ewéi och mat den Aarbechtskollegen häls an deem s du mat hinnen a reegelméissegem Kontakt bleifs. Et wier och gutt, wann s du géings envisagéieren, déi eng oder aner Artikelen an den relevanten Fachzeitungen ze veréffentlechen. Probéier och, duerch wëssenschaftlech Reseauen eng gewësse Visibilitéit ze erreechen, zum Beispill duerch d'Präsentatioun vun denger Aarbecht op wëssenschaftleche Konferenzen, duerch wëssenschaftlech Präisser an duerch Evaluatiouns- oder Editiounsaarbechten, an eng gewëssen Experienz am universitären Enseignement ze kréien, ouni däi Projet aus den Aen ze verléieren.

Zu gudder lescht, envisagéier och net-wëssenschaftlech Formatiounen en vue vun denger zukünfteger Carrière (z.Bsp. Project Management, Kommunikatioun,etc.) Je no Méiglechkeet wier et och sënnvoll e Stage wärend dem Doktorat ze maachen, fir deng Perspektiven ausserhalb vum Secteur vun der akademescher Fuerschung ze erhéijen.

**Allgemeng ass et nach interessant ze wëssen:**

- dass all Doktorand:innen zu Lëtzebuerg (an déi meescht vum FNR finanzéiert am Ausland) en Aarbechtsvertrag hun an domat sozial ofgeséchert sinn wärend hirer Dokteraarbecht (z.Bsp. och Urecht hunn op Congé de maternité/Congé parental)
- dass Doktorand:innen zu a vu Lëtzebuerg och Urecht op die staatlech Studienbäihëlleg vum Héichschoulministère hunn.

## BERUFFER A KARRIÄREN AM BERÄICH VUM GEESCHTEGEN EEGENTUM

**Aktualiséierung 2024**

Innovatiounen a kreativ Geschafftes brauchen Experten am Beräich vum geeschtegen Eegentum.

D'geeschtegt Eegentum ëmfaasst folgend Themen:

- Patenter (och Breveten genannt), fir technesch Erfindungen ze schützen déi am Beräich Recherche an Innovatioun wichteg sinn
- Marken, fir Nimm oder Logoen ze schützen, déi am Beräich Marketing wichteg sinn
- Design, fir originell Formen am industriellen oder handwierkleche Beräich ze schützen
- Droits d'auteur, fir Wierker aus dem Beräich vun der Literatur, der Musek, der moderner Konscht, der Architektur, dem Theater, dem Film, asw. an doriwwer eraus och Computerprogrammen ze schützen

## » Viraussetzung fir am Beräich vum geeschtegen Eegentum ze schaffen

D'Viraussetzung, fir am Beräich **vum geeschtegen Eegentum** ze schaffen ass en Ofschloss vun engem techneschen, naturwëssenschaftlechen oder juristesche Studium.

Weider gefrot si Grëndlechkeet am Schaffen, gutt redaktionell a rhetoresch Kompetenzen, souwéi analytescht Denken a Flexibilitéit fir Themen aus verschiddene Beräicher interdisziplinär ze behandelen.

### Mat engem techneschen, naturwëssenschaftleche Studium ...

**... kann een zum Beispill Patentaffekot ginn:**

Nom Studium fänkt een an engem Cabinet de conseil en propriété industrielle un ze schaffen. Et beréit een Entreprisen an Erfinder iwwer Patenter, Marken an Design. Wärend dräi Joer kann ee parallel zur Aarbecht eng Zousazausbildung beim Europäesche Patentamt maachen, fir en Ofschloss als europäesche Patentaffekot ze kréien.

**Mat engem juristesche Studium ...**

... kann een, am beschte mat enger Spezialisatioun am Beräich vum geeschtegen Eegentum, och bei engem Cabinet de conseil en propriété industrielle schaffen, an enger Affekotenetude, oder an enger Entreprise. Hei ass een dann zoustänneg fir déi juristesch Aspekter (Kontrakten, Contentieuxen, asw.) vu Breveten, Marken, Design an Droits d'Auteur.

Weider Beruffer sinn op folgender Internetsäit beschriwwen:

*www.ipil.lu/fr/apprendre/metiers-pi/*

### Wat mécht een op der Schaff?

D'Aarbecht vun engem Patentaffekot besteet doranner, Betriber iwwer Patenter ze beroden, technesch Erfindunge vum Client a Konzepter ze verfaassen an dorausser eng Patentumeldung ze maachen. Am Beruff muss ee kënne wëssenschaftlech an technesch Kenntnisser mat Kenntnisser am Patentrecht verbannen.

E.Eng Jurist.in mat enger Spezialiséierung am Beräich vum geeschtegen Eegentum beréit Clienten a juristesche Froen, déi dat geeschtegt Eegentum betreffen, e schafft z. B. Kontrakter aus. Mat der Qualifikatioun als Avocat à la Cour kann den Affekot zousätzlech d'Rechter vu senge Clientë viru Geriicht verdeedegen.

### Méi Detailer zu Beruffer, déi et zu Lëtzebuerg ginn:

Op der Internetsäit vum IPIL GIE *(www.ipil.lu/fr/apprendre/metiers-pi/)* fannt dir d'Fichen zu allméiglechе Beruffsbiller op Franséisch an op Englesch. Den IPIL kann iech och méi detailléiert Informatioune ginn an iech gegebenenfalls weider Kontakter zu Spezialiste ginn.

*www.ipil.lu/fr/apprendre/metiers-pi/*

**Am Ausland** ginn et och d'Beruffer als

- Patentpréifer beim Europäesche Patentamt (München oder Den Haag) oder
- Markepréifer beim BeNeLux-Amt fir d'geeschtegt Eegentum (BOIP zu den Haag) oder beim Europäeschen Amt fir d'geeschtegt Eegentum (EUIPO zu Alicante)

*Als Marken- oder Patentpréifer iwwerpréift een all Dag déi allerneist kreativ an technesch usprochsvoll Innovatiounen, déi een deelweis eréischt Joren duerno um Marché als Produit oder Service gesäit.*

# NOTES

## NOTES

## NOTES

NOTES

NOTES

NOTES

## » Weider Informatiounen:

**Hues du nach eng aner Fro, déi net an dësem Guide beäntwert ginn ass?**

Kee Problem! Schreif eis einfach eng Mail a mir kucken, fir dir sou séier wéi méiglech deng Fro ze beäntweren oder dech un déi richteg Persoun weiderzeleeden.

| | |
|---|---|
| contact@acel.lu | www.acel.lu |
| ACEL - De Studentevertrieder | acelluxembourg |
| ACEL - De Studentevertrieder | acelluxembourg |


*Seuls les textes légaux font foi (Mémorial A, Code du Travail).*

*Les informations contenues dans la présente publication ne préjudicient en aucun cas à une interprétation et application des textes légaux par les administrations étatiques ou les juridictions compétentes.*

*Le plus grand soin a été apporté à la rédaction de cette brochure. L'éditeur ou l'auteur ne peuvent être tenus responsables d'éventuelles omissions ou erreurs dans le présent ouvrage ou de toute conséquence découlant de l'utilisation des informations contenues dans la présente publication.*

# The bridge to your freedom

SPUERKEESS.LU/axxess






## Ta carte
## Ton compte
## Tes avantages

**JOB**
Pour les jeunes actifs de 18 à 30 ans

axxess

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775